

# kuerz & knapp.

LENZMOUNT №1·26

**MORITZ ROHNER**
Un parcours d'exception

**MAX LEHNEN**
Een Häerz fir d'Veräinsliewen

**TIERS-LIEU**
En visite à Nancy

**ROUDE WEE**
Een neie Schoul- a Sportkomplex

BIELES · EILERENG · SUESSEM · ZOLWER

GEMENG SUESSEM

kk_36_nr01-26.indd 1 13/03/2026 14:50

## MAGAZIN.


6 **Tiers-Lieu**
En visite à Nancy

10 **Making Waves**
Déi kreativ Käpp hannert dem Ëmweltkalenner

14 **Budget 2026**
D'Gemeng an Zuelen

18 **Moritz Rohner**
Un parcours d'exception

24 **Max Lehnen**
Een Häerz fir d'Veräinsliewen

28 **Roude Wee**
Présentation du nouveau complexe scolaire et sportif


## INFORMATIOUNSBLAT.


35 **Sitzung 14.11.2025**

44 **Sitzung 24.11.2025**

67 **Sitzung 28.11.2025**


# kuerz& knapp.

LENZMOUNT №1·26

FSC
DES FORÊTS POUR TOUS POUR TOUJOURS

GEMENG SUESSEM

SUESSEM, JE T'AIME .lu


**GEMENG SUESSEM**
60, rue de la Poste L-4477 Belvaux T (+352) 59 30 75 - 1
mail@suessem.lu **www.suessem.lu**
**fb**/gemengsuessem **instagram**/gemengsuessem



**IMPRESSUM**
Redaktioun, Konzeptioun & Fotoen
**Service des Relations publiques et de la Culture**
Stéckzuel **8.250 Exemplairen**
**Bieles, Mäerz 2026**




kk_36_nr01-26.indd 2 13/03/2026 14:50



VIRWUERT.
ÉDITORIAL.

L

# Léif Matbiergerinnen a Matbierger,

Mir liewen aktuell an enger Zäit voller Wandel, an där och leider d'Onsécherheet eng ëmmer méi grouss Roll spillt. D'Welt verännert sech séier, an domat och eis Gewunnechten, eis Orientéierungspunkten an heiansdo souguer eis Bezéiungen. Dat mierkt een och am Alldag: Op der Strooss, an der Schoul, op der Aarbecht, tëscht Noperen oder an de Famillje gi Gedold a Versteesdemech ëmmer méi rar. D'Kommunikatioun gëtt méi ugespaant an d'Bereetschaft, fir sech géigesäiteg ze hëllefen, hëlt of.

Grad an esou Zäite gewannen d'Wäerter vun der Solidaritéit an dem Respekt hir ganz Bedeitung zeréck. Si sinn d'Basis vun all Gemeinschaftsliewen, de roude Fuedem, deen eis Awunner·inne matenaner verbënnt, déi beschtefalls net nëmmen dee selwechten Territoire, mee och dat selwecht Ideal vun engem gudden Zesummeliewen deelen. Dës Wäerter brauche weder grouss Rieden nach aussergewéinlech Mëttel: Si weise sech an deene klenge Gesten, an der Aart a Weis, wéi mir eis géigesäiteg nolauschteren, begréissen, ënnerstëtzen a matenaner schwätzen.

Eis Gemeng bleift eng privilegéiert Plaz, wou d'Liewensqualitéit op en éierlechen a mënschleche Räichtum opbaut. Mee dës Qualitéit kann nëmme bestoe bleiwen, wann all eenzelne vun eis dozou bäidréit – Dag fir Dag, andeems mir de Respekt virun d'Mësstraue setzen, d'Mënschlechkeet virun d'Gläichgültegkeet.

Loosst eis de Kanner ee gutt Beispill sinn a loosst eis weiderhin aus eiser Gemeng eng Plaz maachen, wou ee sech wëllkomm, verstanen a geschat fillt. Zesumme weise mir, datt eng staark Gemeinschaft virun allem mat Léift a Matgefill gebaut gëtt.

F

# Chères concitoyennes, chers concitoyens,

Nous traversons une période où beaucoup d'incertitudes pèsent sur nos sociétés. Le monde change vite et, avec lui, nos habitudes, nos repères, parfois même nos relations. On le remarque dans la vie quotidienne : sur la route, à l'école, au travail, entre voisins ou au sein des familles, la patience et la compréhension se font plus rares. La communication se tend, les réflexes d'entraide s'effritent.

Pourtant, ce sont précisément dans ces moments-là que les valeurs de solidarité et de respect retrouvent toute leur importance. Ces valeurs sont le ciment de toute vie communautaire, le fil qui relie des habitant·e·s qui partagent un même territoire et un même idéal de bien-vivre ensemble. Elles ne nécessitent ni grands discours ni moyens exceptionnels : elles s'expriment dans de petites attentions, dans la manière dont nous nous écoutons, nous saluons, nous soutenons.

Notre commune reste un endroit privilégié, où la qualité de vie s'appuie sur une richesse humaine authentique. Mais elle ne se maintient que si chacune et chacun d'entre nous y contribue, jour après jour, en choisissant le respect plutôt que la méfiance, la bienveillance plutôt que l'indifférence.

Montrons l'exemple, à nos enfants et à ceux qui nous entourent. Continuons à faire de notre commune un lieu où l'on se sent accueilli, écouté et estimé. Ensemble, prouvons qu'une communauté forte se construit d'abord avec le cœur.

Är Buergermeeschtesch / Votre bourgmestre,
**Simone Asselborn-Bintz**



kk_36_nr01-26.indd 3 13/03/2026 14:50

RAPPORTS DU CONSEIL COMMUNAL.

# Restez informé·e·s!

F

**Saviez-vous qu'en 2025, les rapports du conseil communal ont totalisé plus de 1,5 million de pages?**

Pour limiter cet impact écologique et tenir compte du multilinguisme grandissant de la population, la commune adapte dès juillet 2026 la diffusion de ces documents. Les **rapports du conseil communal** ne figureront désormais plus dans le magazine *kuerz&knapp.,* mais **seront envoyés sur inscription.** La **version française imprimée** pourra, sur demande, être **distribuée dans votre boîte postale**.

Des **versions en allemand et en anglais, tout comme la version française,** pourront également être envoyées **par e-mail,** tandis que les enregistrements audio resteront disponibles quelques heures après chaque séance sur suessem.lu.

L

**Wousst Dir, datt d'Rapporte vum Gemengerot am Joer 2025 méi wéi 1,5 Millioune Säiten ausgemaach hunn?**

Fir dësen ekologeschen Impakt ze reduzéieren an der Méisproochegkeet an eiser Bevëlkerung gerecht ze ginn, passt d'Gemeng d'Distributioun vun dëse Berichter ab Juli 2026 un. D'**Rapporte vum Gemengerot** gi vun dësem Zäitpunkt un net méi am *kuerz&knapp.* veröffentlecht, mee just nach **op Ufro verschéckt.** Wëllt Dir déi **gedréckte franséisch Versioun an Är Bréifkëscht** kréien, da schreift Iech bei eis an!

Versiounen op **Däitsch an Englesch,** genee sou wéi déi **franséisch,** kënnen awer och ganz einfach **per E-Mail** verschéckt ginn. D'Audioopnamen op Lëtzebuergesch si selbstverständlech weiderhin e puer Stonnen no all Sëtzung op suessem.lu ze fannen.



kk_36_nr01-26.indd 4 13/03/2026 14:50






kk_36_nr01-26.indd 5
13/03/2026 14:50








TIERS-LIEU.

# En visite à Nancy.

**Mardi, le 27 janvier 2026, une délégation sanemoise s'est rendue à Nancy pour une journée riche en découvertes et en échanges, consacrée à la culture, à l'innovation et aux initiatives citoyennes.**

La matinée a débuté à L'Octroi Nancy, un ambitieux projet d'aménagement installé sur le site d'un ancien abattoir réhabilité. Ce lieu emblématique, entièrement repensé, abrite aujourd'hui un pôle de création où se rencontrent artistes, entrepreneurs et acteurs associatifs. Accueillis par Angélique Gauvain, directrice du site, les représentant·e·s sanemois·es ont pu découvrir la philosophie du projet, les différents espaces partagés et la manière dont L'Octroi est devenu un moteur du dynamisme local.

À quelques pas de là, la délégation s'est ensuite rendue à L'Autre Canal, la scène de musiques actuelles de Nancy. Ce lieu culturel reconnu illustre parfaitement la vitalité du quartier de l'Octroi, où se côtoient créativité, innovation et vie sociale. L'équipe en place a partagé son expérience, notamment sur la collaboration avec les structures voisines et les actions menées en faveur du public et des artistes émergents.

L'après-midi a permis d'aborder une autre facette de l'engagement local : la consommation responsable. À La Grande Épicerie Générale, Steven Royer, coordinateur de ce supermarché coopératif et participatif, a présenté le fonctionnement de cette initiative citoyenne où les habitant·e·s s'impliquent directement dans la gestion du magasin. Ce modèle économique alternatif, fondé sur la coopération, a suscité un vif intérêt au sein de la délégation.

Entre créativité, ancrage territorial et esprit collectif, cette journée d'immersion a nourri de nombreuses réflexions et inspirera sans doute de futures démarches au sein de la Commune de Sanem.








kk_36_nr01-26.indd 6 13/03/2026 14:50


MAIS
OÙ EST
CINDY?


l'octroi
petite halle




épicerie générale


2025 / 2026
DES LIEUX
ET USAGES
MULTIPLES
UN PROJET
L'AUTRE CANAL /
L'OCTROI-NANCY
À DESSINER




Nancy
et citoyen





## GECT ALZETTE BELVAL : QUAND LES FRONTIÈRES DEVIENNENT DES PONTS

Sur une carte, les frontières ressemblent à des lignes qui séparent. Le GECT Alzette Belval fait exactement le contraire : il transforme ces lignes en ponts, en projets et en rencontres concrètes pour les habitant·e·s de notre région.

Derrière ces quatre lettres se cache le « Groupement européen de coopération territoriale ». C'est un outil de l'Union européenne qui permet à des communes, des villes ou des régions de différents pays de travailler ensemble comme s'il n'y avait plus de frontière administrative. Le GECT harmonise les règles, coordonne les budgets et facilite l'accès aux financements européens, pour que les idées puissent circuler aussi librement que les citoyen·ne·s.

## UN TERRITOIRE COMMUN, AU DELÀ DE LA FRONTIÈRE

Le GECT Alzette Belval réunit des communes du sud du Luxembourg et du nord de la Lorraine autour d'une ambition commune : construire, pas à pas, une agglomération transfrontalière cohérente, durable et attractive. Reconnu comme « zone fonctionnelle », il dispose d'une enveloppe Interreg dédiée pour soutenir les projets qui répondent à sa stratégie territoriale, autour de thèmes comme la mobilité d'agglomération ou la vie quotidienne sans frontière.

Concrètement, le GECT joue le rôle de chef d'orchestre : il aide à monter les dossiers, à trouver les bons cofinancements, à coordonner les partenaires de part et d'autre de la frontière et à faire remonter les besoins locaux aux niveaux national et européen. Pour les communes membres, dont la Commune de Sanem, cela signifie davantage de moyens pour réaliser des projets qui dépassent les frontières, mais pas les besoins du quotidien.



## DES PROJETS CONCRETS AVEC LA COMMUNE DE SANEM.

La Commune de Sanem est pleinement engagée dans cette dynamique transfrontalière et participe à plusieurs projets portés ou co-portés par le GECT Alzette Belval.

### ACTE
**Alzette Belval avec les citoyen·nes pour la Transition Écologique**

Ce projet Interreg réunit le GECT Alzette Belval, Transition Minett, la Commune de Sanem, la Commune d'Audun le Tiche et la Ville de Villerupt. Son objectif : motiver, encourager et accompagner les habitant·e·s des 13 communes d'Alzette Belval pour imaginer et mettre en œuvre « nos solutions pour le climat » à travers de nombreux projets citoyens.

### Challenge FAMILLE PRESQUE ZÉRO DÉCHET

À l'échelle de tout le territoire Alzette Belval, ce défi propose à des familles de réduire leurs déchets pendant plusieurs mois, avec l'accompagnement de la Commune de Sanem, du GECT Alzette Belval et des partenaires du projet ACTE. Ateliers, conseils pratiques, échanges d'expériences : l'idée est de faire de la réduction des déchets un jeu collectif plutôt qu'une contrainte.

### Vers un territoire du VIVRE ENSEMBLE

Dans la continuité des actions « Alzette Belval, vivons ensemble ! », le GECT soutient des projets transfrontaliers, afin de créer des liens concrets entre les communes et les habitant·e·s. La Commune de Sanem contribue à cette dynamique à travers des coopérations qui visent à faciliter la mobilité douce, à valoriser les espaces naturels et à encourager les rencontres au delà de la frontière.

ALZETTEBELVAL
GECT | Groupement Européen de Coopération Territoriale

GECTALZETTEBELVAL.EU



kk_36_nr01-26.indd 8 13/03/2026 14:50

# Loscht opzehalen?

## Envie d’arrêter ?
## Lust aufzuhören?
## Want to quit?



SCAN ME

info-tabac.lu
















# Making Waves: déi kreativ Käpp hannert eisem Ëmweltkalenner.



kk_36_nr01-26.indd 10 13/03/2026 14:50



**Fir eisen Ëmweltkalenner, ganz am Zeeche vum Waasser, hu mir eis nees mat 12 talentéierten Illustrator·innen zesumme gedoen. Wéi d'Traditioun et verlaangt, huet jiddereen·t fir dee jeeweilege Mount un enger Illustratioun geschafft – a mir kéinten net méi houfreg sinn, wéi gutt de Kalenner ausgesäit. Mir starten eis Serie, déi iech déi zwielef Artist·inne méi no bréngt, mam Lisa Junius LJ, Gilles Kutten GK an Daphné Fu DF.**

**Wéi gesäit däi kreative Prozess fir de Kalenner aus? Gesäit een dech éischter an engem gemittleche Café oder an dengem Atelier mat gudder Musek?**

**LJ** — Ech fänken ëmmer mat enger séierer Skizz vu mengen éischten Iddien un, an d'Illustratioun hëlt dann am Prozess no an no Form un.

**GK** — Meeschtens a Panik wéinst der Deadline!

**DF** — Ech zéie mech normalerweis op meng Kusch zréck a kucke meng Confort-Serie (Modern Family oder Bob's Burgers), wärend ech mam kreative Prozess ufänken.

**Wat ass däi Go-To-Snack oder Gedrénks fir d'Stëmmung bei Sessiounen, déi bis an d'Nuecht era ginn, ze hiewen?**

**LJ** — Eng Taass Téi an ee Stéck Schockela si meng Go-To's.

**GK** — Waasser a Kaffi. A Kaffi. Kaffi, sot ech dat schonn?

**DF** — Eng Taass English-Breakfast-Téi mat engem Schoss Mëllech an e bëssen Hunneg. Mäi Go-To-Snack ass warscheinlech eppes Häerzhaftes, wéi eng Scheif kale Kéis oder Ham.

**Wat bedeit däi Sujet vum Mount fir dech perséinlech a wéi een Afloss hat dësen op deng Illustratioun?**

**LJ** — Doheem an a mengem Atelier drénken ech ëmmer Krunnewaasser – ech fannen d'Qualitéit ganz gutt a géif mech freeën, wann et dës Optioun och wann een iesse geet méi dacks géif ginn. Doweinst fléisst d'Waasser a menger Illustratioun ganz natierlech, frësch an net ze mann aus dem Krunn.

**GK** — D'Gewässer weltwäit si fir mech faszinéierend. Vum klenge Weier, iwwert d'Fléss, d'Séien an d'Mierer: Waasser ass dat, wat eis alleguer um Liewen hält, an dowéinst ass et eis Verantwortung, der Natur ze hëllefen, hir „Venen", déi mat frëschem Waasser gefëllt sinn, ze schützen. Meng Iddi war et, d'Natur als Gëttin duerzestellen.

**DF** — Ech ka mech gutt mat deem Mount identifizéieren, well mer all hei zu Lëtzebuerg dru gewinnt sinn, wéi vill et reent! Ech benotzen d'Waasser vu mengem Entfiichter fir meng Planzen ze netzen, an deem Sënn fillen ech mech menger Illustratioun also scho verbonnen.

**Wann däi kreative Prozess e Wiederevenement wier, mat wat hätte mer misste rechnen – ee „sunny brainstorm" oder eng „stormy idea chase"?**

**LJ** — Ech géif soen ee „sunny brainstorm" – ech kréie meng beschten Iddien, wann ech roueg a bei mir sinn.

**GK** — Ech géif et als fréie Fréijoerswand beschreiwen: staark, onermiddlech, erfrëschend a voller Verspriechen … oder besser gesot, dat ass, wat ech mer erhoffen; meeschtens ass et awer éischter ee verréckte Stëbsdäiwel, dee sech zu engem klengen Tornado entwéckelt.

**DF** — Am grousse Ganzen huet et mega Spaass gemaach, dëse Mount ze illustréieren, mee wat am schwéierste war, war de Choix vun der Coiffure vu mengem Charakter, deen dir op der Illustratioun gesitt.

**Wat ass deen usprochsvollsten Deel fir d'Ëmweltthema vun dengem Mount als Illustratioun anzefänken?**

**LJ** — Ech hat Gléck, well d'Thema Waasser ass ee repetitiivt Motiv a mengen Aarbechten, dofir koum den Design ganz natierlech.

**GK** — D'Theema vun der Gëttin huet et e bësse schwéier gemaach, eis Roll als Mënschen, d'Fléss ze schützen ze integréieren. Ech hat och vill Problemer mam Format, well meng Iddi besser an eng Landschaftsdimensioun gepasst hätt.

**DF** — Ech géif soen, mäi kreative Prozess ass wéi e staarke Reen, dee 15 Minutten dauert, an um Schluss kënnt d'Sonn hannert de Wolleken ervir.

**Wat wëlls du eisen Awunner·inne mat denger Ëmsetzung vum Theema Waasser mat op de Wee ginn?**

**LJ** — Ech wëll si drun erënneren, wéi frësch a lecker Krunnewaasser ka sinn!

**GK** — D'Schéinheet vun der Natur gesinn an erkennen, wéi wäertvoll d'Ressource Waasser ass.

**DF** — Ech hoffen, datt meng Illustratioun de Leit e bësse Freed an hiren Alldag bréngt, och wann et nëmme flüchteg ass.

**Wéi géifs du däin Atelier beschreiwen: gemittlecht Chaos, gréng Oas oder einfach verréckt?**

**LJ** — Definitiv ee gemittlecht Chaos! Vill Notizen, Zeechnungen, Bicher an e puer eidel Tassen Téi!

**GK** — Oppen, gemittlech, hell.

**DF** — Organiséierte Chaos (obwuel mäi Partner dem éischten Deel vläicht net zoustëmmt!).

**Wat ass deen Tool, op deen s du bei dengem kreative Prozess net verzichte kanns?**

**LJ** — E Skizzebuch an e Bläistëft – méi brauch ech net, fir meng Iddien auszedrécken.

**GK** — Ah, dat wier mäi Mitsubishi-Uni-Pin-Fine-Liner, dee beschten um Marché!

**DF** — Ech sinn duerch an duerch een iPad-Kand.

**Wie wier däin Dram-Collaborateur·rice?**

**LJ** — Et ginn eigentlech keng Grenze fir Zesummenaarbechten – ech mengen, d'Aarbecht mat Leit, déi aner Perspektiven hunn, kann esou vill nei Weeër erméiglechen. Fir mech gëtt et net déi eng Persoun – alles kann interessant sinn!

**GK** — Ech schaffe mat menger Fra a menge Bouwen zesummen; ouni si géife meng Iddie keng Realitéit ginn an ech net virukommen.

**DF** — Meng Dramkollaboratioun wier et, léif kleng Charaktere fir POPMART ze kreéieren!

**Wou kënnen d'Leit aus eiser Gemeng deng Aarbecht verfollegen – sief et online oder a lokale Konschtausstellungen?**

**LJ** — Op Instagram iwwer @lisajunius, dann nach um Escher Gaalgebierg, an Ettelbréck oder Dikrech duerch Mauermolereien, oder natierlech a mengem Atelier am 1535° zu Déifferdeng.

**GK** — Ech wäert nei Wierker wärend der KonschtTour zu Veianen ausstellen an dir fannt mech ëmmer mol nees op kreative Marchéen am ganze Land.

**DF** — Dir kommt op Instagram ënnert @duffesauresrex oder @duff.pix u mech.



kk_36_nr01-26.indd 11 13/03/2026 14:50

E klenge Geste, e grousst Laachen

# Léiert Ären Noper/ Är Nopesch (besser) kennen



À L'INITIATIVE DU

Mifa

De Familljeministère

gero

KOMPETENZZENTER FIR DEN ALTER

POLICE LËTZEBUERG




kk_36_nr01-26.indd 13 13/03/2026 14:50

# D'Gemeng an Zuelen.

EXTRAORDINÄRE BUDGET EXTRAORDINAIRE
DEPENSEN | DÉPENSES 2026

## 43·939·324 €

BEISPILLER | EXEMPLES



### INFRASTRUCTURES
17.411.600 €

**ACQUISITION**
Locaux Belval Nord Route d'Esch Belvaux
**CONSTRUCTIONS**
Complexe pour enfants Sanem
Buvette FC The Belval Belvaux
Structure modulaire enseignement fondamental Belvaux & Sanem
Nouveau site Service technique
**RÉNOVATION**
École Soleuvre-Centre
**TRANSFORMATION**
Épicerie solidaire Soleuvre
**AMÉNAGEMENT**
Terrain de sports École 2000 Soleuvre
Chemins d'accès cimetière Belvaux
Pistes cyclables à Ehlerange & ZARE-Est
Zone communale Op Aessen Sanem

### LOGEMENT
4.050.000 €

**ACQUISITIONS**
Logements (Pacte Logement 2.0)
3 appartements Metzerhéicht Belvaux
Maison Rue d'Ehlerange Soleuvre
Achat d'immeubles

### RÉSEAU ROUTIER
3.764.383 €

**TRAVAUX**
Limit. vitesse École Belvaux-Poste
**RÉAMÉNAGEMENT**
Rue du Brill Belvaux
Chemin Rouge Belvaux
Avenue 2000 Soleuvre
**CANALISATION**
Rue de Soleuvre Belvaux
Cité Grand-Duc Jean Belvaux

### RÉSEAU EAUX
2.946.405 €

**AMÉNAGEMENT**
Hydrologique et hydraulique
Helgebaach & Rouerbaach
**TRAVAUX**
Collecteur By-Pass Mondercange
Déplacement conduite CR110 Sanem
Station d'épuration SIACH
EP collectrice vers Rouerbaach



kk_36_nr01-26.indd 14 13/03/2026 14:50

DIR FANNT D'PRESENTATIOUN VUM BUDGET AUS DEM GEMENGEROT AB SÄIT 44 AN ALS AUDIO OP: NEON.LY/CC241125

## PROKAPPVERSCHËLDUNG 2025 → 2026

2025 19.700 Awunner·innen

**1.145 €**

2026 20.300 Awunner·innen

**1.111 €**



GESAMTPERSONALKÄSCHTEN 66%

**76.743.720 €**

ANER ORDINÄR DEPENSEN 34%

**40.264.917 €**

REWA 19 %

SEA 33 %

ANERT PERSONAL 48 %



kk_36_nr01-26.indd 15    13/03/2026 14:50



# BABYPLUS Sanem

E Service vun der Gemeng Suessem an Zesummenaarbecht mat der Initiativ Liewensufank

- fir all Familljen an der Gemeng Suessem, déi e Puppelchen erwaarden oder kritt hunn
- **gratis Informatiounen, Berodungen a Begleedung ab der Schwangerschaft a wärend dem 1. Liewensjoer vum Bëbee**
- Bei Iech doheem oder an engem Berodungsraum zu Suessem
- kompetent, empathesch, méisproocheg Ekipp.

Fir weider Informatiounen oder fir e RDV auszemaachen, kënnt Dir eis entweder eng Noriicht um Repondeur hannerloossen, eis eng Mail schreiwen oder Iech via de QR Code aschreiwen. Mir kontaktéieren Iech esou séier wéi méiglech.

Un service de la commune de Sanem en collaboration avec l'Initiativ Liewensufank

- s'adresse à toutes les familles de la commune de Sanem, qui attendent ou viennent d'avoir un bébé
- **information, consultation et suivi gratuits concernant le bébé dans sa première année de vie**
- à votre domicile ou dans un bureau de consultation à Sanem
- équipe compétente, sensible, multilingue.

Pour plus d'informations et pour prendre rendez-vous, veuillez nous laisser un message sur notre répondeur, soit nous envoyer un e-mail, soit vous inscrire à l'aide du code QR. Nous vous contacterons dès que possible.

A service of the municipality of Sanem in collaboration with the Initiativ Liewensufank

- which is for all families in the municipality of Sanem who are expecting or have just had a baby
- **free information, consultations and follow-up of the baby during its first year of life**
- at your home or at a consulting room at Sanem
- competent, sensitive, multilingual team.

For more information or to schedule an appointment, please leave a message on our answering machine, send us an e-mail or register using the QR code. We will contact you as soon as possible.

**ONLINE Aschreiwung** Scannt dofir dëse QR-Code mat Ärem Telefon
**Inscription EN LIGNE** Scannez ce QR-code avec votre téléphone
**ONLINE registration** Scan this QR-code with your phone

**Tel.: 36 05 97-30 • babyplus@liewensufank.lu • www.suessem.lu**

GEMENG SUESSEM

INITIATIV LIEWENSUFANK
DEBUT DE LA VIE - BEGINNING OF LIFE




# Kastréieren. Chippen. Umellen.

Lëtzebuerger Déiereschutzliga

An Zesummenaarbecht mat

APAS

Asile pour Animaux Régional - Dudelange

SEPA Escher Déiereschutzveräin a.s.b.l.

Association européenne S.O.S. ANIMAUX a.s.b.l.

kk_36_nr01-26.indd 17 13/03/2026 14:50

UN ESPRIT BRILLANT DE SOLEUVRE.

# Moritz Rohner: un parcours d'exception.



F

**À seulement 19 ans, Moritz Rohner impressionne par sa maturité, son calme et son parcours remarquable. Né et grandi dans la cité Kauffman à Soleuvre, il a déjà inscrit son nom parmi les jeunes esprits les plus prometteurs du pays. Diplômé du Lycée de Garçons d'Esch-sur-Alzette avec la note parfaite de 60/60 au baccalauréat 2025, il s'est distingué comme meilleur élève de sa promotion — un accomplissement que peu atteignent, mais qu'il aborde avec une modestie désarmante:**

Je n'étais pas vraiment obsédé par l'idée d'atteindre ce résultat. Évidemment, j'en suis fier, mais c'est plutôt un bel effet secondaire de quelque chose que j'aime faire de toute façon.

## UN PASSIONNÉ PRÉCOCE

Moritz a suivi la section B – mathématiques et informatique. Passionné depuis son plus jeune âge par la logique, les chiffres et les lois de la physique, il a terminé son parcours au lycée avec une année d'avance, ayant sauté la classe de 3e. Il se souvient avec intérêt de ces années où ses matières de prédilection se sont affirmées:

Jusqu'en classe de 4e, les cours restaient très diversifiés, notamment grâce aux langues et au latin. À partir de 4e, l'enseignement devient plus spécialisé: pour moi, les mathématiques et la physique ont toujours été les domaines les plus passionnants, c'est pourquoi j'étais souvent bien en avance sur le programme.

Aujourd'hui, Moritz poursuit ses études à l'ETH Zurich, l'une des universités les plus renommées d'Europe, où il entame sa première année en physique. Là-bas, il découvre de nouvelles approches mathématiques et des concepts encore inexplorés, nourrissant une curiosité insatiable et une soif de connaissance qui font partie intégrante de sa personnalité.

Fils d'un enseignant à la *Technikschoul* à Differdange, Moritz évoque avec gratitude l'influence de son père: Il m'a initié très tôt à la physique et à l'informatique. Il m'a montré comment relier les disciplines entre elles et m'a surtout appris à apprendre par moi-même.



**« Ces olympiades m'ont apporté beaucoup, pas seulement scientifiquement. »**

— MORITZ ROHNER.
Passionné depuis son plus jeune âge par la logique, les chiffres et les lois de la physique.

En parallèle de son excellence académique, Moritz s'est illustré sur la scène internationale en participant à de nombreuses olympiades scientifiques – en physique, en chimie et dans le cadre du concours «Jonk Fuerscher». Ces compétitions l'ont conduit aux quatre coins du monde: de Riga à Tokyo, en passant par Dallas, l'Arabie saoudite, Dubaï, en Géorgie ou encore Taipei.

## DES RACINES FAMILIALES ET UN ESPRIT DE COMPÉTITION

Ces expériences, tant intellectuelles qu'humaines, ont marqué le jeune Soleuvrois: Ces olympiades m'ont apporté beaucoup, pas seulement scientifiquement. J'ai rencontré des jeunes du monde entier et créé de belles amitiés, même si c'est plus difficile de les entretenir à distance. ▶



kk_36_nr01-26.indd 19 13/03/2026 14:50

▶ Malgré ce parcours intense, Moritz garde les pieds sur terre. Musicien accompli, il a longtemps joué du trombone au sein de l'Harmonie de Soleuvre et suivi des cours au Conservatoire de Musique d'Esch-sur-Alzette. Aujourd'hui, lorsqu'il ne travaille pas sur une équation ou un projet universitaire, on peut le croiser sur les pistes cyclables autour du magnifique lac de Zurich, son nouveau lieu de résidence, qu'il partage avec un ami du lycée.

Vivre seul, ou presque, c'est une nouvelle étape. Mais je suis content de mes débuts, et Zurich offre un cadre parfait pour étudier et s'épanouir.

S'il n'a pas encore défini précisément son avenir professionnel, une voie semble déjà tracée. Son rêve ? Enseigner un jour la physique théorique et approfondir les mystères de l'univers. Avoir un jour une chaire de professeur, ce serait formidable, mais le chemin est encore long, confie-t-il avec humilité.

## UN AVENIR PLEIN DE PROMESSES

Ancré dans sa commune de cœur, Moritz reste profondément attaché à Soleuvre – sa maison familiale, ses amis, ses racines.

Son parcours exemplaire souligne combien la passion, la curiosité et la persévérance peuvent ouvrir des horizons aussi vastes qu'inspirants. Il ne fait aucun doute que Moritz Rohner continuera à faire briller le nom de Soleuvre bien au-delà de nos frontières.

Lëtzebuergesch Versioun
**NEON.LY/MORITZROHNER**



**« Vivre seul, ou presque, c'est une nouvelle étape. Mais je suis content de mes débuts, et Zurich offre un cadre parfait pour étudier et s'épanouir. »**

— **MORITZ ROHNER.**
Poursuit ses études à l'ETH Zurich.

SUESSEM, JE T'AIME

- Eng Gemeng fir d'Liewen -




Endeckt d'Häerz vun der Gemeng Suessem mat all de Facettë vum Liewen
Découvrez toutes les facettes de la vie au coeur de la Commune de Sanem

Fannt eis op

suessemjetaime.lu














kk_36_nr01-26.indd 22 13/03/2026 14:51













SENIOR+

# Wanter-ateliéren.

F

Le Service Senior+ de la Commune de Sanem a collaboré avec le SEA du Kannercampus Belval dans le cadre d'une initiative particulièrement originale. L'objectif est de rassembler enfants et senior·e·s autour d'un projet commun. Ce projet comporte deux volets : d'une part, les personnes intéressées peuvent entretenir une correspondance avec les enfants du SEA ; d'autre part, quatre ateliers autour de la musique, du mouvement, du bricolage et de la pâtisserie ont été organisés entre novembre et décembre 2025. Nous avons assisté au dernier atelier avant les vacances scolaires au Kannercampus Belval et avons pu observer, dans l'ambiance chaleureuse des fêtes de fin d'année, enfants et senior·e·s cuisiner côte à côte.

Galerie photos
NEON.LY/WANTERATELIEREN



kk_36_nr01-26.indd 23 13/03/2026 14:51



INTERVIEW MAM
MAX LEHNEN.

# Een Häerz fir d'Veräinsliewen.



kk_36_nr01-26.indd 24 13/03/2026 14:51





> **„Iergendwann souz ech op engem Duerffest am DP-Polo op engem mechanesche Rodeo-Stéier."**

L

**De Max Lehnen sëtzt säit e puer Méint fir d'DP am Gemengerot vun der Gemeng Suessem. Mat sengen 38 Joer bréngt hien net nëmme frësche Wand an d'Sëtzungen, mee och eng déif verwuerzelt Leidenschaft fir d'Veräinsliewen an Iwwerzeegung fir d'Lokalpolitik. Am oppene Gespréich, fir dat hien eis an den Turnsall um KUSS invitéiert huet, erzielt de Max vu senge Wuerzelen, sengem Wee an d'Politik an de Sujeten, déi him um Häerz leien.**

De Max Lehnen huet eigentlech véier Nimm. Déi solle mer hei am Artikel awer op der Säit loossen. „Einfach Max", entgéint eis den DP-Politiker a leidenschaftleche Veräinsmënsch wärend eisem Gespréich. Mir sinn – et kéint een et als zweet Doheem vum Max bezeechnen – am Turnsall vum KUSS um Scheierhaff. Wärend mir beienee stinn an de Max eis vu sengem fréiere Wee als Mëtt 20-Järegen a Richtung DP erzielt, ginn d'Meedercher an där anerer Hallschent vum Sall trainéiert.

„Mäi Bop war Sozialist, mäi Papp klasseschen CSVler", erënnert den 38-Järege sech zeréck. Hee mécht et sengem Papp no a geet an d'Jugendpartei CSJ, ouni dës Decisioun gréisser ze hannerfroen. No sengem Studium gesäit dat anescht aus. „Ech si bei der DP gelant, well si eng politesch Mëtt ubidden an och iwwer Tabutheeme wéi d'Homosexualitéit geschwat hunn, si waren oppen a progressiv, ouni opportunistesch ze sinn. D'DP huet eng kloer Linn, bis haut", seet hie bewosst.

## VUN DER UNI AN D'POLITIK

2012 huet heen de Schratt an d'DP-Sektioun Suessem gewot. „Deemools sot ech der Partei: ‚Also ech weess jo net, wéi dat elo hei leeft, mee wann dir ee Kandidat fir d'Landeswale sicht, ech wier prett' ", erënnert de Max sech zeréck a grinst. Dat war 2013. „Mam Xavier Bettel sollt eng jonk Ekipp op d'Bee gestallt ginn. Ech war 26 Joer jonk, ganz nei an am Süden ass et nach méi schwéier, well et ass eng sozialistesch Héichbuerg." Heen ass iwwerall matgeholl ginn, dank dem Patricia Speck-Braun, dat hien am Gemengerot Enn 2025 ersat huet. „D'Patricia ass meng politesch Mamm, ech hunn him sou vill ze verdanken. Deemools huet hatt mech mat geholl, op all Fest. Iergendwann souz ech op engem Duerffest am DP-Polo op engem mechanesche Rodeo-Stéier." Hie koum raus aus dem Duerf, huet vill Leit kennegeléiert an ass senger Partei bis haut trei bliwwen. No e puer Méint an enger Rëtsch Gemengeréit, seet de Max: „D'Gemengepolitik ass näischt aneres wéi e gréissert Veräinsliewen. An der Oppositioun ass et awer tricky, well een d'Frënn, déi an der Majoritéit sinn, hannerfroe muss. Et geet drëm, déi richteg Froen ze stellen."

▶



kk_36_nr01-26.indd 25 13/03/2026 14:51



**„Mir mussen déi jonk Leit motivéieren, dass si Loscht kréien, um Veräinsliewen deelzehuelen.“**

— MAX LEHNEN.
Säit e puer Méint fir d’DP am Gemengerot.



▶ De Max lieft de Veräinssport: Scout, säit Jore beim Turnveräin Sporting Club Bieles aktiv, DJ um Bieles am Jumm, wou e geléiert huet, Béier ze zapen a moies nom Bal eng Zwiwwelzopp um Menu stoung. „D’Fuesent war meng Welt“, erënnert hee sech. Bis haut ass de Max leidenschaftleche Veräinsmënsch a schätzt wéi vill Fräizäit Benevolle fir hire Club afferen. „Si leeschten aussergewéinlech Aarbecht, ouni si wier villes net méiglech.“

## VERÄINSLIEWEN: SENG GRÉISSTE LEIDENSCHAFT

Fir de Max misst et awer zu enger Verschibung an der Approche kommen, wéi de Benevolat ëmgesat gëtt. „De Fokus läit op deenen, déi scho vill Responsabilitéiten hunn – Schaff, Kanner, Haushalt. Déi, déi scho vill ginn, mussen anescht ënnerstëtzt respektiv entlaascht ginn. Mir mussen déi Jonk motivéieren, dass si Loscht kréien, um Veräinsliewen deelzehuelen.“ Méi einfach gesot, wéi gemaach, deem ass sech den DP-Politiker bewosst. „Wéi einfach wier et, no engem Training, Pizza ze bestellen, e Film op d’Mauer vum Turnsall ze projezéieren an ee Filmowend ze maachen. Fréier ware mir wéi dachs an der Hal mat eisen Traineren, bis an d’Nuecht eran an hate gutt Momenter zesummen. Haut hu mer vill Reglementer a Sécherheetsreegelen, déi esou spontan Aktivitéiten net méi erlaben.“ Him schwieft zum Beispill och d’Iddi vun enger Buvette um Gaalgebierg vir, déi vu Veräiner kéint exploitéiert ginn.

## EEMOL BIELES, ËMMER BIELES

„Ech hat zwar Fréndinnen ausserhalb vu Bieles, mee ni eng aner Adress“, seet de Max a laacht. Vu klengem u wunnt hien zu Bieles, an der Géigend vum Gaalgebierg. „Mäi Bop ass owes vun der Arbed mam Vëlo heem komm. Wéi en de Bierg erof gefuer ass, krut en net méi gebremst a koum am Bësch un d’Stoen. En huet ronderëm sech gekuckt a sot sech: ‚Hei kafen ech!‘ A säitdeem wunnt meng Famill hei.“ Op d’Fro, ob een Adresewiessel ni zur Debatt stoung, äntwert de Max mat engem Grinsen: „Meng Fra kënnt aus dem Mëllerdall, ech hunn also misste gutt Argumenter parat hunn, fir dass mir hei bleiwen.“

Als Papp hieft hien déi schoulesch Infrastrukture an Aktivitéiten, déi fir déi Kleng ugebuede ginn, besonnesch ervir. „D’Ouschtereeërsich, de San’Up, de Wanterfeeling, dat sinn natierlech Highlights. Mir freeën eis Joer fir Joer op dës a vill aner Events, déi an der Gemeng organiséiert ginn.“ Als Politiker an der Oppositioun huet hien och Doleancen. „D’Stroоss vun Esch op Bieles, déi sollt en Aushängeschëld sinn. Genee de Géigendeel ass de Fall. Well dat eng Staatsstrooss ass, kann d’Gemeng net einfach decidéieren, wat wéini geschitt, mir sinn an deem Sënn limitéiert“, ënnersträicht hien. „Mee bis dohinner, sollte mer eis asetzen, dass déi Strooss méi frëndlech gëtt. Mir kéinten déi ellen Uewerleitungen iwwerdenken oder e puer Beem planzen.“

De Max ass motivéiert, dat gesäit een him un an dat héiere mir aus eisem Gespréich eraus. Nieft sengem Engagement fir d’Veräinsleit an de Benevolat, wäert hien nach op ville weideren Dossieren aktiv wëlle matschaffen. Mir wäerten déi nächst Méint gesinn, wat hie wëlles huet.



kk_36_nr01-26.indd 26 13/03/2026 14:51



**„Meng Fra kënnt aus dem Mëllerdall. Ech hu misste gutt Argumenter hunn, fir dass mir zu Bieles bleiwen."**

Version française
SUESSEMJETAIME.LU/MAXLEHNEN



kk_36_nr01-26.indd 27 13/03/2026 14:51




CHEMIN ROUGE.

# Présentation du nouveau complexe scolaire et sportif.







F

**Vendredi 16 janvier 2026, le Collège des bourgmestre et échevin·e·s de la Commune de Sanem a convié la presse à une présentation du projet de construction du nouveau complexe scolaire et sportif au Chemin Rouge à Belvaux. Cette rencontre s'est déroulée en présence des architectes en charge du projet, des représentant·e·s des services communaux concernés et du conseil communal.**

Le futur campus scolaire et sportif représente une étape majeure pour le développement du quartier et répond aux besoins croissants en infrastructures éducatives et sportives. Avec environ 340 élèves actuellement inscrits, la nouvelle école offrira de la place pour environ 260 enfants supplémentaires, répartis dans dix salles de classe modernes et lumineuses. Le complexe réunira également un hall omnisport, une piscine scolaire et un terrain de sport en plein air, favorisant un cadre d'apprentissage et d'activités physiques de qualité.

Le projet a été conçu dans un souci d'intégration harmonieuse au tissu urbain existant. La plupart des bâtiments ne dépasseront pas deux étages, afin de s'inscrire naturellement dans l'environnement du quartier. Par ailleurs, une attention particulière a été portée à la mobilité douce : la future zone privilégiera les déplacements à pied et à vélo, avec un trafic motorisé limité grâce à la création d'un espace partagé.

Le début des travaux est prévu pour 2027, avec une finalisation estimée entre 2029 et 2030.

Galerie photos
**NEON.LY/PRESIROUDEWEE**



kk_36_nr01-26.indd 29 13/03/2026 14:51



© Nadia Dentzer

OFSCHLOSS BEIM MIMMCHEN.

# Le Gueuloir.

L

E Freideg, den 13. Februar 2026 huet de Gueuloir (e Collectif  transfrontalier vun Auteuren) seng Residenz vum Stammdësch am Café Theaterstiffchen beim Mimmchen zu Bieles ofgeschloss.

De Paul Mathieu, Fábio Godinho an d'Aude-Laurence Biver hunn d'Erzielunge vun den Awunner·innen aus der Gemeng Suessem gesammelt, doraus sinn dräi Texter entstanen: *Le sens de l'histoire*, *Et la terre rouge est toujours là* an *Tant qu'on est là / Avant de brûler*.

Vun 18.00 Auer un huet de Franck Lemaire (Des Miracles Cie) dës Wierker mam Laure Roldan, Apolline Lecogne, Joël Delsaut an der Musikerin Mélanie Gerber virgedroen.

De Projet gëtt ënnerstëtzt vun CCPHVA, dem Syndicat Pro-Sud an der Stad Esch am Kader vum Interreg ATRACT-AB.

Retour en images
NEON.LY/STAMMDESCHCLOTURE



kk_36_nr01-26.indd 30 13/03/2026 14:51

















kk_36_nr01-26.indd 32 13/03/2026 14:51





kk_36_nr01-26.indd 33 13/03/2026 14:51



# Informatiounsblat

**14. November 2025** — Säit 35
**24. November 2025** — Säit 44
**28. November 2025** — Säit 67

L

## AUDIO REPLAY GEMENGEROTSSËTZUNGEN

Just e puer Stonnen nom Enn vun de jeeweilege Sëtzunge fannt Dir déi detailléiert Audio-Versioun vum Gemengerot op **suessem.lu/lb/seance-year/2025**

F

## REPLAY AUDIO SÉANCES DU CONSEIL COMMUNAL

Retrouvez l'enregistrement audio des séances quelques heures après la fin du Conseil communal respectif sur **suessem.lu/fr/seance-year/2025**



# Procès-verbal des votes du Conseil communal de Sanem lors de la séance publique

## vendredi, **14 novembre 2025**

date de l'annonce publique: **7 novembre 2025**
date de la convocation des conseillers: **7 novembre 2025**
début: **08h15** fin: **10h25**

**PRÉSENTS**:
*Mme Asselborn-Bintz Simone*, présidente,
*M. Gaston Anen, M. Bronzetti Denis, Mme Cecchetti Myriam, M. Dahm Yves, M. Da Silva Bruno, M. Faber Serge, M. Gierenz Steve, M. Goelhausen Marco, M. Haas Marc, M. Krippler Max, M Lehnen Max, Mme Logelin Anne, M. Lorang Mike, Mme Morgenthaler Nathalie, Mme Romeo Franca, Mme Schammo Mara,*
*Mme Tamara Duschène*, secrétaire adjointe

**ABSENT·S EXCUSÉ·S**: *Mme Manon Greven*, secrétaire communale

**PREMIER VOTANT**: *M. Da Silva Bruno*

Mme Logelin Anne n'a pas pris part au vote du point 20a.

### — ORDRE DU JOUR

**1.** Correspondance et informations.

**2.** Approbation d'un rapport (17 octobre 2025).
**» Vote unanime**

### — PROJET

**3.** Réaménagement de différentes rues 2024-2025.
Devis estimatif détaillé: 41.000,- € (article budgétaire: 4/624/221313/24025).
**» Vote unanime**

### — TRANSACTIONS IMMOBILIÈRES

**4.** Contrats et conventions:

**a.** Approbation du contrat de fermage pour quatorze parcelles, section C de Belvaux.
**» Vote unanime**

**b.** Approbation du contrat de location de la toiture du bâtiment « Ecole modulaire Scheierhaff - 8, rue Jean Anen », avec SUDenergie SA.
**» Votes positifs: 16**
*Anen Gaston, Asselborn-Bintz Simone, Bronzetti Denis, Cecchetti Myriam, Da Silva Bruno, Dahm Yves, Gierenz Steve, Goelhausen Marco, Haas Marc, Krippler Max, Lehnen Max, Logelin Anne, Lorang Mike, Morgenthaler Nathalie, Romeo Franca, Schammo Mara*
**Votes négatifs: 1**
*Faber Serge*

**c.** Approbation du contrat de bail pour une partie de la parcelle 1086/4211, lieu-dit « Rue du Traité de Londres » à Sanem.

**d.** Approbation de la convention avec la société « Creos Luxembourg S.A. », concernant les terrains situés dans la commune de Sanem, section D d'Ehlerange, numéros de parcelles 479/3338, 479/3531 et 791/3343.
**» Vote unanime**

**5.** Compromis:

**a.** Approbation d'un compromis de cession à titre gratuit avec la société BELSTEIN SARL concernant deux parcelles de terrain sise à Belvaux.

**b.** Approbation d'un compromis de cession à titre gratuit concernant une parcelle de terrain sise à Soleuvre.

**c.** Reclassement de la parcelle 1997/9126 sise à Sanem du Domaine Public Communal dans le Domaine Privé Communal.

**d.** Approbation d'un compromis de vente concernant une parcelle de terrain à « rue de Niederkorn » à Soleuvre.
**» Vote unanime**

**6.** Actes:

**a.** Reclassement des parcelles 276/9268 et 276/9269 sises à Belvaux du Domaine Public Communal dans le Domaine Privé Communal.

**b.** Approbation d'un acte de vente concernant deux parcelles de terrain à Belvaux.
**» Vote unanime**

**7.** Reclassement de la parcelle 1103/5419 sise à Sanem du Domaine Public Communal dans le Domaine Privé Communal.
**» Vote unanime**



kk_36_nr01-26.indd 35 13/03/2026 14:51

## — OFFICE SOCIAL

**8.** Approbation du budget rectifié 2025 + budget 2026 de l'Office social de Sanem.

**» Vote unanime**

## — FINANCES COMMUNALES

**9.** Approbation du compte administratif de l'exercice 2023.

| Tableau récapitulatif | Montants proposés par le collège |
|---|---|
| Boni du compte de 2022 | 36.753.558,05 |
| Recettes ordinaires | 115.383.108,75 |
| Recettes extraordinaires | 7.328.858,36 |
| Total des recettes | 159.465.525,16 |
| Mali du compte de 2021 | 0,00 |
| Dépenses ordinaires | 94.800.205,37 |
| Dépenses extraordinaires | 19.794.058,80 |
| Total des dépenses | 114.594.264,17 |
| BONI | 44.871.260,99 |
| MALI | |

**» Votes positifs : 14**

*Anen Gaston, Asselborn-Bintz Simone, Bronzetti Denis, Da Silva Bruno, Dahm Yves, Gierenz Steve, Goelhausen Marco, Haas Marc, Krippler Max, Lehnen Max, Logelin Anne, Lorang Mike, Morgenthaler Nathalie, Romeo Franca*

**Votes négatifs : 3**

*Cecchetti Myriam, Faber Serge, Schammo Mara*

**10.** Approbation du compte de gestion globalisé 2023.

| Tableau récapitulatif | Montants proposés par le receveur | |
|---|---|---|
| | Service ordinaire | Service extraordinaire |
| Total des recettes | 115.383.108,75 | 7.328.858,36 |
| Total des dépenses | 94.800.205,37 | 19.794.058,80 |
| Boni propre de l'exercice | 20.582.903,38 | 0,00 |
| Mali propre de l'exercice | 0,00 | 12.465.200,44 |
| Boni du compte de 2022 | 36.753.558,05 | 0,00 |
| Mali du compte de 2022 | 0,00 | 0,00 |
| Boni général | 57.336.461,43 | 0,00 |
| Mali général | 0,00 | 12.465.200,44 |
| Transfert de l'ordinaire vers l'extraordinaire | -12.465.200,44 | +12.465.200,44 |
| Boni définitif | 44.871.260,99 | 0,00 |

**» Vote unanime**

**11.** Paiement d'impôt sur salaires des années 2019 à 2024 suivant décompte du 24.09.2025 – dépense non prévue.

**» Vote unanime**

**12.** Ventes aux enchères :

**a.** Vente d'un véhicule du service Infrastructures des Services de Régie.

**b.** Vente d'un véhicule du service Bâtiments des Services de Régie.

**» Vote unanime**

## — CIRCULATION

**13.** Approbation de règlements d'urgence pris par le Collège des bourgmestre et échevin·e·s :

— Vu le règlement temporaire d'URGENCE de la circulation à l'occasion des travaux de réaménagement de la rue du Brill à Belvaux, approuvé par le Collège des bourgmestre et échevins dans sa séance du 24 octobre 2025 (U025-81) ;

— Vu le règlement temporaire d'URGENCE de la circulation à l'occasion des travaux de raccordement au réseau de CREOS, d'eau potable, de la poste et d'eltrona de l'habitation nº275 rue Metzerlach à Soleuvre, approuvé par le Collège des bourgmestre et échevins dans sa séance du 03 novembre 2025 (U025-85) ;

— Vu le règlement temporaire d'URGENCE de la circulation à l'occasion des travaux de raccordement et de déconnection de la maison nº32 rue d'Esch à Sanem, au réseau de CREOS, d'eau potable, de la poste et d'eltrona, approuvé par le Collège des bourgmestre et échevins dans sa séance du 03 novembre 2025 (U025-86) ;

— Vu le règlement temporaire d'URGENCE de la circulation à l'occasion des travaux de réaménagement de la rue de la Poste – rue de l'Usine à Belvaux, dans le cadre des travaux d'aménagement d'une zone 30 devant l'école fondamentale Bieles Post, approuvé par le Collège des bourgmestre et échevins dans sa séance du 10 novembre 2025 (U025-87) ;

— Vu le règlement temporaire d'URGENCE de la circulation à l'occasion des travaux de renouvellement de l'éclairage public, dans la rue de France à Belvaux, approuvé par le Collège des bourgmestre et échevins dans sa séance du 10 novembre 2025 (U025-88) ;

— Vu le règlement temporaire d'URGENCE de la circulation à l'occasion des travaux de réfection de la canalisation dans la rue Henri Grey à Belvaux, approuvé par le Collège des bourgmestre et échevins dans sa séance du 10 novembre 2025 (U025-89) ;

— Vu le règlement temporaire d'URGENCE de la circulation à l'occasion d'une panne au réseau Creos dans la rue F.D. Roosevelt et l'Avenue 2000 à Soleuvre, approuvé par le Collège des bourgmestre et échevins dans sa séance du 10 novembre 2025 (U025-90) ;

— Vu le règlement temporaire d'URGENCE de la circulation à l'occasion de la mise en place d'un quai de bus provisoire dans l'avenue du Blues à Belvaux, approuvé par le Collège des bourgmestre et échevins dans sa séance du 10 novembre 2025 (U025-91) ;

— Vu le règlement temporaire d'URGENCE de la circulation à l'occasion d'une fuite au réseau d'Eau dans la rue d'Esch à Sanem, approuvé par le Collège des bourgmestre et échevins dans sa séance du 10 novembre 2025 (U025-92).

**» Vote unanime**



kk_36_nr01-26.indd 36 13/03/2026 14:51

**14.** Modification du règlement de circulation de la commune de Sanem :

**Article 1 :**
Les dispositions concernant la **ZARE Est (CV) à Ehlerange** sont modifiées comme suit :
Les dispositions suivantes sont ajoutées :

| Article | Libellé | Situation |
|---|---|---|
| 4/4 | Arrêt d'autobus | À la hauteur du n°9. |

**» Vote unanime**

**Article 2 :**
Les dispositions concernant la **rue de Chauffailles (CV) à Belvaux** sont modifiées comme suit :
Les dispositions suivantes sont ajoutées :

| Article | Libellé | Situation |
|---|---|---|
| 4/2/3 | Stationnement interdit, excepté handicapés | 1 emplacement sur le parking vis-à-vis du n°3. |

**» Vote unanime**

**Article 3 :**
Les dispositions concernant la **rue Kulturschapp (CV) à Ehlerange** sont modifiées comme suit :
Les dispositions suivantes sont ajoutées :

| Article | Libellé | Situation |
|---|---|---|
| 4/6/8 | Parcage avec disque, sauf résidents – parking pour véhicules ≤ 3,5t | Jours ouvrables, du lundi au vendredi, de 08h00 à 18h00.<br>Parking derrière le centre culturel Kulturschapp, pour une durée de maximum 5h. |

**» Vote unanime**

## — DIVERS

**15.** Présentation du concept de gestion des ressources.
**» Prise de connaissance**

**16.** Approbation de la convention de ventilation de la base d'assiette concernant l'impôt commercial communal (ICC) entre la ville d'Esch, la commune de Sanem et la société Joskin.
**» Vote unanime**

**17.** Approbation de la convention avec Zarabina asbl.
**» Vote unanime**

**18.** Approbation de statuts : CASK Luxembourg Asbl.
**» Vote unanime**

**19.** Approbation de la convention relative au changement du siège social - Association des parents d'élèves Bieles-Poste Asbl.
**» Vote unanime**

**20.** Modification de la composition des commissions consultatives

**a.** Commission des sports

| Nom | Prénom | Statut | Fonction |
|---|---|---|---|
| **Est démissionné :** | | | |
| LOGELIN | Anne | Présidente | CSV |
| JUCHEM | Yasmine | Secrétaire | ADM. COMM |
| **Est nommé :** | | | |
| KRÖGER | Philippe | Président | CSV |
| GANTREL | Daniel | Secrétaire | ADM. COMM |

**b.** Commission des affaires scolaires

| Nom | Prénom | Statut | Fonction |
|---|---|---|---|
| **Est démissionné :** | | | |
| KRÖGER | Philippe | Suppléant | CSV |
| **Est nommé :** | | | |
| INFERRERA | Salvatore | Suppléant | CSV |

**c.** Commission de la jeunesse

| Nom | Prénom | Statut | Fonction |
|---|---|---|---|
| **Est démissionné :** | | | |
| SCHOCKMEL | Tom | Effectif | CSV |
| BATTING | Félix | Suppléant | CSV |
| BIAGONI | Gabriella | Effectif | DP |
| **Est nommé :** | | | |
| BATTING | Félix | Effectif | CSV |
| SCHOCKMEL | Tom | Suppléant | CSV |
| NEPGEN | Daniel | Effectif | DP |

**d.** Commission des finances

| Nom | Prénom | Statut | Fonction |
|---|---|---|---|
| **Est démissionné :** | | | |
| DE FELICE | Claudio | Effectif | DP |
| SPECK-BRAUN | Patricia | Suppléant | DP |
| **Est nommé :** | | | |
| LEBOULANGER | Sophie | Effectif | DP |
| SCHMARTZ | Gilbert | Suppléant | DP |



kk_36_nr01-26.indd 37 13/03/2026 14:51

**21.** Questions et divers

## DÉI LÉNK

Suessem, den 11. November 2025

### UN DE SCHÄFFEROT VUN DER GEMENG SUESSEM

Gemäss dem Artikel 13 vum ëmgeännerte Gemengegesetz vum 13.12.1988 wollte mer e puer Froe stellen.

Et ass elo e besse méi wéi 1 Joer hier, dass mer an dësem Gemengerot eng schrëfflech Fro iwwert eis Suergekand KRONOSPAN gestallt hunn.

Mir wëssen, dass déi Responsabel vu KRONOSPAN sech regelméisseg mat de Responsablen vun der Gemeng Déifferdeng a Suessem gesinn resp. mateneen korrespondéieren.

An de Rapporte d'expertise um Site vum Ëmweltministère ginn fir 2025 – de läschte Contrôle wuar den 22. Oktober vun dëssem Joer – ëmmer nach 4 non conformités mineures an 3 non conformités significatives opgezielt, notamment Depassementer wat de Kaméidi Nuets ugeet, a wat Loftbelaaschtung ugeet. Weider geet aus dem Rapport erviir, dass verschidde Berichter an Erhiewungen déi gefrot wuaren, net vu KRONOSPAN geliwwert gi sinn.

Ech zitéieren aus dem Rapport wat de Kaméidi ugeet (NC03): « *L'étude acoustique actualisée (Ingenieurbüro P. Pies du 21/07/2020) montre que les niveaux de bruits équivalents autorisés, en provenance de l'exploitation, sont dépassés pour la période nocturne. L'actualisation de cette étude, incluant le rapport de réception acoustique pour l'installation de coïncinération CHP3, n'a pas été présentée dans le délai fixé par l'autorisation d'exploitation* »

Wat d'Loftbelaaschtung ugeet ginn et gläich 2 non conformités significatives. Ech zitéire kuerz (NC03) « … *Les derniers contrôles des effluents gazeux rejetés par les bypass (rapport BTL/RA22203 du 07/12/2022 et BTL/RA24313 du 16/01/2025) a relevé un dépassement de la valeur limite pour les paramètres NOx, CO et poussières auprès de l'installation de combustion Kablitz 1.* »

a weider (NC04) « *Les mesures en continu des polluants rejetés à l'atmosphère par les installations de coïncinération CHP montrent des dépassements par rapport aux valeurs-limites prescrites* … »

Am September hat eisen Ëmweltschäffen während enger Entrevue vu KRONOSPAN mat 24 Bierger·innen aus Déifferdeng a Suessem ugekennegt, et ging eng ëffentlech Infomatiounsversammlung am Hierscht mat Experte vum Ëmweltministère organiséiert ginn, wou Froen zu de Problemer bei KRONOSPAN kéinte gestallt ginn.

D'Biergerinitiative an de Mouvement Ecologique haten an engem Kommuniqué gefrot, dass e **COMITE D'ACCOMPAGNEMENT** sollt geschaffe gin, esou wéi dat och zu Esch mat ARCELOR-MITTAL de Fall ass, well esou e bessere Suivi méiglech wier.

Eis Froen am Zesummenhang mat KRONOSPAN wieren déi:

— Wéi wäit gi mir als Gemengen resp. eise Ëmweltservicer informéiert wann déi opgezielte non conformités behuewe resp. net behuewe goufen?
— Wat huet eis Gemeng virgesinn fir de Fall wou déi gefroten „mises en conformités" net an de virgeschriwenen Délais behuewe ginn?
— Wéini hat dir geplangt déi ugekënnegt Informatiounsversammlung konkret anzeberuffen a wier dat net d'Geleeënheet all déi Froen och nach emol hei mat de Responsabele vu KRONOSPAN an dem Ministère ze beschwätzen a verbindlech Zousoen ze fuerderen?
— Ënnerstetzt eise Schäfferot d'Fuerderungen vun der Biergerinitiative a vum Mouvement écologique de COMITE d'ACCOMPAGNEMENT an d'Liewen ze ruffen, am Interessen vun eise Bierger·innen sou wéi dat zu Esch mat ARCELOR-MITTAL funktionnéiert?

Mat beschte Gréiss,

*Myriam Cecchetti,*
Gemengeréitin vun déi Lénk Suessem

LINK zu den Rapporte d'expertise um Site vum Ëmweltministère: https://environnement.public.lu/fr/emweltprozeduren/Autorisations/Etablissements_classes/IED/arretes-ied/autres-activites/kronospan.html

**Réponse du Collège des bourgmestre et échevin·e·s :**

*Wéi wäit gi mir als Gemengen resp. eise Ëmweltservicer informéiert wann déi opgezielte non conformités behuewe resp. net behuewe goufen?*

Mir ginn u sech net als Gemeng oder Ëmweltservice informéiert. Mir waarden ëmmer deen nächste Rapport of, dee mir dann awer kréien. Oder mir ginn eben aktiv bei der Ëmweltverwaltung nofroen, wa mir dat wëllen.

*Wat huet eis Gemeng virgesinn fir de Fall wou déi gefroten „mises en conformités" net an de virgeschriwenen Délais behuewe ginn?*



kk_36_nr01-26.indd 38 13/03/2026 14:51

Näischt, well mir kënne näischt maachen. Et ass net eise Ressort. Dëst fällt an den Zoustännegkeetsberäich vun deene jeeweilege Verwaltungen, an dësem Fall vun der Ëmwelt oder dem Waasser. An et sinn och déi, déi dem Minister Propose maachen, wéi domadden ëmzegoen ass. Mir, als Gemeng, hunn déi „Mise en Conformités" net festgehalen a kënnen dofir och net hannendrun eppes maachen.

*Wéini hat dir geplangt déi ugekënnegt Informatiounsversammlung konkret anzeberuffen a wier dat net d'Geleeënheet all déi Froen och nach emol hei mat de Responsabele vu KRONOSPAN an dem Ministère ze beschwätzen a verbindlech Zousoen ze fuerderen?*

Jo, mir hunn eng Versammlung geplangt. Awer eng ënnert deenen zwee Gemengeréit, Déifferdeng a Suessem, an dëst a Präsenz vun deene jeeweilegen Ëmweltkommissiounen. Mir als Schäfferot sinn dem Gemengerot Informatioune schëlleg an dofir wäerte mir dës Reunioun ufanks 2026 aberuffen. Soubal d'Ministèren äntweren, deele mir iech dee geneeën Datum mat.

*Ënnerstetzt eise Schäfferot d'Fuerderungen vun der Biergerinitiative a vum Mouvement écologique de COMITE d'ACCOMPAGNEMENT an d'Liewen ze ruffen, am Interessen vun eise Bierger.innen sou wéi dat zu Esch mat ARCELOR-MITTAL funktionnéiert?*

Mir hunn ee Comité d'Accompagnement, dee gëtt et schonns. Deen heescht villäicht net esou, mee do sinn net nëmmen d'Schäfferéit vun deenen zwou Gemengen dran, mee och d'Ëmweltservicer, d'Bautebüroen, den Ëmweltministère, de Wirtschaftsministère, d'Waasserverwaltung an der Kronospan natierlech. Dëse Grupp kënnt zwee bis dräi Mol d'Joer un engem Dësch zesummen, mee do ass bis ewell net gewënscht fir dës Ronn fir Externer opzemaachen. Mir wëssen, datt dat zu Esch anescht ass, mee och mir hunn ee Grupp zesumme mat Déifferdeng an der ArcelorMittal an och do si keng extern Membere mat dobäi. Et ass also net ugeduecht dëst ze änneren, mee natierlech informéiere mir de Gemengerot weiderhinn, wann et eppes ze kommunizéiere gëtt.

## — SÉANCE À HUIS CLOS

### — PERSONNEL

**22.** Autorisation d'ester en justice.
**» Vote unanime**

**23.** Nomination définitive d'un·e fonctionnaire communal·e à plein temps, du groupe de traitement D1, sous-groupe à attributions particulière avec effet au 1er septembre 2025.
**» Est nommé définitivement : M. CAVALIERI Daniele**

**24.** Nomination définitive d'un•e fonctionnaire communal·e à plein temps, du groupe de traitement D1, sous-groupe à attributions particulière avec effet au 1er septembre 2025.
**» Est nommée définitivement : Mme SORAGNA Chiara**

25. Démission d'un·e fonctionnaire communal·e du groupe de traitement C1, sous-groupe administratif, à partir du 1er janvier 2026.
**» Est démissionné : M. CROCENZI Cliff**

26. Classement d'un·e employé·e communal·e.
**» Classement accordé**



kk_36_nr01-26.indd 39 13/03/2026 14:51



# Gemeinderatssitzung Sanem

## Freitag, **14. November 2025**

**BELES** – In der Gemeinderatssitzung am Freitag, den 14. November 2025, standen insgesamt 26 Punkte auf der Tagesordnung. In der gut zweistündigen Sitzung kam es lediglich bei der Genehmigung des Mietvertrages einer Dachfläche an SUDenergie, sowie dem Verwaltungsabschlusses des Haushaltsjahres 2023 zu Gegenstimmen seitens der Opposition. Diskussionsbedarf bestand bei den neu eingezeichneten Parkplätzen hinter dem Ehleringer Kulturschapp. Unter *Questions et divers* hatte déi Lénk einige Fragen im Zusammenhang mit der Kronospan.

Zu Beginn der Sitzung informierte LSAP-Bürgermeisterin Simone Asselborn-Bintz den Gemeinderat, dass das Kulturministerium und die zuständige Kommission dem Antrag der Gemeinde zugestimmt hätten, die Schule Zolwer Zenter als schützenswert zu klassifizieren. Dasselbe gelte auch für den Bauernhof neben der Gemeinde in Beles – hier hatte die Gemeinde jedoch selbst ein negatives Gutachten abgegeben.

Bei den Projekten stand lediglich ein Punkt auf der Tagesordnung. So wurden 41.000 Euro freigegeben, um eine Straße in Sanem in Nähe des Reiterhofs zu sanieren. Im Anschluss wurden gleich mehrere Immobilientransaktionen verabschiedet. Zum Votum kam lediglich die Genehmigung des Mietvertrags für die Dachfläche der Modularschule Scheierhaff. Aufgrund vorheriger Diskussionen in vorangegangenen Sitzungen stimmte Serge Faber (déi gréng) gegen den Mietvertrag mit SUDenergie. Max Lehnen (DP) fragte, ob weitere Standorte in der Gemeinde für Photovoltaikanlagen geprüft würden, etwa größere Parkplätze wie am Boulodrome oder Scheierhaff. Simone Asselborn-Bintz (LSAP) antwortete, dass die Umweltkommission und die zuständigen technischen Dienste bereits erste Überlegungen zu diesem Thema angestellt hätten.

### BUDGET DES SOZIALAMTES UND VERWALTUNGSABSCHLUSS 2023

Jean-Pierre Schlesser stellte daraufhin den Haushalt des Sanemer Sozialamtes vor. Der Präsident erklärte, dass der Gesamtzuschuss der Gemeinde von Jahr zu Jahr leicht nach oben gehe. Von 768.000 Euro 2025 auf 826.000 Euro im kommenden Jahr. Dies sei vor allem auf die allgemeinen Preissteigerungen sowie zusätzliches Personal zurückzuführen. Schlesser bedankte sich im Namen des gesamten Verwaltungsrates und des Personals für die hervorragende und vertrauensvolle Zusammenarbeit mit der Gemeinde. Dies sei keineswegs eine Selbstverständlichkeit. Während Simone Asselborn-



kk_36_nr01-26.indd 40 13/03/2026 14:51

Bintz (LSAP) den Dank umgehend zurückgab, lobte Serge Faber (déi gréng) insbesondere die detaillierte und gute Finanzführung des Amtes.

CSV-Finanzschöffin Nathalie Morgenthaler erläuterte im Folgenden die Genehmigung des Verwaltungsabschlusses für das Haushaltsjahr 2023. Sie unterstrich, dass die Gemeinde das Jahr mit einem Gesamtüberschuss von rund 44,9 Millionen Euro abgeschlossen habe, wobei die Einnahmen 159,5 Millionen Euro und die Ausgaben 114,6 Millionen Euro betrugen. Der Dienst für die Kontrolle der Gemeindebuchhaltung des Innenministeriums habe am 8. September seinen Bericht mit verschiedenen Anmerkungen vorgelegt, zu denen der Schöff·innenrat schriftlich Stellung genommen habe.

Die Finanzaufsicht habe unter anderem Hinweise zu Anschlussgebühren, der korrekten Verwendung von Buchungscodes sowie zur ordnungsgemäßen Verbuchung von Kautionen gemacht. Zur Optimierung seien deshalb neue Softwarelösungen eingeführt und entsprechende Schulungen durchgeführt worden. Darüber hinaus wurden geringfügige Sanktionen durch die Sozialversicherung sowie technische Probleme mit dem SoFIE-Programm festgestellt, die mittlerweile behoben beziehungsweise erstattet worden seien. Im Bereich der öffentlichen Aufträge seien Verstöße gegen das Vergabegesetz festgestellt worden, darunter fehlende formelle Beschlüsse und Ausschreibungen. Der Schöff·innenrat habe sich für diese Mängel entschuldigt und angekündigt, künftig gesetzeskonforme Verfahren einzuführen sowie neue Leistungsverzeichnisse zu erstellen. Außerdem seien Unregelmäßigkeiten im Personalbereich, darunter genehmigungsfreie Nebentätigkeiten, fehlerhafte Rechnungsstellungen und unzulässige Zusatzurlaubstage identifiziert worden, die nun rechtlich geklärt und analysiert würden. Abschließend betonte Morgenthaler (CSV), dass für öffentliche Aufträge künftig systematisch Schlussabrechnungen erstellt und die noch offenen Abrechnungen bis Ende 2025 finalisiert werden sollen.

Serge Faber (déi gréng) erklärte im Anschluss, dass seine Partei diesen Punkt aufgrund der zahlreichen Bemerkungen des Innenministeriums nicht mittragen könne. Max Lehnen (DP) wunderte sich seinerseits, dass Gemeindebeamt·innen ihre eigenen Kreditkarten nutzen müssen, um Kosten vorzustrecken. Dies sei unüblich in einem Betrieb. Simone Asselborn-Bintz (LSAP) antwortete, dass der Schöff·innenrat sich dieser Problematik bewusst sei und im Austausch mit der Gemeindekasse an einer für alle Seiten zufriedenstellenden Lösung gearbeitet werde. Der Verwaltungsabschluss des Haushaltsjahres 2023 wurde anschließend mit 14 zu 3 Stimmen (déi gréng, déi Lénk, ADR) angenommen.

Im Folgenden stimmten die Rät·innen unisono einer Zahlung von knapp 10.000 Euro an die Steuerverwaltung zu. Dieser Betrag war nach einer Abrechnung der Lohnsteuer aus den Jahren 2019 bis 2024 fällig geworden. Anschließend bewilligten die Rät·innen die Versteigerung zweier älterer Fahrzeuge aus dem kommunalen Fuhrpark.



## DISKUSSIONEN UM PARKPLÄTZE HINTER DEM KULTURSCHAPP

Der zuständige CSV-Verkehrsschöffe Mike Lorang erklärte daraufhin, dass die TICE-Linie 5 ab dem 5. Januar 2026 ihren Endpunkt im ZARE Est haben und zu diesem Zweck eine neue Bushaltestelle eingerichtet werde. Weiter berichtete er, dass hinter dem Kulturschapp elf Parkplätze eingezeichnet wurden, die nun auch für die Öffentlichkeit zugänglich seien. Aus diesem Grunde schlage der Schöff·innenrat vor, den gesamten Parkplatz – ebenso wie jenen neben dem Kulturschapp – auf eine maximale Parkdauer von fünf Stunden zu beschränken. Serge Faber (déi gréng) dankte dem Schöff·innenrat für die Bemühungen, die anhaltende Parkplatzproblematik am Ehleringer Kulturschapp anzugehen. Er bedauerte jedoch, dass die neue Reglementierung den viel genutzten Hof de facto dauerhaft in einen Parkplatz verwandle. Der Hof werde besonders vom SEA für Aktivitäten im Freien geschätzt, selbst bei nicht optimalem Wetter, und Ehleringer Vereine profitierten ebenso, wenn sie den Festsaal mieten, wodurch die neuen Plätze ohnehin oft nicht nutzbar seien. Faber (déi gréng) fragte, ob dies dem Schöff·innenrat bewusst sei und ob ein Austausch mit dem SEA stattgefunden habe. Zudem wies er



kk_36_nr01-26.indd 41 13/03/2026 14:51

darauf hin, dass zumindest ein Parkplatz so eingezeichnet sei, dass Fluchtwege nicht garantiert seien, und schlug vor, diesen Fluchtweg sichtbar auf dem Boden zu markieren, um Falschparker·innen abzuschrecken.

Mike Lorang (CSV) erwiderte, dass in der Vergangenheit bei Veranstaltungen ohnehin häufig im Hof geparkt wurde. Die neue Verordnung und die eingezeichneten Stellplätze reglementierten dies nun lediglich offiziell. LSAP-Bürgermeisterin Simone Asselborn-Bintz ergänzte, dass der Hof bei zukünftigen Reservierungen nicht mehr automatisch mitgenutzt werden könne, sondern gezielt angefragt werden müsse. Der Schöff·innenrat betonte, dass man nun mehr Handhabe gegen Falschparker·innen habe. Schöffe Steve Gierenz (LSAP) versicherte, dass man sich nochmals mit dem SEA zusammensetzen werde und sicherlich eine konstruktive Lösung für alle Beteiligten gefunden werde.

Serge Faber (déi gréng) bezweifelte, dass die Parkplätze den gewünschten Effekt auf Wildparken haben würden. Simone Asselborn-Bintz (LSAP) ergänzte, dass man in diesem Zusammenhang jüngst ein Sensibilisierungsschreiben an die lokalen Vereine herausgegeben habe. Myriam Cecchetti (déi Lénk) begrüßte die neuen Stellplätze, warf in diesem Zusammenhang aber ein, dass Ehleringen insgesamt schwierig mit dem öffentlichen Verkehr erreichbar sei – vor allem größere Veranstaltungen, die abends am Wochenende stattfinden, litten darunter. Anne Logelin (CSV) wusste zu berichten, dass die Sportkurse der Gemeinde sehr gerne vom Hof profitierten und dies in Zukunft sicher weiterhin tun würden. Abschließend schlug Max Lehnen (DP) vor, lokale Vereine bei größeren Veranstaltungen durch Unterstützung eines Shuttledienstes zu entlasten.

## RESSOURCENMANAGEMENT VORGESTELLT

Christophe Mossong vom Umweltdienst stellte im Anschluss das Konzept des Ressourcenmanagements vor, das im Rahmen des kommunalen Klimapaktes gemeinsam mit einem Expertenbüro, kommunalen Dienststellen sowie der Umweltkommission erarbeitet wurde. Ziel war es, Prioritäten zu setzen und festzulegen, welche Maßnahmen wann umgesetzt werden. Schwerpunktbereiche sind Wasser, Strom, Wärme und Abfall, ergänzt durch Sensibilisierungskampagnen, die kommunalen Gebäude, Kreislaufwirtschaft und die allgemeine Stadtplanung. Aus zahlreichen Gesprächen entstand ein Katalog mit 57 größeren und kleineren Maßnahmen. Vor dem nächsten Klimapaktaudit 2027 soll eine detaillierte Analyse der Fortschritte erfolgen. Dabei wird die Sensibilisierung als besonders wichtig erachtet, mit dem Fokus auf kommunale, konkrete und zielgerichtete Maßnahmen, so Mossong weiter.





kk_36_nr01-26.indd 42 13/03/2026 14:51

Ein zentraler Punkt ist die Energietransition mit dem Ausbau von Photovoltaikanlagen, um das Potenzial der Gemeindedächer bestmöglich zu nutzen. Zudem wird geprüft, wo Gasheizungen durch Wärmepumpen ersetzt werden können und der Umstieg auf LED-Straßenbeleuchtung soll beschleunigt werden. Außerdem sind Best-Practice-Beispiele vorbildlicher Betriebe geplant, um diese öffentlich hervorzuheben. Weitere Maßnahmen umfassen Green Events, eine verbesserte Abfallverwaltung sowie die Förderung des SuperDrecksKëscht-Labels.

Myriam Cecchetti (déi Lénk) begrüßte das Konzept, äußerte aber Zweifel an der Wirkung klassischer Flyer und sprach sich für eine frühzeitige Sensibilisierung der jüngsten Bürger·innen in Schulen und Betreuungsstrukturen aus. Christophe Mossong verwies in diesem Zusammenhang auf das Bildungszentrum Matgesfeld und befürwortete eine verstärkte Aktivität in den Grundschulen. Steve Gierenz (LSAP) und Myriam Cecchetti (déi Lénk) hoben nochmals den Bildungsauftrag der formalen und non-formalen Erziehung hervor. Max Krippler (LSAP) schlug abschließend vor, bewährten Beispielen anderer Gemeinden zu folgen und ein hybrides Modell aus Sensibilisierung und Sanktionierung anzustreben, um die Wirkung der Maßnahmen zu erhöhen.

## VERSTÄRKTE ZUSAMMENARBEIT MIT ZARABINA

LSAP-Bürgermeisterin Simone Asselborn-Bintz legte der Ratssitzung eine Anpassung der Vereinbarung mit der Zarabina asbl vor, die einstimmig abgesegnet wurde. Sie betonte, dass Zarabina die Gemeinde langfristig bei der nachhaltigen Unterstützung von Menschen auf Arbeitssuche begleite. Die Beratungstermine mit Sozialarbeiterin Sandra Sidon verliefen sehr gut, und weitere seien bereits geplant. Asselborn-Bintz (LSAP) hob hervor, dass Zarabina zudem Workshops zur Kompetenzentdeckung und Bewerbungsvorbereitung angeboten habe. Das Projekt solle künftig stärker in der Gemeinde verankert werden, mit enger Kooperation zwischen Zarabina und den kommunalen Diensten. Ziel sei eine optimierte Programmplanung, die den lokalen Bedürfnissen optimal gerecht werde.

Unter *Questions et divers* hatte déi Lénk gleich mehrere schriftliche Fragen im Zusammenhang mit dem Unternehmen Kronospan eingereicht. So wollte man wissen, wie die Gemeinde und der Umweltdienst über die Behebung der Umweltverstöße von Kronospan informiert werden. Ferner fragte man nach den geplanten Maßnahmen bei Nichteinhaltung verschiedener Vorschriften sowie nach dem Termin einer Informationsversammlung. Zudem erkundigte sich déi Lénk, ob der Schöff·innenrat die Forderung nach einem Begleitausschuss – wie bei ArcelorMittal in Esch – unterstütze, um die Bürger·inneninteressen zu wahren.

Bürgermeisterin Simone Asselborn-Bintz (LSAP) betonte, dass in dieser Angelegenheit alle an einem Strang zögen und nichts verheimlicht werde (den genauen Wortlaut der Antworten finden Sie auf Seite 38). Die Fragen von déi Lénk blieben ähnlich, die Antworten und der Handlungsspielraum der Gemeinde jedoch unverändert. Das Unternehmen bemühe sich stets um Verbesserungen, es gebe aber immer wieder „Peaks“ mit Vorfällen. Man vertraue den zuständigen Ministerien, dass diese ihrer Rolle nachkommen. Myriam Cecchetti (déi Lénk) bedauerte, dass Bürger·innen keinen Zugang zu einem *Comité d'accompagnement* erhielten – dies habe einen bitteren Beigeschmack. Schade sei auch, dass die Gemeinde nicht besser informiert werde; dies sei eher ein kommunales als ein nationales Problem. Asselborn-Bintz (LSAP) erinnerte daran, dass der Schöff·innenrat aus gewählten Vertreter·innen der Bevölkerung bestehe und sich auch in dieser Angelegenheit für diese einsetze.

Mara Schammo (ADR) erkundigte sich gegen Ende der Sitzung nach der Sperrung eines Teilabschnitts des Fahrradwegs in unmittelbarer Nähe des Zolwer Knapp. Serge Faber (déi gréng) fragte, ob die Gemeinde beabsichtige, den Fahrradweg in der Rue Robert Krieps, der entgegen der Fahrtrichtung für den motorisierten Verkehr verläuft, großflächig rot zu markieren, wie es vom Mobilitätsministerium neuerdings empfohlen wird. Zudem regte er an, an den Kreuzungen der Rue Wassertrap mit der Rue Charly Gaul sowie mit der Rue Robert Krieps Fußgängerüberwege einzurichten, da viele Kinder diesen Schulweg täglich nutzen und sich nicht alle Autofahrer·innen an die geltenden Geschwindigkeitsbegrenzungen halten. CSV-Verkehrsschöffe Mike Lorang erklärte, dass man diesen Anliegen nachgehen werde, um die Sicherheit der Verkehrsteilnehmer·innen zu verbessern.

Audiodatei der Gemeinderatssitzung
WWW.SUESSEM.LU/LB/SEANCE-YEAR/2025



kk_36_nr01-26.indd 43 13/03/2026 14:51




# Procès-verbal des votes du Conseil communal de Sanem lors de la séance publique

## lundi, **24 novembre 2025**

date de l'annonce publique: **17 novembre 2025**
date de la convocation des conseillers: **17 novembre 2025**
début: **14h15** fin: **16h10**

**PRÉSENTS**:
*Mme Asselborn-Bintz Simone*, présidente,
*M. Anen Gaston, M. Bronzetti Denis, Mme Cecchetti Myriam, M. Dahm Yves, M. Da Silva Bruno, M. Faber Serge, M. Gierenz Steve, M. Goelhausen Marco, M. Haas Marc, M. Krippler Max, M. Lehnen Max, M. Lorang Mike, Mme Morgenthaler Nathalie, Mme Romeo Franca, Mme Schammo Mara, Mme Manon Greven*, secrétaire communale

**ABSENT·S EXCUSÉ·S**: *Mme Logelin Anne*

**PREMIER VOTANT**: *M. Lorang Mike*

M. Marc Haas a rejoint la séance à 14h52 (Point 2).

**ORDRE DU JOUR**

Le Collège des bourgmestre et échevins demande au Conseil communal de bien vouloir ajouter les points suivants à l'ordre du jour:

**6. a.** Modification du règlement de circulation de la commune de Sanem.
**» Vote unanime**

**13. b.** Motion de la part du parti politique déi gréng.
**» Vote unanime**

Le Collège des bourgmestre et échevins demande au Conseil communal de bien vouloir retirer le point suivant de l'ordre du jour:

**10.** Mise à la casse d'un véhicule des Services de Régie.
**» Vote unanime**

**1.** Correspondance et informations

## — FINANCES COMMUNALES

**2.** Présentation du budget initial 2026.
**» Prise de connaissance**

## — TRANSACTIONS IMMOBILIÈRES

**3.** Approbation du contrat de bail pour la parcelle 212/8784, lieu-dit « Rue Pierre Neiertz » à Soleuvre.
**» Vote unanime**

**4.** Approbation d'un compromis de cession à titre gratuit avec l'Association de Parents d'Enfants Mentalement Handicapés (A.P.E.M.H.) concernant un terrain à Belvaux.
**» Vote unanime**

**5.** Approbation d'un compromis de cession à titre gratuit concernant des terrains à Sanem.
**» Vote unanime**

## — CIRCULATION

**6. a.** Modification du règlement de circulation de la commune de Sanem :

Article 1 :

Les dispositions concernant la zone d'activité Um Woeller (CV) à Soleuvre sont modifiées comme suit :

| Article | Libellé | Situation |
|---|---|---|
| 1/6 | Vitesse maximale autorisée | 30km/h, toutes les rues latérales, dans les deux sens |




**» Vote unanime**

**6. b.** Approbation de règlements d'urgence pris par le Collège des bourgmestre et échevin·e·s :

— Vu le règlement temporaire d'URGENCE de la circulation à l'occasion des travaux de réalisation d'un Quai de bus dans l'Avenue du Blues à Belvaux, approuvé par le Collège des bourgmestre et échevins dans sa séance du 21 novembre 2025 (U025-95).
**» Vote unanime**

## — OFFICE SOCIAL

**7.** Nomination de quatre membres du conseil d'administration de l'Office social de Sanem :

| Nom | Prénom | OUI | NON |
|---|---|---|---|
| Dondelinger | Henri | 16 | |
| Merenz | Norbert | 16 | |
| Pütz-Seil | Monique | 16 | |
| Reuter-Bauler | Carine | 16 | |
| Schmit-Franzen | Gaby | | |

**» Est nommé : Monsieur Dondelinger Henri**
**» Est nommé : Monsieur Merenz Norbert**
**» Est nommée : Madame Pütz-Seil Monique**
**» Est nommée : Madame Reuter-Bauler Carine**

## — DIVERS

**8.** Approbation d'une convention cadre d'adhésion « SuperDrecksKëscht fir Betrieber » entre Oeko Service Luxembourg SA et la commune de Sanem pour le « Emwelt- a Bildungszenter Matgesfeld », le SEA Walerwiss et la crèche Verata.
**» Vote unanime**

**9.** Approbation du plan de gestion annuel de la forêt 2026.
**» Vote unanime**

**10.** Mise à la casse d'un véhicule des Services de Régie.
**» Point retiré**

**11.** Prise de connaissance du changement siège social « RespectEachOther Asbl ».
**» Prise de connaissance**

**12.** Modification de la composition des commissions consultatives :
**a.** Commission des affaires scolaires :

| Nom | Prénom | Statut | Fonction |
|---|---|---|---|
| **Est démissionné :** | | | |
| OLMO | Serge | Membre | SEA |
| AFONSO | Cindy | Membre | RASE |
| **Est nommé :** | | | |
| AFONSO | Cindy | Membre | SEA |
| RIBEIRO | Joana | Membre | RASE |



kk_36_nr01-26.indd 45 13/03/2026 14:51

**b.** Commission scolaire :

| Nom | Prénom | Statut | Fonction |
|---|---|---|---|
| **Est démissionné :** | | | |
| OLMO | Serge | Membre | SEA |
| AFONSO | Cindy | Membre | RASE |
| **Est nommé :** | | | |
| AFONSO | Cindy | Membre | SEA |
| RIBEIRO | Joana | Membre | RASE |

**13. a.** Motion de la part du parti politique déi gréng :

.........................................................................................

**Motion accordée comme suit :**

## MOTIOUN FIR DEN ~~ÄUSBÄU~~ AUSBAU VUN DEN ËFFENTLECHEN INFRASTRUKTUREN ZU ÉILERENG AN DEM SERVICE UN DE BIERGER·:INNEN AM ALLGEMENGEN

— Wëssend, datt de Schäffen- a Gemengerot ëmmer beméit ass, fir de Bierger·:inne gutt ëffentlech Infrastrukturen a gutt Servicer unzebidden;

— Wëssend, datt de Kulturschapp zu Éilereng ~~bal dat ganzt Joer méi ewéi~~ gutt ausgelaascht ass;

— ~~Betruechtend, datt de Kulturschapp zu Éilereng mëttlerweil net méi den Ufuerderungen vun haut entsprécht, haaptsächlech wat d'Gréisst an d'Unzuel vun de Säll betrëfft;~~

— Wëssend, datt een neie Museksall zu Éilereng geplangt soll ginn gëtt;

— ~~Wëssend, datt déi nei Strukutur vum SEA „Waalerwiss" elo scho net genuch Plaz huet an all Dag op de Kulturschapp ausgewach gëtt;~~

— Wëssend, datt deelweis nach Kanner aus der SEA an der Mëttesstonn am Kulturschapp iessen;

— Wëssend, datt d'Grondschoul vun Éilereng d'Sportstonnen an och aner Aktivitéiten am grousse Sall vum Kulturschapp ofhält;

— Wëssend, datt et zu Éilereng besonnesch ronderëm de Kulturschapp ~~massif~~ un ëffentlech Parkplaze mangelt an et dofir ~~bal all Dag~~ zu chaotesche Situatioune kënnt an zudeem d'Sécherheet vun de Foussgänger·innen hei a Gefor ass;

— Betruechtend, datt d'Leit duerch schlecht oder feelend Verbindunge vum ëffentlechen Transport awer bal forcéiert sinn den Auto ze benotze fir u Manifestatiounen am Kulturschapp oder generell am Duerf deelzehuelen;

— Wëssend, datt de Schäffen- a Gemengerot bestrieft ass, fir méi bezuelbare Wunnraum an der Gemeng ze schafen.

fir Immobilien ze erwerben, déi de kommende 25. November am Kader vun enger ëffentlecher Stee vun den Hausnummere 2, 4, 6 an 8 an der Kulturschappstrooss ugebuede ginn, dëst natierlech ënnert der Konditioun, datt den erreechte Verkafspräis an enger finanzieller Rumm läit, déi fir d'Gemeng vertrietbar bleift.

— Dëst géif d'Méiglechkeet schafe, fir op dëser zentraler Plaz am Duerf ~~d'~~ eppes „am intérêt public" ze maachen, entweder: Infrastrukture fir eis Veräiner, Associatiounen, Betreiungs- a Schoulstrukturen ~~äuszebauen~~, ~~fir~~ bezuelbare Wunnraum, a Parkraum ~~ze schafen a net zu Lescht, fir dat bestehend~~ oder dat besteeënd Noerhuelungsgebitt z'eerweideren a besser an de ganze Site z'eintegréieren.

— Et wier, kuerzerhand an a villen Hisiichten, ee laangfristegen Invest an d'Zukunft an an d'Liewens-qualitéit vun eise Bierger·:inne vun Éilereng an aus der ganzer Gemeng.

.........................................................................................

**13. b.** Questions et divers

.........................................................................................



kk_36_nr01-26.indd 46 13/03/2026 14:51



# Gemeinderatssitzung Sanem

## Montag, **24. November 2025**

**BELES** – Die Gemeinderatssitzung am Montagnachmittag, dem 24. November 2025, stand ganz im Zeichen der Vorstellung des Haushaltsplans für das Jahr 2026. In der knapp zweistündigen Sitzung, in der alle Tagesordnungspunkte einstimmig beschlossen wurden, nahmen die Haushaltsreden von LSAP-Bürgermeisterin Simone Asselborn-Bintz und CSV-Finanzschöffin Nathalie Morgenthaler mehr als die Hälfte der Zeit ein.

Zu Beginn der Sitzung teilte Bürgermeisterin Simone Asselborn-Bintz (LSAP) einige Zahlen zum Wanterfeeling 2025 mit. Insgesamt seien knapp 11.000 Tickets verkauft worden, davon 6.000 im Vorverkauf und 5.000 an der Tageskasse. Am gesamten Veranstaltungswochenende konnte die Gemeinde zwischen 11.000 und 13.000 Besucher·innen begrüßen – angesichts des mäßigen Wetters ein beachtlicher Andrang. Asselborn-Bintz (LSAP) dankte allen Besucher·innen für ihr Kommen sowie den Gemeindediensten für deren großen Einsatz bei der Durchführung des Events.

Anschließend wurde der rektifizierte Haushalt 2025 und das Budget 2026 gemeinsam von Simone Asselborn-Bintz (LSAP) und Nathalie Morgenthaler (CSV) vorgestellt.

### BÜRGERMEISTERIN SIMONE ASSELBORN-BINTZ (LSAP)
### FIR ENG GEMENG AN DÄR MER ALL GÄRE LIEWEN

Léif Kolleegen a Kolleeginnen aus dem Gemengerot, léif Membere vun der Press, léif alleguer.

Wann ech gefrot ginn, wat d'Gemeng Suessem ausmécht, wisou et sech hei gutt liewe léisst, dann zielen ech ganz gären e puer Saachen op: de Gaalgebierg mat sengen Tréppelweeër, d'Méiglechkeete Sport do ënnert fräiem Himmel ze maachen an ofzeschalten, de Park um Belval, wou Jonk an Al sech kënne begéine fir ze chillen, ze tréppelen, Sport ze maachen oder e Pättchen oder eng Taass Kaffi am Pavillon ze drénken; eist Matgesfeld mat all sengen Aktivitéite ronderëm d'Gaarden-aarbecht an Nohaltegkeet fir Kanner an och déi Grouss, de nationale Boulodrome am Metzerlach fir all Generatiounen.

Eis Gemeng huet modern Schoulinfrastrukture mat SEA a Crèche fir eis Kanner, e gutt organiséiert Jugendhaus fir eis Jugendlech, vill Spillplaze fir eis Klengst, eng Struktur fir eeler Leit déi jo ganz vun der Gemeng geréiert gëtt, eng Rëtsch Kultur- a Sportsveräiner mat gudden Infrastrukturen

an och soss eng ganz Lëscht vu Veräiner, déi sech asetze fir eis Gemeng méi liewenswäert ze maachen, den Artikuss, mat enger wäit gefächerter Programmatioun, wou mëttlerweil Leit vu ronderëm ugezu ginn an och aner Kulturevents wéi de *Wanterfeeling* oder de *Flow*, et gëtt eng Rei vu Geschäfter an eiser Gemeng, net ganz vill, ech ginn et zou, mee et fënnt een awer déi néideg Saache fir ze liewen. Mär hu ganz gutt Gemengeservicer, déi beméit sinn sech fir eis Awunner an Awunnerinnen anzesetzen, se ze begleeden an och Projete maachen déi eist Zesummegehéiere fërderen.

Suessem ass eng lieweg Gemeng mat Leit aus ville Natiounen, wou et och einfach ass sech wuel ze fillen an Uschloss ze fannen, eng Gemeng fir jiddereen also.

Haut schwätze mer net nëmmen iwwert e Budget, mat enger Lëscht vu Recetten an Ausgaben, mee et ass u sech eng politesch Entscheedung iwwert d'Zukunft vun eiser Gemeng. Eng Zukunft déi mär sozial, nohalteg a responsabel ausschaffe wëllen. 2026 gëtt e weidert Joer vun essentiellen Investitiounen, net vun "nice to have"n, mee vun dem wat muss gemaach ginn, fir dass eis Gemeng funktionéiert. Suessem wiisst – an dat ass gutt. Enn 2026 gëtt gerechent, dass mer 20.300 Awunner·inne wäerten hunn. Dat weist, dass eis Gemeng attraktiv ass, liewenswäert, sozial staark. Mee dëse Wuesstem bréngt och Verantwortung mat sech. D'Zuele si kloer: Mär kréien all Joer méi Kanner an eis Schoulen a méi Leit, déi op eis Déngschter zielen. Dat ass keng abstrakt Statistik – dat si Familljen, dat si Kanner, dat sinn Erwuardungen un eis Gemeng. Dës Situatioun verlaangt kloer Prioritéiten, keng Projeten, déi just gutt ausgesinn, mee näischt léisen.

D'Realitéit ass:

- D'Lounkäschten an den ëffentlechen Déngscht sinn eropgaang.
- Material a Baukäschte sinn net erofgaang – am Géigendeel.
- Eis technesch Servicer lafen um Limitt, well d'Demande un eng wuessend Gemeng ëmmer méi grouss gëtt.

Et ass kloer fir eis, dass eis Prioritéite stëmme mussen: Bildung, Infrastruktur a Wunnengsbau. Wann eng Gemeng méi Kanner huet, da brauch se méi Schoulplazen.

Dat ass eis Responsabilitéit, sozial, gesetzlech a mënschlech. Mär stoussen an e puer vun eise Schoulen op Kapazitéitsgrenzen. Dëst ass net e Problem vu moar – et ass e Problem vun haut, deen dëse Budget och erëmspigelt.

Eng nei Schoul mat SEA bauen heescht:

- eis Kanner kréie Plaz,
- eis Enseignantë kënne qualitativ gutt schaffen,
- d'Elteren hu Sécherheet, fir dass si berouegt kënne schaffe goen,
- d'Gemeng bleift zukunftsfäeg.

Bildung a Kannerbetreiung si net just Prioritéite, si sinn de Kär vun eiser politescher Verantwortung.

Ech wëll och nach op eng wieder wichteg Prioritéit agoen, déi fir eis zentral ass: den abordabele Wunnraum. Mir gesinn all Dag, wéi stuark d'Demande no Wunnengen zu Suessem wiisst. D'Präisser ginn net erof, d'Nofro klëmmt, a vill jonk Familljen oder eenzel Persoune fannen net einfach eng bezuelbar Plaz fir zu Suessem ze liewen. An do musse mir als Gemeng eng aktiv Roll spillen. Dat heescht konkret: Ech hunn eis Servicer gefrot, fir e kloert Konzept opzestellen, fir eis onbebauten a strategesch Kommunalflächen an den nächste Joren ze mobiliséieren. Net alles op eemol, mee mat engem Etappeplang, deen d'Gemeng net iwwerfuerdert a gläichzäiteg d'Offer um Wunnmarché erhéicht. En éischten Draft hu mär scho virgestallt kritt. Mär wëllen op eisen Terraine geziilt Wunnenge schafen an och als Gemeng selwer geréieren, als bailleur social.

Et geet net drëm just ze bauen – et geet drëm dee richtege Mix ze kréien, eng sozial Mixitéit, keng Gettoiséierung, mä e gesond Mateneen. Abordabel Locatiounswunnenge fir jiddereen. Mäi Wonsch ass et och fir Logementer fir Jonker ze schafen an intergenerationellt Wunnen. Wunnen ass kee Luxus – et ass e Mënscherecht. An eng Gemeng déi sozial wëll sinn, kann déi Realitéit net ignoréieren.

E weidere wichtege Punkt ass eise Wee a Richtung Klima- a Ressourcëschutz. Als Gemeng hu mär d'Verantwortung, net nëmmen iwwer d'Zukunft ze schwätzen, mee se aktiv ze gestalten. An do geet et ëm konkret Moossnamen, déi wierklech eppes änneren. Dofir investéiere mir geziilt a Photovoltaik op eisen ëffentleche Gebaier, an do wou et méiglech ass, maache mär Plaz fir nach méi Solarenergie, woubäi mär och privat Stéit weider ënnerstëtzen. All Kilowattstonn, déi esou produzéiert gëtt, ass eng Investitioun an de Klimaschutz an an de Respekt vun eisen natierleche Ressourcen.

Parallel dozou schaffe mär mat gréngem Stroum an Alternative fir eis Infrastrukturen. Dat reduzéiert net nëmmen eisen $CO_2$-Foussofdrock, mee weist och, dass eng Gemeng wéi Suessem kann a wëll en aktiven Deel vun der nationaler Energietransitioun sinn. Nohaltegkeet ass fir eis keng Optioun, mee eng Flicht: fir eis Kanner, fir eis Qualitéit vum Liewen, an och fir de Portmonni vun der Gemeng op laang Siicht. Ech erënneren hei kuerz drun, dass mär z.B. 300.000€ gespuert hu beim Wiessel vun eisem Stroumfournisseur. Wat mär haut intelligent maachen, kascht eis muer vill manner.

Léif Kolleegen a Kolleeginnen,

Mär maachen hei net e Budget fir ee Joer – mär bauen d'Struktur fir déi nächst 20, 30, 40 Joer.



kk_36_nr01-26.indd 48 13/03/2026 14:51

Dat ass sozial Politik.
Dat ass nohalteg Politik.
Dat ass Verantwortung.

Komme mär da lo bei d'Zuele vum Budget:

| | Initial 2025 | Initial 2026 | Δ en % | Δ en € |
|---|---|---|---|---|
| Recettes ordinaires | 127.994.225 | 132.558.943 | 3,57 % | 4.564.718 |
| Dépenses ordinaires | 116.504.751 | 117.008.637 | 0,43 % | 503.886 |
| **Boni** | **11.489.474** | **15.550.306** | **35,34 %** | **4.060.832** |
| Recettes extraordinaires | 9.379.918 | 12.858.666 | 37,09 % | 3.478.748 |
| Dépenses extraordinaires | 53.701.513 | 43.939.324 | -18,18 % | -9.762.189 |
| **Mali** | **-44.321.595** | **-31.080.658** | **29,87 %** | **13.240.937** |
| Résultat OR + EX | -32.832.121 | -15.530.352 | | |
| Résultat N-1 | 33.394.535 | 28.615.547 | | |
| **Résultat N** | **562.414** | **13.085.194** | | |

*Budget 2026 – Résultat*

An dësem Slide gesäit een eis allgemeng finanziell Situatioun vum Budget initial 2026 am Verglach mam Budget initial vun 2025. Opfälleg ass, dass eisen ordinäre Boni ëm 35,34 % geklommen ass par rapport zum Budget initial vun 2025 an sech elo op ronn 15,5 Mio. Euro chiffréiert. Dëse Chiffer kann een ervirhiewen, well een op de Budget initial 2020 muss zeréck goen, fir e Boni ordinär vun iwwert 15 Mio. Euro erëmzefannen. Natierlech kann een hei Dotatioun vum Staat ervirhiewen, déi ganz gutt fir d'Gemengen ausgefall ass, an awer trotz dem weltwäite volatille Kontext an de sämtlechen Onsécherheeten, hu mär et awer gepackt en däitleche Plus bei eisem ordinäre Boni par rapport zum Initial 2025 ze verzeechnen.

Wéi och schonn an der Presentatioun an der Finanzkommissioun gesot, hu mär e Gesamtpersonalkäschtepunkt vu ronn 76,7 Mio. Euro wat 65,59 % vun eisen ordinären Depensen ausmécht. Eis Finanzschäffin geet dono och nach emol drop an; ech wéilt dëst och erwänen, well dat mär wichteg ass ze soen. Mär hunn als eenzeg Gemeng am Land eng Struktur fir eeler Leit. Rechent een déi Personalkäschte vun der REWA eraus, komme mär op e Ratio vu 62,62 % vun eisem ordinäre Budget. An dee kann een dann och méi gerecht mat anere Gemenge vergläichen, déi keng sou eng Struktur an Eegeregie hunn. Ausserdeem fannen ech wichteg ze bemierken, datt mär als Gemeng Suessem, anescht wéi aner Gemengen, ganz villes an eegener Regie maachen, mär kache mat eisem Personal am SEA an der REWA, botzen och mat Personal wat mär agestallt hunn, hunn en eegene Service, deen sech ëm Chancëgläichheet an Diversitéit këmmert an och ee Service deen sech ëm eis Seniore këmmert, wat anerwäerts och mol outgesourct ass.

D'Madamm Morgenthaler wäert zu eise Personalkäschte méi spéit nach weider Erklärunge ginn, et war mär awer wichteg dëst och ze betounen.

Am extraordinären Deel ginn eis Recetten am Initial 2026 ëm ronn 3,5 Mio. erop par rapport zum Initial 2025. Dëst gréisstendeels, well mär am Initial 2026 de Subsid vum Komplex zu Suessem dra stoen hunn, esouwéi och de Subsid vum Belval Sud, well mär domat rechnen deen 2026 ze kréien.

Eis extraordinär Depensë sinn ëm ronn 10 Mio. par Rapport zum Budget initial 2025 erofgaang. Dëst well haaptsächlech de Budget vum Belval Nord a fir de Komplex zu Suessem manner héich ausfält, wéi nach am Budget initial 2025. Méi Detailer dozou wäert ech iech da méi spéit ginn.

Ënnert dem Stréch kann ee soen, datt de Mali vum extraordinären Deel vu ronn -31 Mio. Euro opgefaange gëtt vun engem steigenden ordinäre Boni vu ronn 15,5 Mio. Euro an engem zolitte Resultat vum Budget rectifié 2025 vu bal 29 Mio. Euro. Dat definitiivt Resultat fir 2026 beleeft sech op ronn 13 Mio. Euro, dëst haaptsächlech duerch eise virsiichtegen a gewëssenhaften Ëmgang mat de Gemengefinanzen.



kk_36_nr01-26.indd 49 13/03/2026 14:51

## SCHÖFFIN NATHALIE MORGENTHALER (CSV)
## UERDENTLECHE BUDGET 2026

Wéi all Joer presentéieren ech äech dann elo den uerdentleche Budget. Ech wëll vun dëser Geleeënheet profitéieren, fir all eise Matuarbechter·innen e grousse Merci ze soen, fir hir Uarbecht vum leschte Joer. Et bleift weiderhi schwiereg eng méi genee Planung ze maachen, well et nach ëmmer vill onbekannte Faktore ginn. An trotzdeem ginn eis Servicer sech vill Méi esou no wéi méiglech un der Realitéit ze plangen. Dëst ass bei Schantercher net ëmmer esou einfach an awer leeë mär hinnen ëmmer erëm un d'Häerz realistesch ze plangen, d. h. nëmmen déi noutwendeg a reell verschaffbar Zuelen anzesetzen, andeems se beispillsweis och am Hannerkapp behalen, wéi laang et iwwerhaapt dauert fir déi néideg Autorisatiounen ze kréien.

Merci och eise Finanzleit, déi besonnesch d'Ausgaben am A behalen an och do déi néideg Upassunge maachen, esou z. B. beim Stroum a Gas. Si passen och ganz akribesch a puncto Subsiden op, dass d'Suen all erakommen. Natierlech halen si och eis Planung op méi Joren am Hannerkapp. Hinnen all ee grousse Merci fir hir Virsiicht an hiert konstruktiivt Matschaffen.

| | |
|---|---|
| 28.11.2025 | Vote des budgets par le Conseil communal |
| 24.11.2025 | Présentation des budgets par le Collège des bourgmestre et échevin·es au Conseil communal |
| 14.11.2025 | Présentation des budgets par le Collège des bourgmestre et échevin·es au Conseil communal |
| 13.11.2025 | Délai pour la remise de questions et de propositions |
| 10.11.2025 | Présentation des budgets à la Commission des finances et au Conseil communal |
| 05.11.2025 | Remise des documents à la Commission des finances et au Conseil communal |
| 29.10.2025 | Mise à jour du budget des articles extraordinaires |
| 09.2025 | Explications relatives aux crédits sollicités par les services communaux (12 réunions) |
| 29.08.2025 | Remise des documents avec les crédits sollicités par les services communaux |
| 30.06.2025 | Remise des documents aux services communaux |

*Timeline*

Op dësem Slide gesitt där den Oflaf vun eise Budgetspreparatiounen. Eis Servicer hu misse bis den 29. August hir Budgetsvirstellungen eraginn, déi si am Laf vum Mount September a ronn 12 Sëtzungen an de Schäfferot virstellen a verdeedege komm sinn. No der Analys vun eiser finanzieller Gesamtsituatioun huet den Schäfferot ganz nom Motto „en bon père·mère de famille" gehandelt a verschidde wichteg Entscheedunge missen huelen. Zousätzlech dozou ass Enn Oktober een Update vun de Kreditter vun den uerdentlechen an ausseruerdentlechen Artikelen am Kader vum Rectifié 2025 a Budget 2026 gemaach ginn. Domadder sollten d'Zuele méi no un d'Realitéit kommen.

Den 10. November 2025 hutt där als Gemengerot, zesumme mat der Finanzkommissioun, de Budget rectifié 2025 presentéiert kritt a sidd méi genee an d'Bild vun eise lafenden Uarbechte gesat ginn a konnt och dëst Joer erëm d'Geleeënheet notzen, fir är Froen a Suggestiounen eranzeginn. Tëschent dem 5. a 13. November hat där also eng Woch laang Zäit, fir Proposen a Froen eranzeginn. An der Finanzkommissioun si scho verschidde Froe gestallt ginn, déi direkt beäntwert gi sinn. Weider Froen huele mär awer selbstverständlech nach elo un, wann der nach sollte gestallt ginn.

Komme mär elo am Detail zu den Entwécklunge vun eisem uerdentleche Budget:

| | Compte 2024 | Initial 2025 | Rectifié 2025 | Initial 2026 | Diff I26/R25 | Diff I/I |
|---|---|---|---|---|---|---|
| ICC | – | – | +10,6 % (2024) | +12,4 % (2024) | – | – |
| ICC | 2.791.260 | 3.698.437 | 3.087.133 | 3.137.376 | 50.243 | (–561.061) |
| FDGC | – | – | +2,7 % (2024) | +7,2 % (2024) | – | – |
| FDGC | 75.194.353 | 76.772.057 | 77.224.600 | 80.608.346 | 3.383.746 | 3.836.289 |
| Total | **77.985.612** | **80.470.494** | **80.311.733** | **83.745.722** | **3.433.989** | **3.275.228** |

*Variations Circulaire Nº 2025-077*

D'Circulaire Nº 2025-077 gesäit am Rectifié 2025 bei der Gewerbesteier (ICC: Impôt commercial communal) eng Steigerung vun 10,6 % am Verglach zum Compte vun 2024 an am Budget 2026 eng Steigerung vun 12,4 % am Verglach zum Compte vun 2024 vir. Beim FDGC (Fonds de dotation globale des communes) ass am Rectifié 2025 eng Steigerung vun 2,7 % am Verglach zum Compte vun 2024 virgesinn an am Budget 2026 eng Steigerung vu 7,2 % am Verglach zum Compte vun 2024. An absolutten Zuelen heescht dat also, dass den ICC am Initial 2026 op ronn 3,1 Mio. klëmmt an den FDGC op ronn 80,6 Mio., also een Total vu ronn 83,7 Mio. Euro.

Wann een elo den Initial 2026 mam Rectifié 2025 vergläicht klëmmt den ICC ëm ronn 50.000 € an den FDGC klëmmt ëm 3,4 Mio. Euro. Vergläicht een den Initial 2026 mam Initial vun 2025, esou fällt den ICC ëm ronn 600.000€ an den FDGC klëmmt ëm ronn 3,8 Mio. Euro. Mär gesinn also kloer, dass eis Haaptrecette weiderhi konstant klëmmt, an dëst trotz de makroekonomeschen a geopoliteschen Entwécklungen (Energie- a Klimakris, Inflatioun, Produktiounsenkpäss, Krich etc.), deene mär ausgesat sinn.



kk_36_nr01-26.indd 50 13/03/2026 14:51




*Evolutioun DO + ICC + FDGC*

Hei gesitt där déi ganz Entwécklung visuell duergestallt. Deen ieweschte Stréch symboliséiert d'Entwécklung vun eisen uerdentlechen Ausgaben. D'Nummer 2 ass de FDGC, deen am Initial 2026 op en Total vu ronn 80,6 Mio. kënnt an d'Nummer 1 steet fir den ICC, deen 2026 mat ronn 3,1 Mio. verbucht ass. D'Nummer 3 ass den Total vum Stréch 1 an 2 zesummen.

Komme mär elo zu der Presentatioun vum uerdentleche Budget:




*Dépenses ordinaires 2025/2026*

Dëse Slide weist ganz einfach d'Evolutioun vun den uerdentlechen Ausgabe vum Compte 2024, dem Budget initial vun 2025, dem Budget rectifié vun 2025 an der Previsioun fir 2026.

Schlussendlech wäerte mir 2025 2,07 % manner ausginn, ewéi ufanks geplangt, dat heescht ronn 114 Mio. amplaz vu ronn 116,5 Mio., mee fir 2026 ass eng Progressioun vun 2,56 % am Verglach zum Rectifié 2025 virgesinn, dat heescht am Ganze ronn 117 Mio.

De Réckgang am Budget Rectifié 2025, am Verglach mam Initial 2025, ass doduerch ze erklären, dass Upassunge bei de Stroum- a Gasausgabe gemaach gi sinn.

Do waren ursprünglech iwwerdimensionéiert Héichrechnunge gemaach ginn a mat de reellen Ausgaben (op den 18.11.2025), déi scho fir 2025 gemaach gi sinn, konnt dat méi präzis geplangt ginn.




| | Électricité | Gaz de canalisation |
|---|---|---|
| 1 Initial 2025 | 2.673.750 € | 1.361.900 € |
| 2 Rectifié 2025 | 1.762.100 € | 998.500 € |
| 3 Utilisation 2025 | 1.000.849 € | 553.178 € |
| 4 Initial 2026 | 1.762.100 € | 998.500 € |

Komme mär elo zum Detail:

| Synthèse par fonctions en Euro | 2024 Compte NPC | 2025 Initial NPC | 2025 Rectifié NPC | 2026 Initial NPC | I26 p.r. R25 | I26 p.r. I25 |
|---|---|---|---|---|---|---|
| 1 Services généraux des administrations publiques | 23.228.791 | 24.461.136 | 24.681.128 | 25.897.988 | 4,93 % | 5,87 % |
| 2 Protection sociale | 30.018.526 | 34.225.220 | 33.739.708 | 34.413.682 | 2,00 % | 0,55 % |
| 3 Ordre et sécurité publique | 1.441.917 | 853.632 | 861.261 | 870.654 | 1,09 % | 1,99 % |
| 4 Affaires économiques | 4.660.740 | 3.804.149 | 3.799.514 | 3.031.575 | -20,21 % | -20,31 % |
| 5 Protection de l'environnement | 5.460.705 | 6.114.688 | 5.870.732 | 6.351.200 | 8,18 % | 3,87 % |
| 6 Logements et équipements collectifs | 11.209.153 | 13.111.290 | 12.850.899 | 13.604.785 | 5,87 % | 3,76 % |
| 7 Santé | 14.992.892 | 18.111.059 | 17.676.992 | 17.653.395 | -0,13 % | -2,53 % |
| 8 Loisirs, culture et culte | 6.112.220 | 7.602.927 | 7.032.761 | 7.441.336 | 5,81 % | -2,13 % |
| 9 Enseignement | 6.628.031 | 8.220.650 | 7.574.484 | 7.744.020 | 2,24 % | -5,80 % |
| Codes Techniques | 400.033 | - | - | - | 0,00 % | 0,00 % |
| **Total Dépenses extraordinaires** | **104.153.009** | **116.504.751** | **114.087.479** | **117.008.637** | **2,56 %** | **0,43 %** |

*Dépenses ordinaires 2025/2026*

Hei gesitt där d'Ausgaben, opgedeelt op déi grouss Kapitele vun der Nomenclature. Ënnert anerem gesitt där och de Verglach vum Initial 2026 mam Rectifié 2025 an den Initial 2026 am Verglach zum Initial 2025 an deenen zwou leschte Kolonnen.

Déi dräi Haaptausgaben am Initial 2026 si schwaarz agerummt a fënnt een am Kapitel 1 „Services généraux des administrations publiques", Kapitel 2 „Protection sociale" a Kapitel 7 „Santé". Dëst ass och keen Zoufall, well an dëse Funktiounen d'Personalkäschte vun der Verwaltung an dem Service technique, dem SEA (Service d'éducation et d'accueil pour enfants) an der REWA (Résidence op der Waassertrap) dra sinn.

Dës maachen zum Beispill am 1. Kapitel 64,92 % (16,8 Mio.) vum Total vun deene ronn 25,9 Mio. aus, am 2. Kapitel 74,71 % (25,7 Mio.) vum Total vun de ronn 34,4 Mio. an am 7. Kapitel esouguer 82,28 % (14,5 Mio.) vum Total vun deene ronn 17,7 Mio. aus. Op d'Personalkäschte wäerte mär herno nach méi genee agoen.




*Dépenses ordinaires 2025/2026*

Op dëser Grafik gesitt där nach eng Kéier d'Evolutioun vum Budget 2026 am Verglach zum Rectifié 2025 visuell duerch Barren duergestallt mat deene respektive Variatiounsprozentsätz. Wéi d'lescht Joer gëtt et nieft den Zousazkäschten och Réckgäng, an dat an zwou Funktiounen.

Bei de Réckgäng stiechen zwou Funktiounen eraus, wou déi gréisste Variatioun mat -20,21 % aus der Kategorie 4 „Affaires économiques" kënnt. Et handelt sech heibäi ëm d'Bedeelegung um Gemengesyndikat TICE, déi ëm bal 900.000 € gefall ass. Deen 2. Réckgang ass mat -0,13 % an der Kategorie 7 „Santé". Well dës Evolutioun marginal ass, wäerte mär net weider drop agoen.

Op der anerer Säit ginn et, wéi scho bemierkt, och erëm Zousazkäschten. Dës leien am Duerchschnëtt bei 4,3 % an déi gréisste Variatioun fënnt ee mat +8,18 % an der Kategorie 5 „Protection de l'Environnement". Dës Steigerung kënnt gréisstendeels duerch d'Erhéijung bei der Participatioun am Gemengesyndikat SIACH. Déi 2.-gréisst Variatioun fënnt ee bei der Kategorie "Logement et équipements collectifs" mat engem Plus vun 5,87%, wat duerch steigend Personalkäschten ze erklären ass. Déi 3.-gréisst Variatioun fënnt ee bei 8 „Loisirs, culture et culte". Dat sinn +5,81 % an och hei kënnt déi haaptsächlech duerch klammend Personalkäschten.

D'Kategorie „Services généraux des administrations publiques" klëmmt ëm 4,93 %. Vum Betrag hir ass dat och déi gréissten Zounam. Dorënner lafen nämlech d'Käschte fir eis Administratioun an de Service Technique an och d'Informatikskäschten. Well bei de verbleiwende Kategorien d'Evolutioun kleng ass, gi mär net am Detail drop an.

Op de kommende Slidë gi mär méi genee op d'Budgetsposten an, déi eng däitlech Variatioun verzeechnen. Hei da verschidde Posten am Detail:




| | 2024 | 2025 | 2026 |
|---|---|---|---|
| 1 Dépense de l'année | 373.339 € | 394.000 € | 399.084 € |
| 2 Article budgétaire | 53.092 € | 715.000 € | 399.084 € |

*Fonds pour l'emploi par année*

Beim „Fonds pour l'emploi" ass dat neit Gesetz am Mee vun dësem Joer a Kraaft getruede n. Als Erënnerung: dëst gesäit vir, dass de Fong anescht gespeist gëtt, fir d'Bäiträg méi gerecht op déi verschidde Gemengen opzedeelen.

Well d'Bäiträg neierdéngs op d'Participation directe au produit de l'ICC gerechent ginn, huet dat an Zukunft prinzipiell eng negativ Auswierkung op eis Gemeng.

Wann d'Gemeng Suessem tëscht 2017 an 2023 „nëmmen" ee Bäitrag vun duerchschnëttlech ronn 24.000 € bezuelt huet,



kk_36_nr01-26.indd 52 13/03/2026 14:51

klëmmt dësen ab 2024 an erreecht e Betrag vu ronn 374.000 €. Fir 2025 gëtt mat enger Ausgab vu ronn 394.000 € gerechent, fir 2026 bei bal 400.000 € unzekommen.




*Coûts de repas SEA & REWA*

E Posten, deen och an d'Gewiicht fält, sinn d'Iessenskäschte fir eis SEAen an d'REWA.

Fir 2026 ass hei eng Gesamtsteigerung an absolutten Zuelen am Initial 2026 am Verglach zum Rectifié 2025 vu ronn 200.000 € ze verbuchen, wat enger Steigerung vun 8,14 % entsprécht.

Dës Käschte si virun allem an d'Luucht gaangen, well d'Iesswueren e gudde Batz méi deier gi sinn.




*Subvention compensatoire pour taxes communales et pour frais hivernaux (Gromperegeld)*

Dëse Slide weist eis eng aner uerdentlech Ausgab, déi mat de Jore gewuess ass, d'Subvention compensatoire pour taxes communales et pour frais hivernaux oder am Volleksmond „Gromperegeld" genannt.

Wéi där all wësst, gëtt dës Subventioun säit 2019 mat 70 % vum Betrag vun der Allocation de vie chère, deen e Bierger oder eng Biergerin vum FNS (Fonds National de Solidarité) kritt, berechent. Et gouf awer heizou elo 2 Neierungen op nationalem Plang:

— de Betrag vun den Hëllefen ass 2025 ëm 10 % geklommen
— an zousätzlech dozou huet de Staat d'Eligibilitéitskonditiounen och geännert (et muss een nëmmen nach 3 Méint am Land wunnen, fir eng Ufro kënnen ze maachen).

An anere Wierder hu mär dofir eis Ausgab no uewen ugepasst. Mëttlerweil steet ee Betrag vun 1,2 Mio. am Budget initial 2026.




*Participation aux frais à caractère général – CGDIS*

Hei gesitt där dann den Detail vun der Participatioun un den Onkäschte vum CGDIS.

D'Circulaire Nº 2025-077 gesäit e Réckgang vu 65,8 % vum Initial 2026 am Verglach zum Compte 2024 vir, wat fir eis an absolutten Zuelen e Réckgang vu ronn 662.000 € bedeit.

Am Verglach zum Rectifié 2025 klëmmt den Initial 2026 ëm knapp 22 % op en Total vu ronn 344.000 €.

Als Rappel un d'Circulaire vu leschtem Joer, wäert sech dës Tendenz iwwer méi Joren zéien an se ass duerch Follgendes bedéngt:

1. Déi zousätzlech Recetten un TVA fir 2025, déi duerch d'Steigerung vum Taux kommen, ginn als Participatioun vun de Gemengen ugesinn.
2. De Staat verzicht op e Remboursement vun 81,5 Mio., déi am Kader vum Finanzement vum CNIS (Centre National d'Incendie et de Secour) virgestreckt gi waren.
3. D'Aféierung vun der Proportionalitéitsgarantie zu den Recettë vun enger Gemeng, wat d'Contributioun un de CGDIS ugeet.



kk_36_nr01-26.indd 53 13/03/2026 14:51

| Syndicat/ Établissement public | Compte 2024 | Initial 2025 | Rectifié 2025 | Budget 2026 | Δ I26 p.r. R25 |
|---|---|---|---|---|---|
| GECT (*) | 12.500 | 12.500 | 12.500 | 12.500 | 0,00% |
| MINETTKOMPOST | 233.331 | 385.000 | 361.000 | 365.000 | 1,11% |
| ORT-SUD (*) | 21.266 | 22.040 | 21.497 | 27.000 | 25,60% |
| PRO-SUD | 68.032 | 73.591 | 73.591 | 85.000 | 15,50% |
| SES | 1.804.338 | 1.850.000 | 1.850.000 | 1.900.000 | 2,70% |
| SIACH | 991.921 | 1.221.547 | 1.051.000 | 1.331.000 | 26,64% |
| SICEC | 2.156 | 2.280 | 2.225 | 3.600 | 61,80% |
| SICONA | 43.545 | 44.570 | 44.570 | 47.000 | 5,45% |
| SIDOR | 222.582 | 206.447 | 210.000 | 210.000 | 0,00% |
| SIGI | 325.436 | 270.505 | 270.651 | 252.872 | -6,57% |
| SIGI | 417.039 | 346.801 | 346.801 | 324.195 | -6,52% |
| SIGI | 191.345 | 196.411 | 196.411 | 223.927 | 14,01% |
| SIKOR | 73.700 | 92.666 | 92.660 | 95.425 | 2,98% |
| SIVEC | 991.451 | 858.402 | 1.020.000 | 1.000.000 | -1,96% |
| SIVEC | 110.000 | 120.000 | 120.000 | 110.000 | -8,33% |
| SIVEC | 660.365 | 692.422 | 692.422 | 706.000 | 1,96% |
| SYVICOL | 40.333 | 55.596 | 55.596 | 63.000 | 13,32% |
| TICE | 3.385.671 | 2.422.352 | 2.422.352 | 1.586.000 | -34,53% |
| ZARE (**) | – | – | – | 141.750 | 0,00% |
| **Total** | **9.595.011** | **8.873.129** | **8.843.276** | **8.484.270** | **-4,06%** |

*Syndicats – Dépenses ordinaires*

Dëse Slide weist wat am uerdentleche Budget bei eise Syndikater ännert. Dee gréisste Plus a Prozenter ass beim SICEC ze fannen, mat engem Plus vun 61,80 %, wat awer nëmmen eng Differenz vu knapp 1.400 € ausmécht. Dat kënnt doduerch, dass d'Participatioun vun 0,12 op 0,2 € pro Awunner·in gehuewe gëtt.

Änlech Ännerunge ginn et och beim PRO-SUD an dem SYVICOL, wou d'Participatioune vu 4,1 op 4,7 € respektiv vun 3 op 3,3 € pro Awunner·in gehuewe ginn. Duerno kënnt de SIACH, mat engem Plus vu 26,64 %, wat 280.000 € entsprécht. Dobäi handelt et sech ëm déi allgemeng Käschten, déi de Syndikat droe muss.

Beim ORT-SUD verbuche mär e Plus vu 25,6 %, wat an absolutten Zuelen nëmme ronn 5.500 € ausmécht. Beim SIGI gëtt et fir ee Käschtepunkt e Plus vu 14,01 %. Global gesinn, ginn d'Participatiounen awer ëm 3,29 % erof.

Och beim SIVEC ginn et änlech Tendenzen, mat engem allgemenge Réckgang vu ronn 0,9 %. Zum Schluss fanne mär nach eng grouss Variatioun vu -34,53 % beim TICE. No engem éischte Réckgang lescht Joer, ass och dëst Joer erëm mat engem Réckgang ze rechnen. Dëst ass op déi jéngst Entwécklungen an dësem Gemengesyndikat zeréckzeféieren.

Nei ass och d'Participatioun am Syndikat ZARE, woubäi ze betounen ass, dass dës Ausgab net sécher ass an dofir vläicht net antriede wäert. Allgemeng sief ze bemierken, dass bei eise Syndikater/Ëffentlechen Etablissementer déi uerdentlech Ausgabe falen an dat ëm -4,06 % am Ganzen, wat en Total vu ronn 359.000 € ausmécht.




*Syndicat – TICE*

Beim TICE gesi mär, no engem éischte Réckgang vun 2024 op 2025, och en däitleche Réckgang vum Initial 2026 am Verglach zum Rectifié 2025 vun 34,53 %, vun 2,4 Mio. op 1,6 Mio. An absolutten Zuele mécht dëse Réckgang ronn 840.000 € aus, no den 960.000 € vum leschte Joer.

Wéi scho virdru kuerz ugeschwat, huet dat mat de strukturellen Ännerunge vum TICE ze dinn, wou an Zukunft ee Syndicat Mixte tëscht Gemengen a Staat entstoe wäert.

Komme mär elo zu den uerdentleche Recetten:




*Recettes ordinaires 2025/2026*



kk_36_nr01-26.indd 54 13/03/2026 14:51

Hei fannt där déi graff Entwécklung vun eisen uerdentleche Recetten aus dem Compte 2024, dem Budget initial vun 2025, dem Budget rectifié vun 2025 an der Previsioun fir 2026.

Am Rectifié 2025 sinn 1,95 % méi geplangt (am Ganzen 130,5 Mio.) wéi am Initial 2025 geschat (128 Mio.). Fir 2026 gesi mär 1,59 % méi uerdentlech Recettë vir wéi am Rectifié 2025, dat heescht am Ganzen 132,6 Mio. Wann ee beim Rectifié 2025 déi eemoleg Recette vum Fonds communal péréquation conjoncturale ewechrechent, läit d'Entwécklung vum Rectifié 2025 op de Budget 2026 esouguer bei 3,19 %.

| **Synthèse par fonctions en Euro** | **2024 Compte NPC** | **2025 Initial NPC** | **2025 Rectifié NPC** | **2026 Initial NPC** | **I26 p.r. R25** | **I26 p.r. I25** |
|---|---|---|---|---|---|---|
| 1 Services généraux des administrations publiques | 81.906.987 | 83.902.721 | 85.893.757 | 87.295.613 | 1,63% | 4,04% |
| 2 Protection sociale | 18.303.589 | 16.807.772 | 16.928.158 | 17.041.801 | 0,67% | 1,39% |
| 3 Ordre et sécurité publique | – | 200 | 600 | 600 | 0,00% | 200,00% |
| 4 Affaires économiques | 1.465.832 | 1.463.683 | 1.495.814 | 1.514.900 | 1,28% | 3,50% |
| 5 Protection de l'environnement | 5.288.977 | 5.332.395 | 5.320.111 | 5.378.700 | 1,10% | 0,87% |
| 6 Logements et équipements collectifs | 4.698.225 | 4.800.301 | 4.734.932 | 4.843.005 | 2,28% | 0,89% |
| 7 Santé | 13.576.638 | 14.204.711 | 14.195.007 | 14.883.100 | 4,85% | 4,78% |
| 8 Loisirs, culture et culte | 427.928 | 360.028 | 417.062 | 553.410 | 32,69% | 53,71% |
| 9 Enseignement | 1.083.875 | 1.122.414 | 1.108.657 | 1.047.814 | -5,49% | -6,65% |
| Codes Techniques | 304.188 | – | 390.992 | – | -100,00% | 0,00% |
| **Total** | **127.056.239** | **127.994.225** | **130.485.089** | **132.558.943** | **1,59%** | **3,57%** |

*Recettes ordinaires 2025/2026*

Dëst ass d'Tabell mat de Recetten, opgedeelt op déi grouss Kapitele vun der Nomenclature. Opfälleg sinn d'Posten am Kapitel 1 „Services généraux des administrations publiques", Kapitel 2 „Protection sociale" a Kapitel 7 „Santé", déi kloer dee gréisste Batz un uerdentleche Recetten ausmaachen.

An der Funktioun 1 steet d'Dotatioun vum Staat mat 80,6 Mio. an den ICC mat 3,1 Mio., wat scho 95,93 % vum Total an der Funktioun 1 ausmécht.

An der Funktioun 2 stinn d'Allocatioune vum Staat fir d'SEAen, déi eleng scho ronn 14,8 Mio. oder 86,85 % vun der Kategorie ausmaachen.

Zulescht steet an der Funktioun 7 d'„Assurance dépendance" mat 7,6 Mio., wat 51,06% vum Total an der Rubrik "Santé" ausmécht.




*Recettes ordinaires 2025/2026*

Op dëser Grafik gesitt där d'Evolutioun vum Budget 2026 am Verglach zum Rectifié 2025 visuell duerch Barren duergestallt mat deene respektive Variatiounsprozentsätz.

Bei der 3. Rubrik „Ordre et sécurité publique" läit d'Variatioun bei Null, dowéinst fënnt een dëst Kapitel an dëser Grafik nët erëm. Vun de Prozentsätz hir ass déi gréisste Variatioun beim Kapitel 8 „Loisirs, culture et culte" ze fannen. Dës uerdentlech Recettë ginn am Budget 2026 am Verglach zum Rectifié 2025 ëm 32,69 % erop, well de Staat sech un de Käschte fir d'Astelle vun enger Persoun fir d'Sportskoordinatioun bedeelege wäert an och well d'Sports- a Sproochecoursen an Zukunft ënnert dëser Kategorie lafe wäerten.

Beim Kapitel 7 „Santé" verbuchen mär eng Zounam vu 4,85 % am Verglach zum Rectifié 2025, dëst well mär mat méi Remboursementer vun der „Assurance dépendance" rechnen, esouwuel wéi der geplangter Erhéijung vum Pensiounspräis an der REWA.

Vum Montant hir ass déi gréisst Ännerung mat +1,4 Mio. Euro bei der Rubrik „Services généraux des administrations publiques" erëmzefannen, och wann dat „nëmmen" eng Variatioun vun 1,63 % ausmécht. Dorënner lafen nämlech d'Gewerbesteier an den FDGC, woubäi do wéi virdru gewisen, den FGDC eleng schonn ëm ronn 3,8 Mio. Euro geklommen ass am Verglach zum Rectifié 2025. Ze bemierken ass, dass dës Zounam d'Ewechfale vun der eemoleger Recette dëst Joer vu ronn 2 Mio. Euro am Kader vum „Fonds communal de péréquation conjoncturale" kompenséiert.

Beim Kapitel 9 „Enseignement" wäert et ee liichte Réckgang vu 5,49 % ginn, wat doduerch kënnt, dass d'Recetten am Kader vun de Sports- a Sproochecoursen an Zukunft ënnert der Kategorie 8 „Loisirs, culture et culte" wäerte lafen.

Op déi aner Kapitele wäerte mär net am Detail agoen, well se nëmmen eng minimal Variatioun verzeechnen.




| | Compte 2024 | Initial 2025 | Rectifié 2025 | Initial 2026 |
|---|---|---|---|---|
| 1 Solde ordinaire | 22.903.230 € | 11.489.474 € | 16.397.611 € | 15.550.306 € |
| 2 Dépenses ordinaires | 104.153.009 € | 116.504.751 € | 114.087.479 € | 117.008.637 € |
| 3 Recettes ordinaires | 127.056.239 € | 127.994.225 € | 130.485.089 € | 132.558.943 € |

*Budget ordinaire*

Op dëser Grafik gesäit een déi uerdentlech Recetten an Ausgaben, esouwéi den uerdentlechen Iwwerschoss aus dem Compte 2024, dem Initial 2025, dem Rectifié 2025 an dem Budget 2026.

Am Compte 2024 hate mär e Boni vu ronn 22,9 Mio. am uerdentleche Budget iwwreg, fir d'Joer 2025 stoungen am Initial ronn 11,5 Mio. Boni, am Rectifié ronn 16,4 Mio. an am Budget 2026 ass en Iwwerschoss am uerdentlechen Deel vu ronn 15,6 Mio. geplangt.

Definitiv Zuelen an en definitive Bilan kënnen awer eréischt am Ament vum Compte genannt, respektiv gezu ginn.

| 120 – Coord. administrative | Durée | ETP | Coûts |
|---|---|---|---|
| RH B1 | 6 | 1 | 72.000 € |
| SECU-SANTE A2 – EMCO | 12 | 1 | 127.000 € |
| COORD-SPORT B1 – EMCO | 11 | 1 | 120.000 € |
| **Total 120** | | **3** | **319.000 €** |

| 130 – Coord. technique | Durée | ETP | Coûts |
|---|---|---|---|
| STPROJ B1 – Chantiers Héichbau | 8 | 1 | 82.000 € |
| SE – A2 – EMCO | 12 | 0,5 | 62.000 € |
| **Total 130** | | **1,5** | **144.000 €** |

| 220 – 3e âge | Durée | ETP | Coûts |
|---|---|---|---|
| Senior+ Limpach +20% | 12 | 0,2 | 21.000 € |
| **Total 220** | | **0,2** | **21.000 €** |

| 242 – SEA | Durée | ETP | Coûts |
|---|---|---|---|
| SEA Cuisinier H3 | 12 | 1 | 80.000 € |
| SEA Éduc. Diplôm. C4 | 4 | 4 | 124.000 € |
| SEA Admin C4 | 12 | 0,5 | 45.000 € |
| **Total 242** | | **5,5** | **249.000 €** |

| 310 – Agents municip. | Durée | ETP | Coûts |
|---|---|---|---|
| Agmuni – C1 | 12 | 1 | 97.000 € |
| **Total 310** | | **1** | **97.000 €** |

| 621 – Places publiques | Durée | ETP | Coûts |
|---|---|---|---|
| A3 Espaces verts entretien | 12 | 2 | 150.000 € |
| Saisonnier suppl. Matgesfeld | 6 | 1 | 30.000 € |
| **Total 621** | | **3** | **180.000** |

| 626 – Cimetières | Durée | ETP | Coûts |
|---|---|---|---|
| Salarié polyv. A3 SREN/SRIN | 12 | 2 | 160.000 € |
| **Total 626** | | **2** | **160.000 €** |

| 734 – REWA | Durée | ETP | Coûts |
|---|---|---|---|
| Stagiaire Master | 6 | 1 | 17.500 € |
| **Total 734** | | **1** | **17.500 €** |

*Personnel – Nouveaux postes pour 2026*

Op dësem Slide gesäit een eis Neiastellungen, d. h. déi Posten, déi budgetiséiert gi si fir 2026 agestallt ze ginn. Där gesitt och hei fir wéi vill Méint se agesat gi sinn a wéi vill se eis 2026 deemno genee wäerte kaschten.

Ech wéilt nëmme kuerz drop opmierksam maachen, dass an der Tabell d'Beruffer männlech ausgedréckt sinn, mä dëst natierlech näischt iwwert eis zukünfteg Auswiel ausseet.

Am Ganze schwätze mär vu 17,20 ETP (Equivalent temps plein), déi ronn 1,2 Mio. wäerte kaschten. Déi meescht Leit ginn am SEA gebraucht, dat sinn eleng 5,5 ETP, déi ronn 250.000 € wäerte kaschten.

Mär hunn, wéi all Joer, versicht d'Neiastellunge bewosst déif ze halen an nëmmen déi Posten ze accordéieren, déi wierklech onëmgänglech sinn. Mär kënnen äech versécheren, dass et méi Ufroen aus eise Servicer gouf, wéi déi, déi där hei erëmfannt. Ech kéim dann elo zum Detail an der Erklärung vun deenen eenzelne Posten:

## Coordination administrative

### RH – B1 administratif

Fir den aktuellen an zukünftegen Erausfuerderungen am Personalwiese kënnen nozekommen, ass eng Astellung an der B1 Karriär néideg. An hei sinn d'Grënn dofir:



kk_36_nr01-26.indd 56 13/03/2026 14:51

- Zouhuele vum Personal (680 Leit Ufank 2020 géint 928 Leit Enn 2024, net ETPe (Equivalent templs plein) wuelverstanen), wat als Konsequenz eng Erhéijung vun der dagdeeglecher Uarbecht mat sech bréngt (Administratioun vum Personal, Gestioun vun de Gehälter a Karriären);
- Mise en place a Supervisioun vun der „Gestion par objectifs“ (Plan de travail individuel, järlech Entretienen), Analys & Suivi vu verschiddene Prozeduren (droit à la déconnexion, harcèlement moral…);
- Mise en place an Duerchféiere vun Onboarding & Offboarding Prozeduren (Entretiens d’embauche/ entretiens de départ);
- E gréissen Challenge gëtt d’Analys an de Suivi vum Absenteismus unhand vun z.B. der Bradford Method;
- Analys a Suivi vun der „Gestion prévisionnelle des emplois et des compétences“ (Pensioun, Turnover, zukünftege Bedarf, Kompetenzen…);
- Digitalisatioun vun de Personaldonnéeën a verschiddenen Demarchen;
- De Responsablen an hirer Personalgestioun e qualitative Bäistand kënne ginn.

**Sécu-Santé – A2 technique & scientifique**
Mär mussen eng zousätzlech Sécherheetspersoun astellen op Basis vun de gesetzlechen Obligatiounen, bedéngt duerch de Personaleffektiv vun der Gemeng.

**Sport – Coordinateur sportif – B1**
Där wësst, dass mär d’Konventioun „Meng Gemeng lieft Sport“ ënnerschriwwen hunn. An deem Kontext hu mär eis jo engagéiert, eng Persoun zu 100% fir d’Sportskoordinatioun anzestellen. Dës Persoun fänkt bekanntlech den 1. Februar 2026 un an Där wësst och, dass mär een Deel vun där Pai erëmkréien. 2026 sinn dat 80%.

## Coordination technique

**Technicien en électrotechnique/automatisation des bâtiments – B1 technique**
Eng zousätzlech Persoun gëtt gebraucht fir eis Ingenieuren an Ingenieurin an der Gestioun vun de Projeten am Beräich Héichbau ze ënnerstëtzen. Noutwendegkeet besteet a follgende Beräicher:

- Schwaach- a Mëttelstroum;
- Automatisatiounssytemer an de Gebaier (Accèskontroll, Videoiwwerwwachung, Brandsécherheet, etc.);
- Monitoring énergétique (Verbrauch, Fotovoltaik…);
- Technesch an administrativ Gestioun vun der ëffentlecher Beliichtung.

**Service écologique – A2 scientifique et technique (0,5 ETP)**
Well eng Persoun aus dem Service écologique seng „Réduction de tâche“ verlängert huet, gëtt och den entspriechenden CDD verlängert. Et handelt sech hei ëm eng hallef A2 Tâche.

## 3e âge

**Senior+ – C1 administratif**
Am Service Senior+ ass geplangt, d’Tâche vun enger Agentin definitiv ëm 20% ze héijen, dëst am Kader vum Seniorentreff, falls dëse vun der Gemeng soll weidergefouert ginn. De finale Bilan läit allerdéngs nach net vir.

## SEA (Service d’éducation et d’accueil)

**Cuisinier – H3**
Mär brauchen een zousätzleche Kach oder Kächin an eisem SEA, well d’Unzuel vun de Molzechten an de leschte Joren amDuerchschnëtt 10-15% pro Joer an d’Luucht gaangen ass.

Fir äech dat ze illustréieren, sinn hei d’Zuelen. D’Statistik ass ëmmer vu Januar bis Oktober gekuckt:

- 2022 – 147.322 Molzechten
- 2023 – 164.308 Molzechten
- 2024 – 177.891 Molzechten
- 2025 – 193.642 Molzechten

Dat ass eleng fir d’Kanner. D’Personal a Privatcrèchë sinn hei an der Rechnung nach net dran. Da muss an all Kichen och ëmmer garantéiert sinn, dass eng diploméiert Persoun präsent ass, wat heiansdo schwiereg gëtt duerch Krankheet, Congé, Formatioun, etc. Dëse Kach oder Kächin soll méi flexibel agesat kënne ginn, also net un eng fix Kichen affektéiert ginn.

**Groupes – 4x Éducateurs diplômés C4**
Da bräichte mär och fir dat nächst Schouljoer véier zousätzlech Educatricen oder Educateurs diplômé·e·s. Am Roude Wee huet sech déi allgemeng Zounam u Kanner stuark entwéckelt. D’Evolution vun de Präsenzstonnen am „SEA Chemin rouge“ huet sech an deene leschte zwee Joer quasi verduebelt (vun 90.302 op 165.900 Präsenzstonnen). Momentan ginn d’Engpäss mat e puer CDD-Kontrakter iwwerbréckt, fir dass een de Personalschlëssel erfëllt. Fir d’nächst Joer soll dës Situatioun regulariséiert ginn.

Um Scheierhaff ass och en Zouwuess u Kanner, allerdéngs manner dramatesch wéi am Roude Wee. An awer gëtt och hei temporär mat CDD-Kontrakter gefuer, fir e Posten ze kompenséieren. Well mär um Scheierhaff awer och iwwert dem Taux vun 10% net-qualifizéiertem Personal leien, muss qualifizéiert Personal agestallt ginn. Dat bedeit och, dass wa Leit ouni Qualifikatioun (Aide-éducateuren·ricen) ophalen, dës duerch Educateuren·ricen ersat musse ginn. Dëst ass also fir de Virschrëfte vum Ministère gerecht ze ginn.



kk_36_nr01-26.indd 57 13/03/2026 14:51

**Administration – 0,5 C4 administratif**
Et ass evident, dass duerch déi stuark Zounam u Kannerzuelen och déi administrativ Uarbecht zouhëlt. Dëst gesäit een um Zouhuele vun den Dossieren, Aschreiwungen, Telefonater an Emailen, Personalinteraktiounen. Donieft verlaangt de Ministère och ëmmer méi zäitopwänneg Prozeduren (Decompten, Budgeten, Suivi Weiderbildungen, Agrementen), sou dass den administrativen Opwand wesentlech zougeholl huet.

## Agents municipaux

**Proximité – D2 (agent municipal)**
Am Service vun den Agents municipaux, eise Pecherten also, kënnt et zu enger definitiver Erhéijung vum Effektiv op fënnef Persounen fir méi Präsenz kënnen ze assuréieren, virun allem owes a weekends.

## Places publiques

**Environnement – 2x A3 Salariés polyvalents**
Fir eis Gréngfläche besser ze ënnerhalen (virun allem um Belval) brauche mär zwee zousätzlech A3 Salariés polyvalents (m/f/d).

**Saisonner – 1x A3 Salarié polyvalent**
Fir den Entretien vum Matgesfeld ze assuréieren, huet de Service écologique een oder eng Salarié·e polivalent·e gefrot. Fir 2026 gëtt mol eng weider Persoun fir 6 Méint agestallt an un de Service Environnement affektéiert. Dës Persoun soll sech dann och prinzipiell ëm den Entretien um Matgesfeld këmmeren.

## Cimetières

**Cimetières – 2x A3 Salariés polyvalents**
D'Fläch vun eiser Kierfechter läit bei ca. 45.000m2. Hei muss en Entretien ronderëm d'Joer geleescht ginn an dofir sollen zwee Leit an der Carrière A3 agestallt ginn. Deen Ament huet een och eng fix Ekipp, déi bei Begriefnisser hëllefe kann.

## REWA

**Stagiaire Master Qualité**
D'REWA géif d'nächst Joer gären eng oder ee Stagiaire, déi oder deen e Master an der Qualité mécht, encadréieren.

**Calcul des coûts – Augmentation de l'indice – Personnel existant**

| Incidence Budget rectifié 2025 – initial 2025 | | Incidence Budget initial 2026 (hors nouveaux postes) | |
|---|---|---|---|
| Total rémunérations | 72.918.300 € | Total rémunérations | 75.556.220 € |
| Augmentation indice | | Augmentation indice | 1,346 % |
| Total indice | | Total indice | 981.600 € |
| Différence indice | **981.600 €** | | |

**Calcul des coûts pour évolution des carrières du personnel**

| Budget rectifié 2025 | | Budget initial 2026 | |
|---|---|---|---|
| Total rémunérations 72.918.300 € | | Total rémunérations 76.743.720 € | |
| ***Différence rectifié 25 – budget 26*** | | ***3.825.420 €*** | **5,25 %** |
| Différence coûts indice | | 981.600 € | 1,35 % |
| Coûts augm. P.i. 0,5% | | 202.400 € | 0,28 % |
| Coûts approx. Avenant CCT-SUD | | 331.300 € | 0,45 % |
| CCT-SAS Coûts uniques 2025 (à retrancher) | | -1.541.000 € | -2,11 % |
| Engagements au cours de 2025 | | 613.500 € | 0,84 % |
| Subvention d'intérêts (accord salarial FP) | | 215.000 € | 0,29 % |
| Évolution des carrières | | 1.835.120 € | 2,52 % |
| Coûts nouveaux postes 2026 | | 1.187.500 € | 1,63 % |

*Personnel existant/ Évolution carrières*

D'Paie loungen dëst Joer bei ronn 72,9 Mio. a fir déi selwecht Poste leien se 2026 bei ronn 75,6 Mio., d.h. fir déi besteeënd Poste klammen se d'nächst Joer insgesamt ëm ronn 2,7 Mio. am Verglach zum Budget rectifié 2025. Fir 2026 hu mär mat enger Indextranche gerechent an dat fir déi zweet Hallschent vum Joer, wat knapp 1 Mio. ausmécht.

Mat den Neiastellunge klammen eis gesamt Personalkäschte vu 72,9 op ronn 76,7 Mio. fir 2026, wat eng Progressioun vu ronn 3,8 Mio. Ausmécht. Vun deenen 3,8 Mio. sinn 2026 nëmmen 1,8 Mio., déi bewosst bäikommen, op de Rescht huet d'Gemeng guer keen Afloss, well déi Bäiträg duerch den Index, d'Kollektivverträg an d'Evolutioun vun de Karriären entstinn.

Beim SAS Kollektivvertrag ginn et Aspuerunge vu ronn 1,6 Mio., well d'Ännerungen eemoleg waren an nëmmen d'Joer 2025 betreffen. De Südgemengekollektivvertrag mécht d'nächst Joer ronn 330.000€ aus.

D'Evolutioun an de Karriären an d'Personal, wat 2025 agestallt ginn ass, kaschten 2026 ronn 2,5 Mio. weider an dat neit Personal wat 2026 bäikënnt, beleeft sech op ronn 1,2 Mio. Op wat mär elo keen Afloss hunn, sinn d'Verhandlunge vun der CGFP mam Staat. D'Fuerderunge vun der CGFP sinn nach net bekannt. Falls et awer sollt zu enger Erhéijung vum Punktwäert kommen, dann ass déi net nëmmen direkt fir d'Gemengebeamt·innen an –employé·e·en applikabel, well de Punktwäert un dee vun de Staatsbeamten·inne gebonnen ass, mee och fir d'Salarié·e·en aus dem Südgemengekollektivvertrag, well dee Punktwäert un dee vun de Gemengebeamten·inne gebonnen ass.



kk_36_nr01-26.indd 58 13/03/2026 14:51




*Personnel – Répartition 2026*

Hei kënnt där gesinn, dass bal 66 % vun eisen uerdentlechen Ausgaben 2026 Personalkäschte sinn, ronn 76,7 Mio. vun eisen insgesamt ronn 117 Mio.

Am uerdentlechen Deel musse mär natierlech an Zukunft dës Käschte ganz genee am A behalen. Mär wëllen awer mat Sécherheet och weiderhin e gudde Service um Bierger an der Biergerin bäibehalen a wa méiglech ausbauen, an déi Servicer, déi mär aktuell hunn, och a Gemengenhand behalen.

Mär wëllen och weiderhin eng Roll als soziale Patron spillen an och déi Leit, déi d'Chance net hunn oder kréien, hire Wee um reguläre Uarbechtsmaart eleng ze maachen, ënnerstëtzen an hinnen eng Perspektiv bidden. Dat kann direkt op der Gemeng sinn an awer och indirekt duerch d'Ënnerstëtzung vu Partenariater geschéien, wéi z. B. de CIGL oder Eis Epicerie fir nëmmen déi ze nennen.




*Personnel – Répartition 2026*

Hei hu mär äech illustréiert wéi d'Personalkäschten tëschent eise Servicer opgedeelt sinn. Där wësst an ënnerstëtzt dat jo och mat, dass mär als Gemeng vill Wäert op eng gutt Kanner- a Seniore·innebetreiung leeën an dat loosse mär eis och eppes kaschten.

D'Personal vun eisem SEA (Maison relais) beleeft sech 2026 op ronn 25,7 Mio. a mécht domat 33,5 % vun eise gesamte Personalkäschten aus. D'Personal vun der REWA (Résidence op der Waassertrap) kascht eis ronn 14,5 Mio., wat knapp 19 % vun eise Personalkäschten ausmécht.

Zesumme kommen si op eppes Klenges méi wéi 52 % vun eise Gesamtpersonalkäschten. De Rescht vum Personal, d. h. ronn 48 % kaschten deemno ronn 36,5 Mio.

Wéi all Joer wollte mär äech och déi genee Recetten entgéintsetzen. Mee beim SEA ginn d'Gesamtonkäschten esou vum Staat erëmbezuelt, dass ee bei deem Betrag net méi genee erausfiltere kann, wat reng Personalkäschte waren. Graff geschat kann een awer soen, dass mär bis zu 75 % fir de SEA erëmkréien a bei de Crèchen (Zolwer Kannerbuerg, Kannercampus, Geessewee a Walerwiss) esouguer 100 %, esouwéi dat an eise jeeweilege Konventioune mam Staat festgehalen ass. Bei eiser REWA ass et esou, dass ronn 52 % vun de Personalkäschten duerch d'„Assurance dépendance" gedeckt ginn.




*Personnel – Répartition 2026*

Hei gesitt där nach eemol eis Personalkäschten an enger Grafik.

Obwuel mär d'Neiastellungen déif gehalen hunn, klëmmt de Prozentsaz vu Personalkäschten am Verglach zum Initial 2025 ëm knapps 1,7 % op 65,6 % vun den uerdentlechen Ausgaben.

Mär hunn domat „eis" üblech Forschett tëschent 61 a 65 % aus de leschte Jore leider liicht iwwerschratt.



kk_36_nr01-26.indd 59 13/03/2026 14:51

| Date | Période | Montant (en €) | Tranches (en €) | Solde au 31.12.2025 (en €) | Solde au 31.12.2026 (en €) |
|---|---|---|---|---|---|
| 16.04.2002 | 2010/30 | 5.000.000 € | 3.000.000 € | 640.889 € | 486.661 € |
| 16.04.2002 | 2010/30 | | 2.000.000 € | 424.679 € | 322.481 € |
| 17.01.2011 | 2012/32 | 6.000.000 € | 1.000.000 € | 279.401 € | 226.096 € |
| 17.01.2011 | 2011/31 | | 1.000.000 € | 290.834 € | 240.692 € |
| 17.01.2011 | 2012/32 | | 2.000.000 € | 598.203 € | 495.068 € |
| 17.01.2011 | 2012/32 | | 2.000.000 € | 609.990 € | 504.823 € |
| 21.08.2013 | 2013/34 | 5.500.000 € | 2.500.000 € | 1.120.687 € | 1.013.853 € |
| 21.08.2013 | 2013/34 | | 3.000.000 € | 1.344.679 € | 1.216.463 € |
| 26.07.2017 | 2018/38 | 7.000.000 € | 7.000.000 € | 4.861.017 € | 4.502.922 € |
| 12.09.2018 | 2018/38 | 14.630.415 € | 14.630.415 € | 9.984.171 € | 9.280.998 € |
| 28.09.2022 | 2022/42 | 16.000.000 € | 16.000.000 € | 14.189.384 € | 13.544.819 € |
| | | | | **34.343.934 €** | **31.834.878 €** |

*Situation des emprunts*

Als Ofschloss komme mär dann zu eiser Scholdesituatioun. Mär hunn äech d'Duerstellung vun eiser Scholdesituatioun erëm op zwee Sliden opgedeelt. Hei gesitt där méi am Detail wéini wat fir een Emprunt op wat fir eng Dauer geholl ginn ass a wéi d'Situatioun op den 31. Dezember vun dësem Joer resp. op den 31. Dezember vum nächste Joer ass.

Där gesitt och, dass mär op den 31. Dezember 2025 eng Gesamtschold vu ronn 34,4 Mio. hunn, déi bis Enn 2026 op 31,8 Mio. wäert falen. Dëst well mär fir de Budget 2026 kee weideren Emprunt wäerten ophuelen an domat eis Gesamtschold wäert erofgoen.

Där hat villäicht an der Äntwert op eng parlamentaresch Fro gesinn, dass eis Gemeng ënnert deene 15 meeschtverschëlte Gemenge läit. Ech wéilt awer gären drop opmierksam maachen, dass dëst Bild sech géif änneren, wann een den Emprunt, dee mär dem Staat fir d'CDI-Gebai um Belval virstrecken, dat sinn awer ëmmerhin 14,6 Mio., eraus rechent.

An der Circulaire N° 2025-077 vum Innenministère gëtt betount, keen neien Emprunt opzehuelen, wann et net onbedéngt noutwendeg wär. Mär sinn dann och par „principe de prudence" op Nummer sécher gaangen an hunn eis Gemeng net an eng onnéideg Scholdespiral gedréckt.

| * | Situation au | Solde | Habitants | Par tête d'habitant | Recettes ordinaires | Annuités | dont capital | dont intérêts | % des RO | |
|---|---|---|---|---|---|---|---|---|---|---|
| C | 31/12/2023 | 28.577.559 | 18.532 | 1.542 | 114.538.995 | 2.831.571 | 1.890.213 | 941.358 | 2,47% | sans CDI |
| C | 31/12/2023 | 39.937.919 | 18.532 | 2.155 | 115.383.109 | 3.675.685 | 2.563.969 | 1.111.716 | 3,19% | avec CDI |
| C | 31/12/2024 | 26.227.908 | 19.085 | 1.374 | 126.212.125 | 2.664.403 | 1.702.896 | 961.507 | 2,11% | sans CDI |
| C | 31/12/2024 | 36.905.149 | 19.085 | 1.934 | 127.056.239 | 3.508.517 | 2.386.016 | 1.122.501 | 2,76% | avec CDI |
| R | 31/12/2025 | 24.359.763 | 19.700 | 1.237 | 129.640.976 | 2.483.092 | 1.655.634 | 827.458 | 1,92% | sans CDI |
| R | 31/12/2025 | 34.343.934 | 19.700 | 1.743 | 130.485.089 | 3.327.206 | 2.348.703 | 978.503 | 2,55% | avec CDI |
| I | 31/12/2026 | 22.553.880 | 19.700 | 1.145 | 131.714.829 | 2.470.003 | 1.805.883 | 664.120 | 1,88% | sans CDI |
| I | 31/12/2026 | 31.834.878 | 19.700 | 1.616 | 132.558.943 | 3.314.117 | 2.509.056 | 805.061 | 2,50% | avec CDI |
| I | 31/12/2026 | 22.553.880 | 20.300 | 1.111 | 131.714.829 | 2.470.003 | 1.805.883 | 664.120 | 1,88% | sans CDI |
| I | 31/12/2026 | 31.834.878 | 20.300 | 1.568 | 132.558.943 | 3.314.117 | 2.509.056 | 805.061 | 2,50% | avec CDI |

*Situation des emprunts*

Dës Tabell soll äech virun allem eis Gesamtschold, d'Prokappverschëldung an de Prozentsaz vun eisen Annuitéiten am Verglach zu den uerdentlechen Recettë weisen.

An dësen Zuelen däerfe mär net vergiessen, dass, wéi elo just gesot, den Emprunt vum CDI (Centre pour le développement intellectuel) vu ronn 14,6 Mio., déi mär dem Staat souzesoe virstrecken, dra sinn. Déi Sue kréie mär jo integral erëm.

Wichteg fir eis ass et, wéi och scho gesot, keen neien Emprunt am Joer 2026 mussen anzesetzen an domadden verantwortungsvoll a virsiichteg an Zukunft ze bläcken.

Komme mär elo zur Prokappverschëldung: déi läit bei eisen aktuellen 19.700 Awunner·innen op den 31.12.2025 bei 1.237 € ouni de CDI a bei 1.743 € mam CDI. Op den 31.12.2026 fält eis Schold mat eiser aktueller Awunner·innenzuel dann op 1.145 € ouni de CDI an op 1.616 € mam CDI.

Där gesitt d'Simulatioun vollstännegkeetshallwer mat enger Previsioun vun 20.300 Awunner·innen zum Schluss vum Tableau. Fir ze gesinn, ob eng Gemengeschold nach ze vertrieden ass, muss ee kucke wéi vill d'Annuitéite am Verglach zu den uerdentleche Recetten ausmaachen. Dëse Prozentsaz soll ënner 10% leien an däerf net méi wéi 20% sinn. An eisem Fall leie



kk_36_nr01-26.indd 60 13/03/2026 14:51

mär ouni a mat enger Previsioun vun der Awunner·innenzuel op den 31.12.2026 bei 1,88 % ouni de CDI a bei 2,50 % mam CDI, eng ganz gesond Situatioun also.

**Schlusswuert**

Ech kommen dann elo zum Schluss. Och d'nächst Joer kréie mär vum Staat erëm e gudde Fouss hannebäi an zwar 3,4 Mio. méi FDGC a Gewerbesteier wéi am Rectifié 2025. Eis Participatioun um CGDIS a „Fonds pour l'emploi" ginn 2026 liicht erop, dofir hu mär dëst Joer eemoleg ronn 2 Mio. aus dem „Fond communal de péréquation conjoncturale" erëmkritt.

De Finanzminister huet a senger Budgetsried Ännerungen ugekënnegt, déi eis an Zukunft dierften entgéintkommen, well mär eise SEA a kompletter Eegeregie féieren. Dat ass net vu Muttwëll, well verschidde staatlech Allocatioune schonn éiweg net méi ugepasst gi sinn.

Am initiale Budget 2025 hate mär ronn 11,5 Mio. Iwwerschoss, fir 2026 plange mär mat 15,6 Mio. Dës Zounam ass berouegend an erméiglecht et eis, gréisser Projeten am ausseruerdentlechen Deel unzegoen. D'nächst Joer komme mär nach ëmmer ouni Emprunt aus, mee mär ginn es net midd ze widderhuelen: wa beispillsweis de Service technique a verschidde weider Schoulen a SEAen deemnächst an Ugrëff geholl ginn, da wäerte mär awer wuel mussen an de saueren Apel bäissen.

2026 sinn nach ëmmer keng iwwerflësseg Projeten am Budget. Am Géigendeel: et ginn nëmme Saachen ëmgesat, déi wierklech noutwendeg sinn.

Ech hunn d'Gefill, ech géif mech all Joer widderhuelen, mee eis Virgabe bleiwen onverännert: mat enger schwiereger konjunktureller Lag am Hannerkapp, bleiwe mär konsequent a verantwortungsvoll. Mat engem gudde Budget, deen duerch realistesch Prioritéiten erausstécht, weise mär, dass mär d'Herausfuerderunge vun haut eescht huelen – ouni dobäi déi vu muar aus den Aen ze verléieren.

Eis Politik steet fir Wäitsiicht. Mär handelen haut, fir d'Fundament vu muar ze stäerken. Gläichzäiteg bleiwe mär virsiichteg, sinn awer net ängschtlech. Mär loossen eis net vum Krisegejäiz dreiwen, mä orientéieren eis u Fakten, Verantwortung an engem klore Bléck fir d'Zukunft.

Eis Servicer an de Schäfferot musse sech selwer Prioritéite ginn an zesumme gëtt da gekuckt, wat wéini soll ëmgesat ginn. Et ass net vun der Hand ze weisen, dass eis Gemeng wiisst a mat hir d'Erausfuerderungen. Dëse Budget ass dofir kloer een Zeechen, dass eis Strategie op Soliditéit an Zouverlässegkeet baséiert – fir eng stuark, stabil a sozial gerecht Gemeng Suessem.

Dëst gesot, bleift mär dann nëmmen nach eng Kéier jidderengem Merci ze soen, an der Hoffnung, dass där eis Usiicht deelt.

Ech soen äech Merci fir d'Nolauschteren.

*Nathalie Morgenthaler*
Finanzschäffin





kk_36_nr01-26.indd 61 13/03/2026 14:51

## BÜRGERMEISTERIN
## SIMONE ASSELBORN-BINTZ (LSAP)

| **Synthèse par fonctions en Euro** | **2024 Compte NPC** | **2025 Budget Initial NPC** | **2025 Budget Rectifié NPC** | **2026 Budget Initial NPC** | **I26 p.r. au R25** | **I26 p.r. au I25** |
|---|---|---|---|---|---|---|
| 1. Services généraux des administrations publiques | 641.173 | 1.993.000 | 1.452.353 | 1.277.000 | -12,07% | -35,93% |
| 2. Protection sociale | 6.074.301 | 12.352.995 | 11.774.288 | 7.856.065 | -33,28% | -36,40% |
| 4. Affaires économiques | 845.975 | 819.958 | 1.165.699 | 763.600 | -34,49% | -6,87% |
| 5. Protection de l'environnement | 2.213.123 | 4.986.220 | 3.521.973 | 5.711.625 | 62,17% | 14,55% |
| 6. Logements et équipements collectifs | 8.653.985 | 24.778.140 | 23.580.289 | 20.567.972 | -12,77% | -16,99% |
| 7. Santé | 382.891 | 236.700 | 350.447 | 201.600 | -42,47% | -14,83% |
| 8. Loisirs, culture et culte | 2.114.690 | 2.879.500 | 2.592.097 | 2.687.462 | 3,68% | -6,67% |
| 9. Enseignement | 347.930 | 5.655.000 | 5.705.037 | 4.874.000 | -14,57% | -13,81% |
| **Total Dépenses extraordinaires** | **21.274.817** | **53.701.513** | **50.142.182** | **43.939.324** | **-12,37%** | **-18,18%** |

*Budget 2026 – Dépenses extraordinaires*

Komme mär da lo bei déi extraordinär Depensen. Där gesitt op dësem Slide déi extraordinär Depensen opgelëscht no der Funktioun, wéi se am Budget stinn.

Hei gesäit een, datt mär am ganze virgesinn hunn am Initial 2026 43.939.324€ auszeginn. Dat sinn 12,37% manner par rapport zum Rectifié 2025 an 18,18% manner par rapport zum Initial 2025. Ech ginn äech elo e puer Detailer zu den eenzelne Variatiounen.




1 Services généraux des administrations publiques
2 Protection sociale
4 Affaires économiques
5 Protection de l'environnement
6 Logements et équipements collectifs
7 Santé
8 Loisirs, culture et culte
9 Enseignement

*Budget 2026 – Dépenses extraordinaires Δ I26 p.r R25*

Hei dann e puer Erklärungen zu deene méi grousse Variatioune vum Budget initial 2026 par rapport zum Budget Rectifié 2025.

| | **Rectifié 2025** | **Budget 2026** |
|---|---|---|
| Coordination technique – Gestion des risques d'inondations (inondations et fortes pluies) | 250.000 € | 0 € |
| Coordination technique – Démolition du Paschtoueschhaus à Ehlerange | 109.345 € | 0 € |
| Coordination administrative – Travaux de transformation dans le sous-sol de la maison communale (couloir A) dans le cadre de la création de bureaux supplémentaires | 71.525 € | 0 € |
| Coordination technique – Installation d'une nouvelle alimentation pour le chargement des véhicules électriques au service technique | 63.356 € | 0 € |
| Coordination technique – Construction d'un nouveau site pour le service technique | 50.000 € | 300.000 € |
| **Total** | **544.226 €** | **300.000 €** |

*Budget 2026 – Chapitre 1 :*
*Services généraux des administrations publiques (-12,07 %)*




1 Implantation d'une maison relais à proximité de l'École 2000 à Soleuvre
2 Acquisition de mobilier et d'équipement dans le cadre du complexe pour enfants à Sanem
3 Construction d'un complexe pour enfants à Sanem

Budget 2026 Budget Rectifié 2025

*Budget 2026 – Chapitre 2 : Protection sociale (-33,28 %)*



kk_36_nr01-26.indd 62 13/03/2026 14:51

Komme mär dann op eis SEAen. Nieft der Maison relais nieft der Schoul 2000 si mär jo am gaangen e weidere grousse Projet ze bauen: de Komplex fir Kanner zu Suessem, deen am Budget 2026 mat 5.000.000 € chiffréiert ass. Weider Depensë sinn do och am Plan Pluriannuel de Financement virgesinn (11,35 Mio. Euro). D'Kannerbetreiung mam Bau vu Maison-relaisen esouwéi vu Schoule bleift fir eis, wéi och schonns am Ufank gesot, an Zukunft eng wichteg Prioritéit.

| | Rectifié 2025 | Budget 2026 |
|---|---|---|
| Agriculture, sylviculture, viticulture – Construction d'une annexe du hall (ancienne propriété d'Arcelor) à côté de l'arrêt ferroviaire Belval-Rédange à Belvaux | 558.797 | – |
| Agriculture, sylviculture, viticulture – Voirie rurale | 300.000 | 35.000 |
| Tourisme – Aménagement du pavillon gastronomique source Belval | 112.079 | – |
| Agriculture, sylviculture, viticulture – Rénovation du hall (ancienne propriété d'Arcelor) à côté de l'arrêt ferroviaire Belval-Rédange à Belvaux | 100.000 | – |
| Autres systèmes de transport – Aménagement d'une piste cyclable dans le ZARE EST, participation partie AC Sanem | 10.000 | 90.000 |
| Autres systèmes de transport – Aménagement d'une piste cyclable le long du crassier dans la rue d'Esch à Ehlerange | – | 250.000 |
| Développement économique (ZAC, ZARE,…) – Aménagement d'infrastructure de la zone communale Op Aessen à Sanem | – | 250.000 |
| **Total** | **1.080.876** | **625.000** |

*Budget 2026 – Chapitre 4 : Affaires économiques (-34,49 %)*

| | Rectifié 2025 | Budget 2026 |
|---|---|---|
| Gestion des eaux usées – Apport aux frais d'investissement pour le collecteur By-Pass Mondercange | – | 886.405 |
| Gestion des eaux usées – Amélioration hydrologique et hydraulique sur la Helgebaach et la Rouerbaach à Sanem | 44.384 | 800.000 |
| Gestion des eaux usées – Réaménagement de la canalisation dans la rue de Soleuvre à Belvaux | – | 400.000 |
| Protection de la nature – Verdissement d'une voie de l'avenue 2000 à Soleuvre | 90.000 | 470.000 |
| Gestion des eaux usées – EP collectrice vers Rouerbaach derrière la cité Tornaco | – | 250.000 |
| Gestion des eaux usées – Réfection de la canalisation rue de Hussigny à Belvaux | 170.000 | – |
| Protection de la nature – Acquisition d'un lave-vaisselle professionnel pour vaisselles réutilisables | 255.000 | – |
| Gestion des eaux usées – Réaménagement de la canalisation Cité Grand-Duc Jean à Belvaux | 709.061 | 140.000 |
| **Total** | **1.268.445** | **2.946.405** |

*Budget 2026 – Chapitre 5 : Protection de l'environnement (+62,17 %)*




1 Acquisition de locaux pour l'équipe de proximité et pour des activités médicales ou paramédicales ainsi que d'une salle multifonctionnelle à Belvaux
2 Réaménagement du coffre, des bordures et des files de pavés dans le chemin rouge à Belvaux
3 Renouvellement des chemins d'accès au cimetière de Belvaux
4 Logements à prix réduit (abordable) – Acquisition de trois appartements dans le lotissement Metzerhéicht à Belvaux
5 Travaux de limitation de vitesse à 30 km/h sur le CR168 – rue de la Poste à Belvaux près de l'école
6 Réaménagement de la voirie dans le cadre du projet du verdissement de l'avenue 2000

*Budget 2026 – Chapitre 6 : Logements et équipements collectifs (-12,77 %)*

| | Rectifié 2025 | Budget 2026 |
|---|---|---|
| Structure d'hébergement pour personnes âgées – Travaux de réparations du bâtiment REWA à la suite d'une fuite d'eau | 100.000 | – |
| Structure d'hébergement pour personnes âgées – Acquisition de véhicules | 97.000 | – |
| Structure d'hébergement pour personnes âgées – Acquisition d'installations techniques pour la cuisine et le restaurant | 47.500 | – |
| Structure d'hébergement pour personnes âgées – Installations générales | 20.000 | 95.600 |
| Structure d'hébergement pour personnes âgées – Investissements dans le bâtiment REWA – période 2026-2030 | – | 77.000 |
| Structure d'hébergement pour personnes âgées – Mobilier | 7.000 | 22.000 |
| **Total** | **271.500** | **194.600** |

*Budget 2026 – Chapitre 7 : Santé (-42,47 %)*

| | Rectifié 2025 | Budget 2026 |
|---|---|---|
| Terrains de sports – Construction d'une nouvelle buvette pour le FC The Belval Belvaux | 100.000 | 900.000 |
| Terrains de sports – Réaménagement du terrain des sports derrière la cour d'école 2000 à Soleuvre | 50.000 | 250.000 |
| Halls sportifs – Assainissement de la façade du boulodrome à Belvaux | – | 80.000 |
| Terrains de sports – Renouvellement de l'éclairage du terrain de football à Ehlerange | – | 70.000 |
| Terrains de sports – Renouvellement et remplacement matériel sportif au Athletikuss à Soleuvre | – | 55.000 |
| Terrains de sports – Remise en état du terrain synthétique près du Boulodrome à Metzerlach | – | 45.000 |
| Terrains de sports – Aménagement d'un nouveau terrain synthétique de football à Ehlerange | 174.959 | – |
| Terrains de sports – Mise à niveau de la piste d'athlétisme à Soleuvre | 750.000 | – |
| **Total** | **1.074.959** | **1.400.000** |

*Budget 2026 – Chapitre 8 : Loisirs, culture et culte (+3,68 %)*



kk_36_nr01-26.indd 63 13/03/2026 14:51

Op dësem Slide gesitt där déi extraordinär Depensë betreffend dem Sport an der Gemeng. Eis Sportsinfrastrukture kaschten eis dann och nächst Joer ronn 1,4 Mio. Euro. Hei fanne mär Projete wéi zum Beispill: D'Erneierung vum Sportsterrain bei der Schoul 2000 fir 250.000 €, de Bau vun enger neier Buvette fir de Bielesser Fussball fir 900.000 € (2027: 150.000 €), d'Sanéierung vun der Fassad vum Boulodrome, déi nei Beliichtung fir den Eilerenger Fussball, neit Sportmaterial fir den CAB (Matrassen an Hürden) etc.




*Budget 2026 – Chapitre 9 : Enseignement (-14,57 %)*

Am Kader vum Masterplang Bildung 2035 wäerten an Zukunft eng Rei Ausgabe fir d'Schafe vun neiem Schoulraum op eis duerkommen. Zousätzlech gëtt jo d'Schoul Zolwer-Zenter renovéiert, dëst well d'Renovatioun duerch den aktuellen Zoustand vum Gebai net méi verréckelt ka ginn. Spéider wäert och mussen d'Schoul Bieles-Post renovéiert ginn an a béide Fäll wäerten d'Gebailechkeeten deelweis oder guer net ze gebrauche sinn. An dësem Sënn ass entscheet ginn eng weider grouss provisoresch Struktur am Budget 2026 virzegesinn. Dës modulär Struktur kann am Prinzip op eng polyvalent Aart a Weis benotzt ginn a wäert haaptsächlech als Iwwergangsléisung bei Renovatiounen oder Erweiderunge vu Schoulgebaier zum Asaz kommen. Well an Zukunft och aner Gebaier wäerte renovéiert ginn, rentéiert sech de Kaf am Verglach zu enger Locatioun. Weider Posten an dëser Funktioun sinn d'Erneierung vum Schoulhaff zu Suessem, déi schonn ugelaf ass, de Bau vun enger Annexe vum Chemin Rouge an déi provisoresch Struktur um Scheierhaff, déi jo schonn do ass.

Ganz zum Schluss dann nach den Top 20 vun de gréissten extraordinären Depensë fir 2026 op déi ech jo och schonns an eiser Presentatioun an der Finanzkommissioun agaange sinn.

| | | Budget 2026 |
|---|---|---|
| 1 | Autres logements et équipements collectifs – Acquisition de locaux pour l'équipe de proximité et pour des activités médicales ou paramédicales ainsi que d'une salle multifonctionnelle à Belvaux | 5.441.600 |
| 2 | SEA / Foyers scolaires – Construction d'un complexe pour enfants à Sanem | 5.000.000 |
| 3 | Logements à prix réduit (abordable) – Acquisition de logements dans le cadre du Pacte Logement 2.0 | 2.000.000 |
| 4 | Enseignement fondamental – Rénovation de l'école Soleuvre-Centre | 2.000.000 |
| 5 | Voirie vicinale – Réaménagement du coffre, des bordures et des files de pavés dans le chemin rouge à Belvaux | 920.000 |
| 6 | Terrains de sports – Construction d'une nouvelle buvette pour le FC The Belval Belvaux | 900.000 |
| 7 | Précarité sociale – Transformation du local de l'épicerie solidaire à Soleuvre | 900.000 |
| 8 | Gestion des eaux usées – Apport aux frais d'investissement pour le collecteur By-Pass Mondercange | 886.405 |
| 9 | Cimetières – Renouvellement des chemins d'accès au cimetière de Belvaux | 830.000 |
| 10 | Gestion des eaux usées – Amélioration hydrologique et hydraulique sur la Helgebaach et la Rouerbaach à Sanem | 800.000 |
| 11 | Logements à prix réduit (abordable) – Acquisition de trois appartements dans le lotissement Metzerhéicht à Belvaux | 800.000 |
| 12 | Précarité sociale – Rénovation de la maison 19, rue d'Ehlerange à Soleuvre | 700.000 |
| 13 | Voirie vicinale – Travaux de limitation de vitesse à 30 km/h sur le CR168 – rue de la Poste à Belvaux près de l'école | 691.907 |
| 14 | Enseignement fondamental – Structure modulaire provisoire pour l'enseignement fondamental de la commune de Sanem | 600.000 |
| 15 | Enseignement fondamental – Structure modulaire pour l'enseignement fondamental à Belvaux | 600.000 |
| 16 | Voirie vicinale – Réaménagement de la voirie dans le cadre du projet du verdissement de l'avenue 2000 | 575.000 |
| 17 | Voirie vicinale – Réaménagement rue du Brill à Belvaux | 567.476 |
| 18 | Immeubles bâtis et non bâtis non affectés – Achat d'immeubles | 550.000 |
| 19 | Alimentation en eau – Participation au déplacement de la conduite SES DN700 dans le CR110 (rue d'Esch à Sanem) et la RN32 (desserte interurbaine CPU à Sanem) | 510.000 |
| 20 | Gestion des eaux usées – Station d'épuration de Pétange/Rodange SIACH | 500.000 |

*Budget 2026 – Top 20 Projets*

Domat wär ech um Enn vu menger Presentatioun ukomm an domat hu mer de Budget rectifié 2025 a Budget 2026 hei virgestallt. Wéi ech am Ufank vun der Presentatioun schon erwänt hunn, ass de Budget fir 2026 e Budget fir noutwendeg an essenziell Investitiounen ouni „nice to have" Projeten.

Et ass de Budget vun enger Gemeng, an där et sech gutt liewe léisst, vu ganz kleng bis ganz al. Ech soen äech elo schonns Merci fir är konstruktiv Mataarbecht a wëll och nach emol



kk_36_nr01-26.indd 64 13/03/2026 14:51

eisem ganze Personal Merci soen, fir hiert Engagement an hiren Asaz am Sënn vun eisen Awunner an Awunnerinnen.

E besonnesche Merci geet, wéi all Joer, un eis Beamten, déi ganz enk mam Opstelle vum Budget befaasst waren, eis Sekretärin Manon Greven, de Mathias Jänisch an de Fabio Vispi, si hu mat all eise Servicer dëse Budget gewëssenhaft opgestallt.

A mengem perséinlechen Numm an och am Numm vum Schäfferot jidderengem en décke Merci. Ech bieden iech also ëm eng kloer, sozial a verantwortlech Ënnerstëtzung fir dëse Budget, fir e Suessem dat stuark bleift, dat fair bleift, an dat no vir kuckt – mat Courage, mat Vernonft, a mat engem Häerz fir d'Leit.

Merci äech fir d'Nolauschteren.

*Simone Asselborn-Bintz*
Buergermeeschtesch

---

*Sowohl die Stellungnahmen der einzelnen Fraktionen zum Budget als auch die Abstimmung erfolgten in der nächsten Sitzung am 28. November 2025.*

## VERKEHRSBERUHIGUNG IN DER Z.A. UM WOELLER

Im Anschluss an die Haushaltsvorstellung verabschiedete der Rat einstimmig drei Immobilientransaktionen, bei denen es in erster Linie um kostenlose Abtretungen kleinerer Parzellen an die Gemeinde ging. Verkehrsschöffe Mike Lorang (CSV) erläuterte daraufhin, dass es in der Zone artisanale Um Woeller abends und nachts wiederholt zu unerwünschten Aktivitäten komme, bei denen sich Tuningfans versammelten und Rennen veranstalteten. Trotz Maßnahmen der Polizei konnten diese Treffen bisher nicht unterbunden werden, was die ansässigen Unternehmen und Anwohner·innen erheblich beeinträchtige. In Rücksprache mit den Betrieben, so Lorang (CSV) weiter, schlage man dem Gemeinderat deshalb vor, in den Nebenstraßen eine Geschwindigkeitsbegrenzung von 30 km/h einzuführen, ergänzt durch Fahrbahnverengungen und Fahrbahnteiler zur Verkehrsberuhigung. Auf der Hauptachse solle die zulässige Höchstgeschwindigkeit bei 50 km/h verbleiben, jedoch seien dort in regelmäßigen Abständen Verkehrsinseln zur Verlangsamung des Verkehrs vorgesehen. Das Plenum stimmte diesen Anpassungen des kommunalen Verkehrsreglements geschlossen zu.

Der folgende Punkt beschäftigte sich mit der Teilerneuerung des Verwaltungsrates des Sanemer Sozialamtes. LSAP-Bürgermeisterin Simone Asselborn-Bintz schob voran, dass man fünf Kandidaturen für die vier offenen Posten erhalten habe. Der Gemeinderat stimmte anschließend für Henri Dondelinger, Norbert Merenz, Monique Pütz-Seil und Carine Reuter-Bauler. LSAP-Umweltschöffe Steve Gierenz informierte im Anschluss über eine Beitrittsvereinbarung, wonach das Umwelt- und Bildungszentrum Matgesfeld, die SEA Walerwiss und die Crèche Roude Wee künftig unter dem Label SuperDrecksKëscht fir Betriber geführt werden.

## FORSTBEWIRTSCHAFTUNGSPLAN 2026 VORGESTELLT

Daraufhin erteilte der Rat dem Förster Claude Assel das Wort, um den Forstbewirtschaftungsplan 2026 vorzustellen. Assel erläuterte, dass das Budget von 146.000 Euro mehr oder weniger dem der Vorjahre entspreche. Davon seien 50.000 Euro für die Waldsicherung und 32.000 Euro für die Instandhaltung der Spazierwege vorgesehen, wobei der Rest auf zahlreiche kleinere Posten verteilt werde. Assel betonte die Bedeutung, Wege und Spazierwege stets in einwandfreiem Zustand zu halten, damit sich die Besucher·innen im Wald sicher fühlen könnten. Dasselbe gelte für die Wälder selbst, die als natürliche Klimaanlagen der umliegenden Städte fungierten. Größere Abholzungen seien nicht geplant, so Assel weiter, stattdessen werde bei Durchforstungen flächendeckend den toten Bäumen nachgegangen. Einnahmen aus Holz seien im Plan nicht vorgesehen; das Material werde gehäckselt und den Gärtner·innen zur Verfügung gestellt.

Myriam Cecchetti (déi Lénk) wies in diesem Zusammenhang auf die geplanten Abholzungen von 5,2 Hektar Wald im Zuge des Contournements sowie weiteren 2 Hektar im Hahneboesch hin, wo die Ausbaupläne der Firma Airtec Flächen beanspruchen würden. Sie kritisierte, dass die Umwelt gegenüber wirtschaftlichen Interessen stets zurückstehe, selbst wenn das Wirtschaftsministerium Kompensationsmaßnahmen finanziere. Zudem seien in den betroffenen Gebieten zahlreiche schutzwürdige Tier- und Pflanzenarten ansässig. Claude Assel ergänzte, er sei froh, dass im Hahneboesch zumindest Teile gerettet werden konnten, und verwies auf die weitere Ausdehnung der Industriezone. In unmittelbarer Nähe der Brillbaach entstünden zudem durch Kompensationsmaßnahmen neue Lebensräume. Serge Faber (déi gréng) fragte abschließend nach dem kleinen Wald in der Rue de l'Industrie in Sanem und ob der Grundstückseigentümer ArcelorMittal eine Aufforstung plane. Assel bestätigte, dass es sich um einen alten Fichtenbestand handle, er jedoch keinen Einfluss darauf habe.

## VERSTEIGERUNG IN EHLERINGEN – MOTION VON DÉI GRÉNG

Unter Punkt 13 hatte déi gréng eine Motion unter dem Titel „Fir den Ausbau vun den ëffentlechen Infrastrukturen zu Éilereng an dem Service un de Bierger·innen am Allgemengen" eingereicht. Die Motion (den genauen Wortlaut finden Sie

auf Seite 46) zielte darauf ab, dass der Schöff·innenrat bei der öffentlichen Versteigerung am 25. November eine oder mehrere Immobilien der Hausnummern 2, 4, 6 und 8 in der Rue Kulturschapp erwirbt – vorausgesetzt, der erreichte Preis bleibt für die Gemeinde finanziell vertretbar. Als akzeptablen Kaufpreis nannte déi gréng den Grundstückspreis.

Serge Faber (déi gréng) betonte, man sei sich bewusst, dass die Gebäude in einem Wassergebiet stünden und mindestens zwei davon faul seien und folglich abgerissen werden müssten. Es wäre jedoch schade, wenn die Gemeinde diese Chance verpasse; sie habe diesen Fehler bereits einmal begangen und dürfe ihn nicht wiederholen. Faber (déi gréng) wünschte sich abschließend, dass man wenigstens zwei der Immobilien erwerbe.

Simone Asselborn-Bintz (LSAP) erklärte, dass die verantwortlichen Gemeindedienste Versteigerungen innerhalb der Gemeindegrenzen stets prüfen würden. Es sei ohnehin geplant, dass eine Beamtin am 25. November bei der Versteigerung zugegen ist. Natürlich, so die LSAP-Bürgermeisterin weiter, müsse man sich aber sehr gut überlegen, was ein möglicher Kauf alles mit sich bringen würde. Die leicht abgeänderte Motion wurde schließlich vom Plenum einstimmig angenommen.

Audiodatei der Gemeinderatssitzung
WWW.SUESSEM.LU/LB/SEANCE-YEAR/2025





kk_36_nr01-26.indd 66 13/03/2026 14:51



# Procès-verbal des votes du Conseil communal de Sanem lors de la séance publique

## vendredi, **28 novembre 2025**

date de l'annonce publique: **21 novembre 2025**
date de la convocation des conseillers: **21 novembre 2025**
début: **16h15** fin: **19h40**

**PRÉSENTS**:
*Mme Asselborn-Bintz Simone*, présidente,
*M. Gaston Anen, M. Bronzetti Denis, Mme Cecchetti Myriam, M. Dahm Yves, M. Faber Serge, M. Gierenz Steve, M. Goelhausen Marco, M. Haas Marc, M. Krippler Max, M Lehnen Max, M. Lorang Mike, Mme Morgenthaler Nathalie, Mme Romeo Franca, Mme Schammo Mara, Mme Speck-Braun Patricia*
*Mme Manon Greven*, secrétaire communale

**ABSENT·S EXCUSÉ·S**:
*M. Da Silva Bruno, Mme Logelin Anne*

**PREMIER VOTANT**: *M. Dahm Yves*

Madame Logelin Anne délègue son droit de vote à Madame Morgenthaler Nathalie pour les points 3 à 12.

M. Faber Serge demande de retirer le point 7 de l'ordre du jour.

**» Votes positifs: 4**
*Cecchetti Myriam, Faber Serge, Lehnen Max, Schammo Mara*
**Votes négatifs: 12**
*Anen Gaston, Asselborn-Bintz Simone, Bronzetti Denis, Dahm Yves, Gierenz Steve, Goelhausen Marco, Haas Marc, Krippler Max, Logelin Anne, Lorang Mike, Morgenthaler Nathalie, Romeo Franca*

## — ORDRE DU JOUR

## — SÉANCE À HUIS CLOS

**1.** Promotion d'un fonctionnaire au grade 8 du groupe de traitement C1, sous-groupe administratif, à partir du 1er décembre 2025.

**» Promotion accordée: M. Tom SAGRAMOLA**

## — SÉANCE PUBLIQUE

**2.** Correspondance et informations.

## — PROJET

**3.** Mise à niveau de la piste d'athlétisme à Soleuvre.
Devis supplémentaire: 95.000,-€ (article budgétaire: 4/821/221200/23021).

**» Vote unanime**

## — AMÉNAGEMENT COMMUNAL

**4.** Saisine du projet de modification ponctuelle, Belval Sud, de la partie écrite et graphique du plan d'aménagement général (réf. PAG 2018-24).

» **Votes positifs: 13**
*Anen Gaston, Asselborn-Bintz Simone, Bronzetti Denis, Dahm Yves, Faber Serge, Gierenz Steve, Goelhausen Marco, Haas Marc, Krippler Max, Logelin Anne, Lorang Mike, Morgenthaler Nathalie, Romeo Franca*
**Abstentions: 3**
*Cecchetti Myriam, Lehnen Max, Schammo Mara*

### — FINANCES COMMUNALES

**5.** Approbation d'un subside extraordinaire de 544,42 € au profit de l'Interesseveräin Eilereng.
» **Vote unanime**

**6.** Adaptation de la taxe d'inscription aux cours de langues.
» **Vote unanime**

**7.** Adaptation du prix de pension de la REWA.
» **Votes positifs: 12**
*Anen Gaston, Asselborn-Bintz Simone, Bronzetti Denis, Dahm Yves, Gierenz Steve, Goelhausen Marco, Haas Marc, Krippler Max, Logelin Anne, Lorang Mike, Morgenthaler Nathalie, Romeo Franca*
**Votes négatifs: 4**
*Cecchetti Myriam, Faber Serge, Lehnen Max, Schammo Mara*

### — CIRCULATION

**8.** Approbation de règlements d'urgence pris par le Collège des bourgmestre et échevin·e·s.

— Vu le règlement temporaire d'URGENCE de la circulation à l'occasion des travaux de raccordements à la maison N°59 rue Aessen à Soleuvre, approuvé par le Collège des bourgmestre et échevins dans sa séance du 24 novembre 2025 (U025-096).
» **Vote unanime**

### — DIVERS

**9.** Modification de la composition des commissions consultatives.
» **Néant**

**10.** Questions et divers.

---

## DÉI LÉNK

Suessem, den 20. November 2025

### "UN DE SCHÄFFEROT VUN DER GEMENG SUESSEM

Opgrond vum Artikel 9 vum Gemengerotsreglement bieden ech Iech, mer e puer Froen a folgendem Kontext ze beäntwerten:

— Zënter 2023 leeft am Mobilitéitsministère eng „Étude de trafic Kordall" zesumme mat de 4 Kordallgemenge Suessem, Déifferdeng, Käerjeng a Péiteng. Wéi aus de Rapporte fir 2023 an 2024 vun deem Ministère ervirgeet, leien do schonn Analysen iwwer d'„flux de trafic dans la région sud" vir. Weider géifen e.a. Handy-Analysen gemaach ginn. Et ass och doraus ze liesen, dass am Joer 2024 déi 4 Buergermeeschter schonns 3x zesummekomm ware fir iwwer Resultater a Léisungen ze beroden an dat verbonne mat „nombreuses réunions techniques et préparatoires" vun der Verwaltung.

— Op Ufro vun de lokalen Autoritéiten hu Vertrieder vun deem Ministère schonns virun engem Joer (18. November 2024) am Péiténger Gemengerot Etuden a schonn éischt Propositioune fir eng Reorganisatioun vum Busnetz virgestallt, déi och eis Gemeng betreffen. E.a. aus den Handy-Analyse géif ervirgoen, dass vill vun de Beweegungen aus der Belsch Ziler am Süden hätten a virun allem nei West-Ost-Beweegunge Richtung Diddeleng vun de Bussen néideg wieren. Et ass och am Gemengerot Péiteng bekannt ginn, dass den Eisebunnsdräieck Déifferdeng-Staat eléischt fir 2035 soll fäerdeg ginn (obschonn e jo ganz no laanscht déi aktuell gebaute Wëldbréck soll feieren déi him net vill Plaz wäert loossen).
https://www.youtube.com/live/X8-ovnjEfCA?si=B_PvRHfY3f1LBJkA

— De 26. Juni 2025 ass e Gesetz gestëmmt ginn dat der digitaler Erfaassung vu perséinlechen Daten zur Mobilitéit e Kader gëtt an et leeft de Moment – no enger Etude dëst Joer vun de franséische Frontaliers a vun de Résidents – eng Etude de Mobilité vun de belsche Frontaliers fir d'Etude Luxmobil 2017 z'aktualiséieren an ze komplettéieren.

— Gläichzäiteg soll awer scho mam Baue vum Contournement nächst Joer ugefaange ginn, trotz geriichtleche Recoursen déi kënnen zur Annuléierung vun de Geneemegunge feieren, an obschonn dës Geneemegungen op vereelzten Donnéeë vum Verkéier berouen. Mär waren ëmmer der Meenung, dass esou Etude Viraussetzung vun der Begrënnung vun engem Contournement solle sinn a net d'Resultat vun enger Decisioun fir de Contournement.

— Et ass e puermol an dësem Gemengerot nogefrot gi fir iwwer d'Diskussioune vun de Kordallgemengen reegelméisseg informéiert ze ginn, ouni Resultat.

Duerfir hei meng Froen :

— Wivill Réunioune vun de 4 Buergermeeschtere waren am Joer 2025 a wat ass do diskutéiert ginn opgrond vu welchen Etuden? Kënne mer déi Compte-Rendue kréie w.e.g.? Wéini sinn déi nächst Reunioune geplangt a wéi gëtt de Gemengerot doriwwer informéiert?

— Ass d'Mobilitéitskommissioun vun der Gemeng an iergend enger Form an déi Diskussiounen a Planungen agebonne ginn? Wa jo, a wéi enger Form (Informatioun, Presentatioun, Stellungnam)? Wa nee: Firwat net,



kk_36_nr01-26.indd 68 13/03/2026 14:51

obwuel d'Diskussiounen em d'Etude Kordall jo direkt Auswierkungen op Entscheedunge vu lokalem Ausmooss hunn (Buslinnen, Infrastrukturen, Contournement)?

— Wéini wäert an eiser Gemeng esou eng Informatiouns-versammlung vum Gemengerot stattfanne wéi an der Gemeng Péiteng virun 1 Joer, un deër och d'Kommissiounen an déi am AG Contournement vertratte Biergerorganisatioune kënnen deelhuelen?
— Oder bleif der weiderhin der Meenung, dass „es aktuell keine kommunizierbaren Zwischenergebnisse gibt" wéi d'Buergermeeschtesch mer fir d'läscht den 20.Juni 2025 op meng mëndlech Ufro hi geäntwert huet (Informatiounsbulletin 3/2025, S. 77)? Wéi wier dat da mam Kontrollrecht vum Gemengerot vereinbar?
— A wéi engem Mooss gi Resultater aus der Etude Kordall an aus den aktuell vum Ministère lafenden Analysen an de preparativen Aarbechte fir eng nei national Mobilitéits-Etude (Nofollger vu Luxmobil 2017) benotzt, fir d'Néidegkeet an d'Ausleeung vum Contournement nei z'evaluéieren, éier grouss Investitiounen op Basis vu vereelzten Donnéeën engagéiert ginn?

Mat beschte Gréiss,

*Myriam Cecchetti,*
Gemengeréitin vun déi Lénk Suessem

"

**Réponse du Collège des bourgmestre et échevin·e·s:**

*Wivill Réunioune vun de 4 Buergermeeschtere waren am Joer 2025 a wat ass do diskutéiert ginn opgrond vu welchen Etuden? Kënne mer déi Compte-Rendue kréie w.e.g.? Wéini sinn déi nächst Reunioune geplangt a wéi gëtt de Gemengerot doriwwer informéiert?*

Et war eng Reunioun den 3. Juli an eng weider ass fir den 1. Dezember, also nächste Méindeg, geplangt. Eng Reunioun mam Gemengerot an de Kommissiounen ass fir ufanks 2026 geplangt. Hei ass och virgesinn Ponts & Chaussées ze invitéieren, fir de Projet ze presentéieren a fir dono op präzis Froe kënnen ze äntweren. Et ass am leschte Rapport explizit festgehale ginn, datt d'Buergermeeschtesch vun der Gemeng Suessem drop hält, datt dës Presentatioun esou séier wéi méiglech zustan kënnt. An der Reunioun vum Dezember soll den Dossier och esou sinn, datt e kann no bausse kommunizéiert ginn. Hei soll en och vun der Ministesch Yuriko Backes validéiert ginn. Bis elo war et een teechneschen Dossier, deen zesumme mat de Gemenge preparéiert ginn ass. Wichteg ze bemierken ass och, datt an dëse Reuniounen net nëmmen d'Buergermeeschtere waren, mee och d'Mobilitéitsschäffen esou wéi jeeweils e Beamten vun der Mobilitéit.

*Ass d'Mobilitéitskommissioun vun der Gemeng an iergend enger Form an déi Diskussiounen a Planungen agebonne ginn? Wa jo, a wéi enger Form (Informatioun, Presentatioun, Stellungnam)? Wa nee: Firwat net, obwuel d'Diskussiounen em d'Etude Kordall jo direkt Auswierkungen op Entscheedunge vu lokalem Ausmooss hunn (Buslinnen, Infrastrukturen, Contournement)?*

Wéi gesot, no der Sitzung vum 1. Dezember misst deen Dossier prett si fir an de Gemengerot an an déi jeeweileg Kommissiounen. Eventuell kann dëst och eng gemeinsam Presentatioun vun deene véier Gemengen an engem méi grousse Sall sinn.

*Wéini wäert an eiser Gemeng esou eng Informatiounsversammlung vum Gemengerot stattfanne wéi an der Gemeng Péiteng virun 1 Joer, un deër och d'Kommissiounen an déi am AG Contournement vertratte Biergerorganisatioune kënnen deelhuelen?*

An der Gemeng Péiteng war et net de ganzen Dossier vun der Etüd Kordall, mee just e spezifeschen Deel, deen exklusiv d'Gemeng Péiteng betraff huet an deen och keng direkt Konsequenzen op de regionale Verkéier huet, virgestallt ginn. E genauen Datum fir dës Presentatioun gëtt hoffentlech e Méindeg festgeluecht.

*Oder bleif der weiderhin der Meenung, dass „es aktuell keine kommunizierbaren Zwischenergebnisse gibt" wéi d'Buergermeeschtesch mer fir d'läscht den 20.Juni 2025 op meng mëndlech Ufro hi geäntwert huet (Informatiounsbulletin 3/2025, S. 77)? Wéi wier dat da mam Kontrollrecht vum Gemengerot vereinbar?*

Wéi scho gesot ass den Dossier elo no der Sitzung am Dezember sprochräif an och den Inhalt vun der Etüt huet de Seege vun der Ministesch. Esou ass den Dossier also och prett fir dem Gemengerot an och dem Public kënne virgestallt ze ginn.

*A wéi engem Mooss gi Resultater aus der Etude Kordall an aus den aktuell vum Ministère lafenden Analysen an de preparativen Aarbechte fir eng nei national Mobilitéits-Etude (Nofollger vu Luxmobil 2017) benotzt, fir d'Néidegkeet an d'Ausleeung vum Contournement nei z'evaluéieren, éier grouss Investitiounen op Basis vu vereelzten Donnéeën engagéiert ginn ?*

Dat ass eng Fro, déi mir och e Méindeg stelle wäerten, respektiv ass dat eng Fro, déi dir och direkt an der Reunioun ufanks 2026 stelle kënnt.



kk_36_nr01-26.indd 69 13/03/2026 14:51

## DÉI GRÉNG

28. November 2025

"

### MADAMM BUERGERMEESCHTESCH, LÉIWE SCHÄFFEROT,

Huelt Där Äre Gemengerot eigentlech fir eescht oder ass dat fir Äech just een onnéidege Poterveräin an ee lästegt Unhängsel?

Viru genee 4 Deeg hu mär hei op dëser Plaz eng liicht ofgeännert gréng Motioun eestëmmeg gestëmmt an domat hat de Schäfferot kloer den Optrag vum Gemengerot fir eng oder méi Immobilien zu Éilereng an der Kultuschappstrooss bei enger ëffentlecher Stee ze kafen, wann de Präiss an enger (ech zitéieren) finanzieller Rumm läit, déi fir d'Gemeng vertrietbar bleift.

Ech wëll et da nach eng Kéier betounen!

De Schäfferot huet da wierklech lo eng 2. Kéier d'Méiglechkeet verpasst fir d'ëffentlech Infrastrukturen op dësen Terrainsen fir eis Veräiner, Associatiounen, Betreiungs- a Schoulstrukturen äuszebauen, fir bezuelbare Wunnraum a Parkraum ze schafen oder och nach fir dat bestehend Noerhuelungsgebitt ze erweideren.

Et kann ee bal soen, datt de Schäfferot den Optrag, deen e vum ganze Gemengerot krut, a fir eng Kéier och mol ugeholl huet, datt en deen Optrag quasi ignoréiert an de Gemengerot domat iwwergaangen huet.

Firwat? Ech erkläre mech.

Bei der Virstellung vu menger Motioun viru 4 Deeg hei op dëser Plaz, hat ech och gemengt, datt de rengen Terrainspräiss mat enger Moins-Value fir Sanéierungs- respektiv Démolitiounskäschten ee Präiss wär, dee fir eis Gréng akzeptabel a fir d'Gemeng abordabel a vertrietbar wär.

Weder de Schäfferot, nach de Gemengerot hat sech un dëser Approche gestéiert, et war keng Remarque gemaach ginn.

Leider hat ech dee Calcul da net haart gemaach, dann huelen ech dat hei no.

De Moartpräiss fir Bauterrain läit ablécklech zu Éilereng tëschent 100.000 an 120.000 € pro Ar.

Huele mer dann emol 100.000€ mol 34,9 Ar, da wieren dat ronn 3,5 Millioune fir ee niddregen aktuellen a réelle Moartpräiss, ouni Notärs- a Steekäschten, déi hei nach drop misste kommen.

En interessanten, a fir d'Gemeng vertrietbare Präiss (inklusiv Notärs- a Steekäschten), wär a mengen Aen 80.000€/Ar, also ronn 2,8 Milliounen, minus ½ Millioun fir eventuell Sanéierungs- an Ofrësskäschten. Dat wieren da schlussendlech 2,3 Millioune fir dat Ganzt oder 1,3 Millioune fir just déi 2 Haiser am Gros-Oeuvre fermé.

Den Dënschdeg bei de Stee gouf alles zesummen, ech betounen alles, fir de scho bal lächerleche Präiss vun 1,5 Milliounen € inklusiv Käschte versteet, dovunner déi 2 Haiser am Réibäu, déi een op d'mannst hätt solle kafen, fir just 625.000€ inklusiv Käschten.

Mär schwätzen also hei vun engem gerechenten Terrainspräiss vu ronn 43.000€ pro Ar, inklusiv Käschten.

De Steepräiss läit also ganz wäit ënnert dem aktuelle Moartpräiss an och nach wäit ënnert engem Präiss, dee maximal fir eis Gemeng vertrietbar wier.

Den Iesel huet sech also hei trotzdeem 2 mol gestouss an de Schäfferot huet et tatsächlech fäerdegbruecht fir eng 2. Kéier eng eemoleg Geleegenheet ze verpassen.

Ech perséinlech fannen dat eigentlech scho bal skandaléis oder war de Schäfferot, wéi e virun e puer Deeg déi gréng Motioun mam ganze Gemengerot gestëmmt huet, wierklech esou naïv ze mengen, datt en déi ganzt Immobilien geschenkt, fir en Apel an e Stéck Brout oder fir en décke Kuss op d'Stier géif kréien.

Ech hoffen, datt d'Gemeng hei een Droit de pré-emption geltend ka maachen an esou op d'mannst déi 2 Haiser am Gros-Oeuvre fermé iwwer dëse Wee nach kéint kréien oder esouguer eng Offer fir eng Surenchère fir dës 2 Haiser géif maachen.

Ech wär och wierklech frou, wann och aner Gemengeréit:innen aus der Oppositioun an aus der Majoritéit hei eng Stellungnam géifen huelen an eis hir Meenung matdeelen.

gezeechent den 28. November 2025

*Serge Faber*
Gemengerot
déi gréng Suessem

"

## DÉI LÉNK

Suessem, den 11. November 2025

### AU SERVICE DES RELATIONS PUBLIQUES ET DE LA CULTURE

**Concerne : Prise de position du parti déi Lénk concernant le point 7 de l'ordre du jour de la séance du conseil communal du 28.11.2025 intitulé « Adaptation du prix de pension de la REWA ».**

Messieurs,

J'ai l'honneur de vous transmettre une prise de position du parti déi Lénk en me référant au point 11 du « règlement d'ordre interne » qui stipule :

Chaque parti politique a droit à une page au maximum pour chaque séance du Conseil communal pour expliquer son vote, respectivement pour exposer son point de vue lors de la séance quant à un ou plusieurs points figurant à l'ordre du jour de cette séance. Toutes déclarations étrangères ne peuvent y figurer. Les prises de position doivent parvenir au Service des relations publiques et de la culture au plus tard quinze jours après la séance du Conseil communal.

Avec mes meilleures salutations,

*Myriam Cecchetti,*
conseillère déi Lénk

———

**Firwat ass en ondifferenzéierten Altersheempräis sozial ongerecht obwuel all Mënsch dat selwecht bezuele muss?**

Gläichheet a Gerechtegkeet sinn net dat selwecht an um Beispill vun den ondifferenzéierte Präisser fir Leit déi awer net déi selwecht Rent hunn ass kloer: ween eng kleng Rent huet bezilt proportional méi. Dat ass och de Fall bei fixen Taxen déi net gestaffelt oder net sozial differenzéiert sinn.

Eng Gemeng huet et an der Hand dat ze regléieren an anzegräifen fir déi besteeënd Ënnerscheeder sozial ofzefiederen – wéinstens zum Deel!

Déi garantéiert Mindestrent mat 40 Joer Cotisatioun ass **2.293,55 €** brutto an Duerchnëttsrent läit tëschent **3.500 – 3.800 €**!

Fir en Eenzelzëmmer ginn elo **3.185,99 €** a fir en Duebelzëmmer **6.371,98 €** gefrot! Esou Präisser kennen sech ëmmer manner Leit leeschten!

Mir brauchen eng genee Opschlësselung vum Pensiounspräis! Wéi héich sinn déi eenzel Deeler: Loyer, Prestations de base … Dësen Exercice muss endlech gemaach gin, an aller Transparenz; mat de Pensionären, hieren Vertrieder.innen an all de Parteien aus dem Gemengerot!

**Eng Aufgab fir eis Finanzkommissioun: sozial gestaffelt Pensiounspräisser!**

Eis Gesellschaft, an domadder och déi ëffentlech Hand (Staat a Gemengen), mussen dofir suergen, dass al Léit hire Liewensowend an der Dignitéit an Unerkennung a Respekt verbrénge kennen. Dofir brauche mer sozialgestaffelt Altersheempräisser déi d'Léit sech och leeschte kënnen! Dat ass eng moralesch Verflichtung déi politesch muss ëmgesat ginn!

Hei dann e „récapitulatif" vun den Zëmmerpräisser vun de läschten Joren:

| | Sep. 2023 | 4 × tr. index Total augm. 2023 | Mai 2025 | 1 × tr. index Total augm. 2025 | budget 2026 2026 | Total augm. |
|---|---|---|---|---|---|---|
| Chambre simple | 2.815,60 € | **201,03 €** | 2.885,99 € | **70,39 €** | 3.185,99 € | **300,00 €** |
| Chambre dble. avec porte communicante | 5.631,20 € | **402,06 €** | 5.771,98 € | **140,78 €** | 6.371,98 € | **600,00 €** |

2024 ass keng Indextranche erfall. Mir haten awer den 23.02.2024 eng Erhéijung oder „Upassung" vun verschidde Taxen, ënneranerem ass den „droit d'entrée" op 2.000 € fixéiert ginn. D'Madamm Buergermeeschtesch hat gemengt et wier keng Erhéijung méi gewiescht säit 2008, wat jo net stëmmt.

Den „Automatismus" fir bei all Indextranche am gemengeneegenen Altersheim de Prais ze erhéijen ass eng neoliberal Virgehensweis. An de Ufanksjoren huet eis Gemeng all Joer e fatzege Boni op deem Budgetsposte 734 gemaach. D'Logik vum Käschtendeckungsprinzip kann och „finanztechnesch" op laang Weil net opgoen, well, dir hutt et selwer gesot, de Budget extraordinaire wäert nach weider klammen, wat d'Infrastrukture méi al a gefléckt musse ginn. Wou féiert des Logik eis also hin?

D'Méigenerationsfamille ginn ëmmer manner an eist Zesummeliewen ass haut anescht organiséiert. Dat ass eng Realitéit, an där Realitéit musse mer eis mat humanem a sozialem Gewësse stellen. Sou wéi d'Fro vun der Kannerbetreiung vun der Groussfamill an de Kompetenzberäich vum Staat a Gemengen iwwergaangen ass, esou ass och d'Betreiung vun eisen eelere Matbierger eng ëffentlech Aufgab déi awer iwwerméisseg de Privaten iwwerlooss



kk_36_nr01-26.indd 71 13/03/2026 14:51

gëtt – an et gëtt sech och un deenen hier Logik ugepasst!
En anert Beispill, wou Privatinteressen an d'Profitinteressen géint d'Interessen an d'Besoine vun de normale Leit stéisst, ass d'Wunnengsproblematik, dat misst eis dach all ze denke ginn, dass dat net de richtege Wee ass.

Déi Lénk sinn der Meenung, dass déi sozial Verflichtung vu Staat a Gemengen net no der Logik vun der Privatwirtschaft däerfen, an och net kennen funktionnéieren. De Staat an d'Gemeng mussen sech déi adequat finanziell Mëttele ginn – dat kann net iwwert den Eenzelne geléist ginn!

"

## — BUDGET

**11.** Approbation du budget rectifié 2025.

**» Votes positifs : 12**
*Anen Gaston, Asselborn-Bintz Simone Bronzetti Denis, Dahm Yves, Gierenz Steve, Goelhausen Marco, Haas Marc, Krippler Max, Logelin Anne, Lorang Mike, Morgenthaler Nathalie, Romeo Franca*
**Votes négatifs : 4**
*Cecchetti Myriam, Faber Serge, Lehnen Max, Schammo Mara*

**12.** Approbation du budget initial 2026.

**» Votes positifs : 12**
*Anen Gaston, Asselborn-Bintz Simone Bronzetti Denis, Dahm Yves, Gierenz Steve, Goelhausen Marco, Haas Marc, Krippler Max, Logelin Anne, Lorang Mike, Morgenthaler Nathalie, Romeo Franca*
**Votes négatifs : 2**
*Cecchetti Myriam, Faber Serge*
**Abstentions : 2**
*Lehnen Max, Schammo Mara*

### CERTIFICATS DE PUBLICATION

La bourgmestre de la Commune de Sanem certifie par la présente que la décision du Ministre de l'intérieur suivant laquelle il a approuvé la délibération de la séance du conseil communal du 25/04/2025 a été publiée par voie d'affiche dans la commune en date du 02/12/2025 conformément à la loi modifiée du 13 décembre 1988 concernant la loi communale. Cette délibération porte sur l'approbation du projet de modification ponctuelle du PAG Rue Aessen (réf.: 2022-03)

La bourgmestre de la Commune de Sanem certifie par la présente que la décision du Ministre de l'intérieur suivant laquelle il a approuvé la délibération de la séance du conseil communal du 25/04/2025 a été publiée par voie d'affiche dans la commune en date du 02/12/2025 conformément à la loi modifiée du 13 décembre 1988 concernant la loi communale. Cette délibération porte sur l'approbation du projet de modification ponctuelle du PAG rue de l'Usine (réf.: 2024-01)

La bourgmestre de la Commune de Sanem certifie par la présente que la décision du Ministre de l'environnement suivant laquelle il a approuvé la délibération de la séance du conseil communal du 25/04/2025 a été publiée par voie d'affiche dans la commune en date du 02/12/2025 conformément à la loi modifiée du 13 décembre 1988 concernant la loi communale. Cette délibération porte sur l'approbation du projet de modification ponctuelle du PAG rue de l'Usine (réf.: 2024-01)

La bourgmestre de la Commune de Sanem certifie par la présente que la décision du Ministre de l'inrérieur suivant laquelle il a approuvé la délibération de la séance du conseil communal du 25/04/2025 a été publiée par voie d'affiche dans la commune en date du 02/12/2025 conformément à la loi modifiée du 13 décembre 1988 concernant la loi communale. Cette délibération porte sur l'approbation du projet de modification ponctuelle du plan d'aménagement particulier - quartier existant PAP-QE 2024-02 - rue de l'Usine.

La bourgmestre de la Commune de Sanem certifie par la présente que la décision du Ministre de l'inrérieur suivant laquelle il a approuvé la délibération de la séance du conseil communal du 25/04/2025 a été publiée par voie d'affiche dans la commune en date du 02/12/2025 conformément à la loi modifiée du 13 décembre 1988 concernant la loi communale. Cette délibération porte sur l'approbation du projet de modification ponctuelle du plan d'aménagement particulier - quartier existant PAP-QE 2024-03 - Rue Aessen.



kk_36_nr01-26.indd 72 13/03/2026 14:51



# Gemeinderatssitzung Sanem

## Freitag, **28. November 2025**

**BELES** – Die letzte Gemeinderatssitzung des Kalenderjahres stand traditionell im Zeichen der Verabschiedung des angepassten Haushaltsplans 2025 sowie des Budgets 2026. Noch bevor diese mit den Stimmen der Mehrheit angenommen wurden, entwickelte sich jedoch eine teils lebhafte Debatte rund um die Anpassung des Pensionspreises in der REWA sowie die geplante Versteigerung mehrerer Parzellen in Ehleringen gegenüber dem Kulturschapp.

Gleich zu Beginn gaben die 15 Rät·innen (Anne Logelin und Bruno da Silva fehlten entschuldigt) zusätzliche 95.000 Euro für die Instandsetzung der Leichtathletikbahn in Zolver frei. LSAP-Bürgermeisterin Simone Asselborn-Bintz erklärte, dass die Mehrkosten auf eine Anpassung des Verfahrens zurückzuführen seien, da eine Inspektion eine brüchige Oberfläche durch Feuchtigkeit in der Tragschicht ergeben habe, weshalb eine bloße Neuauflage technisch ungeeignet gewesen sei. Ergänzend sei während der Bauphase eine Fläche für die Hochsprungmatte geschaffen und die Drainagekanäle gereinigt worden. Der im Januar 2025 genehmigte Vorentwurf sah ein Budget von 615.000 Euro vor, ein Zuschuss des Sportministeriums stehe aber noch in Aussicht, so Asselborn-Bintz (LSAP) abschließend.

Folgend ging es um eine punktuelle Änderung des allgemeinen Bebauungsplans Belval Sud. Bürgermeisterin Simone Asselborn-Bintz (LSAP) erläuterte, wie bereits in der Belval-Sud-Präsentation angekündigt, die Änderung des PAG, um den PAP und das entsprechende Verfahren zu ermöglichen. Diese Anpassung umfasse die Überarbeitung der grafischen Darstellung für Belval Sud, einen neuen Stellplatzschlüssel für den gesamten Komplex sowie die Reduzierung der Mindestgröße eines PAP von 2,5 ha auf 1 ha. Die grafische Darstellung werde an den präsentierten PAP angepasst, wobei der CUS (Nutzungskoeffizient des Bodens) unter anderem erhöht worden sei, um die Umsetzung der HUB-Projekte zu ermöglichen. Myriam Cecchetti (déi Lénk) würdigte die guten Ansätze in diesem Dossier, betonte jedoch, dass ihre Partei ihrer Linie treu bleibe und weitere Verbesserungen vonnöten seien, weshalb déi Lénk sich enthalten werde. Serge Faber (déi Gréng) begrüßte insbesondere das Mobility-Hub-Projekt, fragte nach Klärung, ob der Stellplatzschlüssel „einen Stellplatz“ oder „mindestens einen Stellplatz“ pro Einheit festlege – ein wesentlicher Unterschied. Bürgermeisterin Asselborn-Bintz präzisierte, dass es sich um mindestens einen Stellplatz handle. Die Änderung wurde anschließend mit 13 Stimmen bei drei Enthaltungen (déi Lénk, ADR, DP) angenommen.

Im Rahmen des Wettbewerbs „Villes et villages fleuris“ bewilligte das Plenum daraufhin einen einmaligen Zuschuss in Höhe von 544,42 Euro an den Interessenverein Ehleringen. Im Anschluss wurden Anpassungen bei den von der Gemeinde angebotenen Sprachkursen beschlossen. Angesichts einer deutlichen Erhöhung der Unterrichtsstunden schlage man vor, so Nathalie Morgenthaler (CSV), die Einschreibungsgebühr von 65 Euro auf 95 Euro anzuheben.

## DISKUSSIONEN UM NEUE REWA-PENSIONSPREISE

Die CSV-Finanzschöffin ging anschließend auf die neuen Pensionspreise in der kommunalen Résidence op der Waassertrap (REWA) ein. So sollen die Preise für ein Einzelzimmer künftig bei 3185,99 Euro pro Monat (bisher 2885,99 Euro), für ein Doppelzimmer bei 6371,98 Euro pro Monat (bisher 5771,98 Euro) und für ein Ferienzimmer bei 125,46 Euro pro Nacht (bisher 109,10 Euro) liegen. Morgenthaler (CSV) erläuterte die Notwendigkeit dieser Anpassung mit Verweis auf die letzte echte Preisanpassung im Jahr 2008, während zwischenzeitlich lediglich Indexanpassungen erfolgten. Zudem wurde beim Umzug in das neue Gebäude auf der Waassertrap auch keine Erhöhung vorgenommen. Zwischen 2023 und 2025 habe die REWA rote Zahlen geschrieben, unter anderem aufgrund von Rückzahlungen an die CNS im Zuge der Assurance Dépendance und deren Reform von 2018. Das Defizit betrage 230.000 Euro für 2023 und 363.000 Euro für 2024. Steigende Personalkosten, unter anderem aufgrund verhandelter Kollektivvertragsabschlüsse, hätten die Kosten weiter erhöht. Allein im Bereich „Hotellerie“ seien die Kosten in den vergangenen zwölf Jahren um 600.000 Euro gestiegen.

Morgenthaler (CSV) wies darauf hin, dass andere Häuser zusätzliche Kosten für Telefon, Internetanschluss oder Kühlschrank berechnen, während in der REWA diese Dienstleistungen inklusive seien. Auch werde den Familien verstorbener Bewohner·innen keine Zimmerrenovierung in Rechnung gestellt. Die Preiserhöhungen würden zudem nicht isoliert in der REWA erfolgen, sondern auch bei anderen Anbietern ab Januar 2026 umgesetzt. Die Bewohner·innen würden zwei Monate im Voraus informiert. Die Preiserhöhung sei sehr wohl eine politische Entscheidung, so Nathalie Morgenthaler (CSV) weiter, doch die Reform der *Assurance Dépendance* und die steigenden Personakosten würden diese schlussendlich unumgänglich machen. Die neuen Preise würden rund 424.000 Euro mehr Einnahmen pro Jahr bedeuten und somit das aktuelle Defizit ausgleichen. Die CSV-Schöffin schloss damit ab, dass sie nochmals daran erinnerte, dass es die erste reelle Erhöhung seit 17 Jahren sei und dass niemand diesen Schritt gerne mache.

Myriam Cecchetti (déi Lénk) zeigte sich schockiert und bedauerte, dass es im Vorfeld keine Finanzkommission gegeben habe. Sie bezeichnete eine Preiserhöhung um 10 Prozent als erheblich und betonte, dass eine stufenweise Erhöhung den Bewohnern·innen eher entgegengekommen wäre. Zudem kritisierte sie, dass eine derart wichtige Entscheidung in der Woche der Haushaltsdebatten quasi untergehen würde. Simone Asselborn-Bintz (LSAP) erwiderte, dass zwar eine Zusatzfinanzkommission vorgeschlagen worden sei, dieser Vorschlag jedoch keine Unterstützung gefunden habe. Der Schöff·innenrat bemühe sich stets um einen konstruktiven Austausch und habe die Tagesordnung rechtzeitig verteilt. Wer eine detaillierte Diskussion gewünscht habe, hätte den Dialog suchen müssen, was jedoch nicht geschehen sei.

## OPPOSITION ÜBT KRITIK

Serge Faber (déi gréng) hob hervor, dass die Erhöhung besonders jene Rentner·innen treffe, die ohnehin mit knappen Mitteln auskommen müssten, was sich negativ auf deren Lebensqualität auswirke. Er übte Kritik an der langen Verzögerung zwischen der Reform von 2018 und der nun erfolgten Umsetzung und sprach sich für frühere, schrittweise Preissteigerungen aus. Max Lehnen (DP) beklagte seinerseits einen generellen Mangel an Informationen zu den Tagesordnungspunkten und äußerte, dass er ohne ausreichende Zeit zur Vorbereitung seine Stimme nicht sicher abgeben könne. Der DP-Rat fragte so auch an, ob man diesen Punkt nicht von der Tagesordnung nehmen könne. Er würde nämlich nicht ausschließen, dass sein Abstimmungsverhalten ändern würde, wenn er mehr Zeit hätte sich einzulesen.

Marco Goelhausen (LSAP) betonte, dass die REWA als einzige kommunale Einrichtung dieser Art Preiserhöhungen transparent im Gemeinderat diskutiere. Er erinnerte zudem daran, dass die Oppositionsparteien auch in der Vergangenheit Preiserhöhungen nicht zugestimmt hätten. Die Diskussionen blieben immer die gleichen, ob man die Preise nun leichter oder stärker anheben würde. Serge Faber (déi gréng) wollte dies seinerseits so nicht stehen lassen und erwiderte, dass seine Partei sich auch zu Majoritätszeiten gegen diese Politik ausgesprochen habe. Er bat den Schöff·innenrat ebenfalls um Bedenkzeit und hinterfragte die Eile in diesem Dossier. Wahrscheinlich würde er im Januar diese Entscheidung mitstimmen, zum jetzigen Zeitpunkt allerdings nicht.

LSAP-Bürgermeisterin Simone Asselborn-Bintz betonte, dass ein weiteres Warten aufgrund des erneut drohenden Defizits nicht möglich sei. Mit der Abstimmung könne der Haushalt 2026 ausgeglichen werden, da die neuen Tarife ab März greifen würden. Die Rät·innen verabschiedeten die neuen Pensionspreise im Anschluss mit 12 zu 4 Stimmen, wobei déi Lénk, déi gréng, ADR und DP dagegen stimmten.

Unter *Questions et divers* hatte déi Lénk gleich mehrere

schriftliche Fragen im Zusammenhang mit einer ministeriellen Studie, welche sich mit dem Verkehrsaufkommen in den Kordallgemeinden beschäftigt, eingereicht. Verkehrsschöffe Mike Lorang (CSV) hatte die dazu passenden Antworten parat (den genauen Wortlaut finden Sie auf Seite 69) und informierte das Plenum, dass die Studie Anfang 2026 dem Gemeinderat, den jeweiligen Kommissionen und anschließend auch der Bevölkerung vorgestellt werden soll.

## EHLERINGER MOTION VON DÉI GRÉNG WEITERHIN EIN THEMA

Serge Faber (déi gréng) ging im Anschluss nochmals auf die am 24. November im Gemeinderat angenommene Motion im Zusammenhang mit einer öffentlichen Versteigerung in Ehleringen ein. Er stellte die Frage, ob der Schöff·innenrat den Gemeinderat ernst nehme oder ihn lediglich als „unnötigen Kaffeeklatsch und lästiges Anhängsel“ ansähe. Faber (déi gréng) erinnerte daran, dass der Gemeinderat dem Schöff·innenrat erst vier Tage zuvor den klaren Auftrag gegeben hatte, eine oder mehrere Immobilien in der Rue Kulturschapp in Ehleringen zu erwerben, sofern der Kaufpreis finanziell vertretbar sei. Er bedauerte, dass der Schöff·innenrat zum zweiten Mal die Gelegenheit verpasst habe, an dieser Stelle öffentliche Infrastrukturen für Vereine, Schul- und Betreuungseinrichtungen, bezahlbaren Wohnraum oder Parkplätze zu ermöglichen oder das Naherholungsgebiet zu erweitern. Er legte dar, dass ein Kaufpreis von 80.000 Euro pro Ar bei einer Fläche von knapp 35 Ar für ihn vertretbar gewesen wäre, was unter Berücksichtigung von Abriss- und Sanierungskosten (rund 500.000 Euro) einem Gesamtbetrag von etwa 2,3 Mio. Euro entsprochen hätte. Tatsächlich seien die Parzellen jedoch für insgesamt nur 1,5 Mio. Euro versteigert worden, was Faber (déi gréng) als bedauerlich und fast skandalös bewertete. Er hoffte auf ein mögliches Vorkaufsrecht oder eine Überbietung und bat den Schöff·innenrat, bei den zuständigen Ministerien zu klären, ob weitere Handlungsmöglichkeiten bestünden.

## BÜRGERMEISTERIN WEIST AUF FOLGEKOSTEN HIN

Simone Asselborn-Bintz (LSAP) erwiderte, dass ein Vorkaufsrecht nicht greife, da die Parzellen bereits bebaut seien. Sie betonte, dass der Schöff·innenrat den finanziellen Rahmen achte und die geforderten 1,5 Mio. Euro nicht zur Verfügung stünden. Zudem seien erhebliche Folgekosten zu erwarten, weshalb die Gemeinde objektiv keine Kaufoption habe. Andere Grundstücke würden eher infrage kommen. Den Vorwurf, der Schöff·innenrat nehme den Gemeinderat nicht ernst, wies sie entschieden zurück. Steve Gierenz (LSAP) ergänzte, dass hinsichtlich der Schulinfrastruktur in Ehleringen kein Engpass bestehe; die Kapazitäten für Schule und Betreuung seien ausreichend und ohne Warteliste. Myriam Cecchetti (déi Lénk) äußerte ebenfalls Bedauern über die fehlende Auseinandersetzung der Gemeinde mit dieser Gelegenheit und fragte sich, was mit dem Grundstück und den Gebäuden geschehe, da die Käufer vermutlich keine altruistische Motivation hatten.

Im Anschluss widmete sich das Plenum dem zentralen Teil der Sitzung: Dem berichtigten Haushalt für das Jahr 2025 sowie dem Haushaltsentwurf für 2026, die zuvor in der Sitzung am 24. November 2025 präsentiert wurden. Jede Fraktion legte durch eine·n Vertreter·in ihre Position dar.






kk_36_nr01-26.indd 75 13/03/2026 14:51

## DÉI GRÉNG

Prise de position par Serge FABER

Bieles, den 28. November 2025,

### “STELLUNGNAM ZUM BUDGET 2026

Madamm Buergermeeschtesch,
Léif Kolleeginnen a Kolleegen aus dem Gemengerot,
léif Mataarbechter:innen aus dem Sekretariat,
léif Biergerinnen a Bierger dobaussen,
léif Vertrieder:inne vun der Press,

Wéi ëmmer, an ier ech meng Budgetsried richteg ufänken, wëll ech de Mataarbechterinnen a Mataarbechter vum Sekretariat e grousse Merci ausschwätze fir déi gutt Aarbecht an déi materiell Hëllef beim Opstelle vum Budget 2026 a fir déi flott a verständlech Grafiken an Tabellen, déi de Membere vum Gemengerot eng grouss Hëllef sinn an déi eis et erlaben e séiere Gesamtiwwerbléck ze kréien.

Traditionnell, wäert ech och dëst Joer bei menger Budgetsried net all Klengegkeet opgräifen déi eis net passt, mee mech op Punkte konzentréieren, déi eis als *déi gréng* wierklech um Häerz leien.

D'Madamm Buergermeeschtesch sot bei hirer Virstellung vum neie Budget 2026 ugangs der Woch, datt et ee Budget wier, deen (ech zitéieren) „no vir kuckt – mat Courage, mat Vernonft, a mat engem Häerz fir d'Leit“

Fir mech a fir *déi gréng* ass et awer éischter ee Budget ouni kloer Visiounen, ouni Innovatioun an ouni Imaginatioun. Et ass quasi eng Kopie vum Budget fir d'Joer 2025. Et ass ee „Budget de Gestion“. Et gëtt dat gemaach, wat muss gemaach ginn. Awer doriwwer eraus gëtt et an de meeschte Beräicher keng kloer Signaler wou een erkenne kann, a wéi eng Richtung de Schäfferot wëll goe fir eis Gemeng Suessem am Sënn vun senge Biergerinnen a Bierger nohalteg a fit fir d'Zukunft ze gestalten.

Dëse Budget ass eng weider Kéier immens zréckhalend a passiv, woubäi et mär schéngt, datt de Schäfferot dës Zréckhalung a Passivitéit mat enger, vun der Madamm Buergermeeschtesch ugeschwater, Vernonft verwiesselt.

Dobäi ass wichteg ze bemierken, datt de Schäfferot déi immens grouss Chance huet fir sech, trotz schlechten ekonomesche Wuesstemsprévisioune fir Lëtzebuerg an Europa, an enger globaler onstabiller geopolitescher Situatioun, d'nächst Joer op ronn 3,5 Milliounen Euro méi ordinär Recetten aus dem ICC, also der Gewerbesteier, an aus dem Fonds de dotation globale des communes FDGC am Verglach zu 2025 stäipe kann. Wann een déi eemoleg Recette vum „Fonds communal péréquation conjoncturale“ vun dësem Joer nach ewechloosse géif, wier et proportional esouguer nach méi een héije Montant.

Et ass och net onwichteg nach eng Kéier ze erwänen, datt de Schäfferot alleng duerch déi geplangte Restrukturation vum TICE an d'Créatioun vun engem Syndicat mixte ronn 850.000 Euro manner uerdentlech Äusgabe wäert hunn, also Suen, déi een elo fir aner Investitioune verplange kann.

Den ëffentlechen Transport erlaabt mär dann elo een zimlech holpregen Iwwergang zu der doucer respektiv aktiver Mobilitéit.

Ech soen dem Schäfferot villmools Merci fir de Relevé vun der Mobilité douce, deen d'Gemengesekretariat, op Wonsch vun *déi gréng*, zanter e puer Joer am Kader vun de Budgetsdiskussiounen opstellt.

Am ganze sinn op dësem Relevé fir d'nächst Joer ronn 3,6 Milliounen Euro un uerdentlechen an ausseruerdentlechen Dépense virgesinn. Dat schéngt eng beträchtlech Somme.

Mee wat hu folgend Äusgaben op deem Listing eigentlech mat der doucer Mobilitéit ze dinn:

- Transport - SEA / Foyers scolaires
- Sous-traitance „Ruffbus“, Contribution pour prestation Night Card par Sales-Lentz,
- Subventions d'exploitation – TICE a PROSUD – Nuetsbusser
- Participation TICE en général
- Mesures d'apaisement du trafic et de la vitesse
- Frais de fonctionnement des transports scolaires et pour après-midis de loisirs (de Pedibus ass hei natierlech net gemengt)
- Remplacement d'aubettes (Bushaiserche r)
- Mises en conformité et réaménagements d'arrêts d'autobus
- Acquisition de panneaux dynamiques pour les besoins du transport en commun
- Elaboration d'études concernant la mobilité dans la commune de Sanem (villäicht zu engem klengen Deel)
- Réaménagement du carrefour rue Aessen – rue de Limpach

Positiv ass awer ervirzehiewen,

- datt endlech ee Vëloswee laanscht déi geféierlech Escherstrooss a laanscht den Tipp zu Éilereng geplangt ass, och wann et dann iwwert d'Autobunnsbréck um direkte Wee a Richtung Esch esoubal nach net wäert virugoen,
- datt tëschent der rue de l'Usine an der neier geplangter Foussgänger- a Vëlospasserelle fir op de Belval-Sud, een Trottoir aménagéiert gëtt, och wann dat jo eigentlech selbstverständlech ass a schued, datt de Vëlo bei dësem Projet kee Raum kritt,



kk_36_nr01-26.indd 76 13/03/2026 14:51

— datt d'Weeër tëschent der Strooss an dem Vëlos- a Fousswee an der Waassertrap solle nei gemaach ginn, dobäi ass ze hoffen datt gläichzäiteg och déi verschidden Holzbrécken hei nei gemaach ginn, déi virun allem bei schlechtem Wieder eng reell Geforequell sinn.

Alles an allem maachen d'Äusgaben, déi dann och effektiv zum Kontext vun der aktiver Mobilitéit gehéieren, emol net d'Halschent aus vun den Ausgaben aus déi op dësem Relevé stinn.

Ee seriöse Wëlle vum Schäfferot fir Akzenter bei der Verbesserung vun der doucer Mobilitéit kann ech an dësem Budget net erëmerkennen.

Komme mer dann elo zu der Protection de la Nature. D'Ausgaben am ordinäre Budget sinn ee komplette Status Quo, ausser villäicht e puer Euro weider fir Fester um Matgesfeld ze organiséieren a fir d'Servicer déi d'SICONA am Optrag vun der Gemeng iwwerhëllt.

Och beim äusseruerdentleche Budget an der Rubrik Ëmwelt- a Naturschutz, kann ech keng gréisser an innovativ Projeten erkennen, ausser villäicht d'Begréngung vun der der Avenue 2000. Mee lo mol éierlech, wann eise Service écologique de Schäfferot net dozou gedrängt hätt fir bei engem Concours matzemaachen, deen dann och nach gewonne gouf a wou de Gewënn a Form vun enger staatlecher Subventioun déi „gréng" Käschte vun dësem Projet quasi deckt, da wäer dës Strooss wuel ni, oder esoubal nach net, méi ëmwelt- a foussgängerfrëndlech ëmgestalt ginn.

Weider gréisser Projete sinn am Beräich vun der Protection de la Nature net virgesinn.

Am Géigendeel, bei der Rénovation énergétique des bâtiments communaux gesinn ech ee Réckgang, obwuel eis Gemeng jo awer anscheinend eng Strategie oder ee Programm huet fir all Joer een anert Gemengegebai op de Leescht ze huelen.

Am Budget initial 2025 waren op dësem Artikel 200.000 € virgesinn, am Budget rectifié 2025 sinn der nach 100.000 € dovun iwwreg an am Budget initial 2026 stinn dann och nëmmen 100.000 € dran, also genee dee Montant, deen dëst Joer iwwregbleift.

Dat ass kee Programm, dat ass keng Visioun an dat ass och kee Wëllen fir mam gudde Beispill virzegoen.

Photovoltaïk fënnt een am Suessemer Budget net ënnert Klima- a Naturschutz an och gréisstendeels net ënnert dem Artikel „Mesures d'économie d'énergie", net ënner Energiespueren a net ënner Energietransitioun, weder op der Recettesäit, nach op der Dépensesäit. Et fënnt een d'Photovoltaïk onverständlecherweis, mee technesch a faktuell korrekt, ënnert engem Artikel „Location de toitures".

*Déi gréng* bleiwen hei prinzipiell bei der Meenung, datt et méi Sënn géif maache fir op d'Gemengendiecher eege PV-Anlagen ze installéieren an de selwer produzéierten a gespäicherte Stroum am Kader vun enger gemengeneegener „Energy-Community" ze benotzen, amplaz d'Gemengendiecher fir eng ridicule Somme un eng Société Anonyme ze verlounen, de Solar-Stroum (entre guillemets) „ze verschenken" an duerno eng bescheiden Dividend z'encaisséieren. Eegeconsommatioun ouni Emweeër wier hei éischter ubruecht!

E puer Wuert zum erschwéngleche Wunnraum.
Mär erkennen un, datt de Schäfferot an der lescht am Beräich vum abordabele Wunnraum méi Efforte mécht. Et gi reegelméisseg Appartementer kaf fir se duerno zu engem abordabele Präiss ze verlounen. Och um Belval-Sud ass schonn an 2 Projete fir soziale Wunnéngsbau investéiert ginn.

Mee am Budget 2026 herrscht erëm Status Quo.

Bei den Dépensen fënnt een am BI'26 ënnert dem Artikel „Logements à prix réduit" ee Montant vu ronn 2,9 Milliounen €. Am BI'25 waren och 2,8 Millioune virgesinn, mee am BR'25 fënnt een da nach just ronn 2 Milliounen. Déi reell finanziell Envelopp fir 2026 ass deemno wéi et schéngt erëm manner grouss ewéi déi vum lafende Joer. Hei misst de Schäfferot senger bewosster Verantwortung nach méi gerecht ginn a nach méi Suen an de Grapp huele fir bezuelbare Wunnraum ze schafen.

Ee Punkt, deen a menger Budgetsried net feelen dierf, sinn d'Personalpolitik an d'Personalkäschten.

D'Madamm Morgenthaler huet ugangs der Woch an hirer Ried bemierkt, datt eisen Effektiv an de leschte 6 Joer em méi ewéi 1/3 un d'Luucht gaangen ass an datt d'Personalkäschten, trotz enger méi virsiichteger Personalpolitik, d'nächst Joer op bal 66% vun eisen uerdentlechen Äusgabe klammen. Wann een de Bierger:inne gutt Servicer ubidde wëll an eng performant an effizient Gemengeverwaltung wëll hunn, da muss och genuch Personal do sinn, dorunner besteet keen Zweifel an dat ass richteg. Mee mär weisen och dëst Joer erëm drop hinn, datt 6 Agents municipaux (a net 5, wéi eis Finanzschäffin sot) net duerginn, fir d'Anhale vun eise Verkéiers- a Police-reglementer konsequent ze iwwerwaachen an datt och 2 Persoune méi am Gärtnereiservice nach ëmmer net duerginn, fir d'Gréngflächen an eise 4 Dierfer an am Park Belval adequat ze ënnerhalen a flott ze gestalten.

Zum Schluss wëll ech nach e puer Wuert iwwer eis Schoulgebaier verléieren, dëst besonnesch am Kontext vum Masterplang



kk_36_nr01-26.indd 77 13/03/2026 14:51

Bildung, deen am Oktober virgestallt gouf. Et schéngt mär ewéi wann de Schäfferot aus alle Wolléke gefall wier, wéi Schroeder & Associés als eng vun de Conclusioune vun hirer Etude festgestallt hunn, datt eis Gemeng schonn eigentlech ab ugangs d'nächst Joer een akute Mangel u Schoulräum huet an elo urgent ob Modularstrukturen zréckgräife musse fir all eis Schoulkanner ënnerzekréien. Dobäi war am Masterplang vun 2022 awer schonn däitlech ze erkennen, datt eis Gemeng, wat d'Populatioun ugeet, massiv wuessen wäert an da logescherweis och méi Kanner hei an der Gemeng an d'Schoul wäerte goen a méi Schoulraum wäert gebraucht ginn, wéi virun e puer Joer nach ugeholl gouf. An obwuel de viireschte Masterplang Bildung ni fäerdeg gemaach gouf a villäicht och net detailléiert genuch war, a well de Projet ALPHA sech jo awer och scho länger ugekënnegt huet, hätt de Schäfferot awer éischter misse reagéieren, an da bräichte mer elo net op de leschte Stëppel ze plangen an ze investéieren. Op de leschte Stëppel gëtt bekanntermoosse bal ëmmer méi deier wann d'Qualitéit och soll stëmmen.

A ville Beräicher a besonnesch a Beräicher, déi eis Gréng um Häerz leien, ewéi Ëmwelt- a Naturschutz, Energietransitioun, eng nohalteg a verkéiersberouegt Mobilitéit an der Gemeng a gutt Bildungschancen mat Hëllef vu genuch a gudde Schoulinfrastrukturen, ginn et zwar um Pabeier gutt Usätz an Iddien, vill Pläng a Programmer, mee et feelt dësem Schäfferot u Courage a Wëllen fir dës och konsequent a konkret ëmzesetzen.

*Déi gréng* erkennen a ville Beräicher net a wéi eng Richtung de Schäfferot wëll goen, a wéi eng kloer a nohalteg Visioun d'LSAP/CSV Majoritéit fir d'Zukunft vun eiser Gemeng a fir d'Zukunft vun eise Biergerinnen a Bierger huet.

An dësem Sënn kënnen *déi gréng* de Gemengebudget fir d'Joer 2026 net matstëmmen.

Ech soen Äech Merci fir d'Nolauschteren.

fir déi gréng Suessem,
*Serge FABER*
Gemengerot

"



## DÉI LÉNK

Prise de position par Myriam CECCHETTI

Bieles, den 28. November 2025

“

### BUDGETSRIED

Léif Kolleeg*innen aus dem Gemengerot,
léif Membere vun der Press,
léif alleguer déi eis nolauschteren.

Als alleréischt well ech mech all de Mercien uschléisse fir all déi Servicer déi um Budget matgeschafft hunn.

Wéi all Joers ass dës Ried entstanen an Zesummenaarbecht vun déi lénk Sektioun Suessem, déi sech Gedanken zum Budget gemaach huet an engem partizipativem Prozess, esou wéi eigentlech d'Politik vun haut misst funktionéieren. Mee leider sinn der nach ganz vill net an deem Zäitalter ukomm. Et sollt een nämlech net vergiessen dat een d'Bierger*inne hautdesdaags villméi abezéie sollt a misst, an dëst an engem begleetene Prozess.

Mär wëssen dat et net esou einfach ass un d'Leit ze kommen an se ze beweegen u Reuniounen deel ze huelen. Mee mär loossen hei net gëllen dat dat eben esou ass an dat een dowéint net méi Efforte muss maachen. Hei muss ee kreativ ginn an evtl. aner Piste siche fir di Participatioun ze erlaangen. Deen eenzelne Conseiller/ière huet och vill méi Interventiounsméiglechkeeten an Initiativrechter wéi en dacks mengt.

Jidderee kann sech asetzen an och eppes bewierken, och an der Majoritéit, mee dofir muss en sech trauen, a mär hu jo och deen een oder anere Majoritéitsconseiller*ière deen dat mécht, och wann dat net ëmmer ganz gutt bei senge Parteikolleeg*innen ukënnt.

**E Budget ass eng Diskussioun iwwer politesch Prioritéiten**

Komme mär awer elo zum Budget: Ausgangspunkt vun der Diskussioun iwwert de Budget ass ëmmer deen nämmlechten: wat fir Akzenter mussen eiser Meenung no gesat ginn a gëtt de Budget vun eiser Gemeng dem gerecht oder net? Dat kléngt relativ simplistesch, mee deen Androck täuscht.

Akzenter setzen, politescher an ekonomescher Natur, setzt nämlech Viraus, dass ee méi wäit kuckt wéi nëmmen op den „hellege“ Käschtendeckungsprinzip.

Akzenter setze setzt viraus, dass ee kuckt wat war, dass ee kuckt wat ass an dass een da gesäit wat gebraucht gëtt, esouwuel kuerz- wéi awer och laangfristeg.

An villerlee Hisiichte kann ee roueg behaapten, dass d'Gemeng Suessem finanziell a budgetär gutt opgestallt ass. Eis Recette si glécklecherweis geklommen, mär hunn esouguer en **extra Boni**, wann och just eemolege, kritt.

Déi Budgetsdiskussioun, déi mer haut féieren, ass awer net just eng Debatt iwwer Zuelen, mee eng Diskussioun iwwer **politesch Prioritéiten**.

Déi Kritik déi mär hei ausüben an äusseren, ass net perséinlecher Natur, mee beschränkt sech op eng kritesch Ausenanersetzung mat der Fro, ob mär am Budget déi Akzenter erëmfannen, déi eiser Meenung no gesat misste ginn.

**Méi Schoulkanner verlaangt och méi Betreiung**

Mär mussen eis leider widderhuelen an zum Deel genee dat soe wat mär d'läscht Joer scho bemängelt hunn, nämlech dat dëse Budget keng Wäitsicht huet, och wann et scho laang e Pluriannuelle Budget gëtt, och wa mëttlerweil kuerz a laangfristeg Zenarien opgestallt gi wéi zum Beispill wat d'Infrastrukture vun eisem **Schoulwiesen an de Betreiungsstrukturen (SEA)** betrëfft.

Ech zitéieren aus eiser Buergermeeschtesch hirer Ried vun e Méindeg: „D'Zuelen si kloer: Mär kréien all Joer méi Kanner an eis Schoulen a méi Leit, déi op eis Déngschter zielen. Dat ass keng abstrakt Statistik – dat si Familljen, dat si Kanner, dat sinn Erwuardungen un eis Gemeng.“

„Wann eng Gemeng méi Kanner huet, da brauch se méi Schoulplazen. Dat ass eis **Responsabilitéit**, sozial, gesetzlech a mënschlech. Mär stoussen an e puer vun eise Schoulen **op Kapazitéitsgrenzen**. Dëst ass net e Problem vu moar – et ass **e Problem vun haut**, deen dëse Budget och erëmspigelt.“

D'Gemeng huet ganz kloer dofir ze suergen dat genuch Schoulplatzen do si fir déi Kanner déi an der Gemeng wunnen. Do gëtt et kee Wee dolaanscht! Dat ass eis Pflicht!

Wann d'Gemeng folglech wiisst, a méi Bierger*innen an d'Gemeng wunne kommen, wat och méi Kapazitéit, wat de Schoulraum betrëfft, muss do sinn, dat ass einfach Mathematik.

A wann een dann nach sozial a mënschlech, ech setzen och nach chancegläich bäi, wëll sinn, bedeit dat och automatesch méi Kapazitéiten an de Crèchen an an deenen anere Betreiungsstrukturen, soss ass dat an eisen Ae keng Wäitsiicht!

Mär misste folglech dofir suergen, dat et weiderhi keng Woardelëschten fir eise Bierger*innen hier Kanner bei der SEA gëtt a mär missten esouguer méi Gemenge-Crèche plange wéi z.B déi, déi elo an de Quartier Belval Sud soll kommen, fir och



kk_36_nr01-26.indd 79 13/03/2026 14:51

hei eise Bierger*innen déi beschte Viraussetzunge kënnen ze bidde fir datt si, ouni sech Suerge mussen ze maachen, ouni mussen hott an haar ze rennen, schaffe kënne goen.

**Logement: et geschitt einfach net genuch**

Et ass och keng Wäitsicht, wann, wéi e Méindeg vun eiser Buergermeeschtesch gesot, elo eréischt endlech soll e kloert Konzept erstallt gi wat de **Logementsprobleem** ugeet," well : **„Wunnen ass kee Luxus – et ass e Mënscherecht."**

Mee dëse Satz kinnt jo glat vun déi Lénk stamen. Wéi oft hu mär schonn dorobber higewisen an och konstruktiv Virschléi an déi Richtung gemeet.

Joer fir Joer weise mär op di Mëssstänn hin, datt et einfach net genuch abordabele Wunnraum an eiser Gemeng gëtt.

Ech zitéieren nees:

„Mir gesinn all Dag, wéi stuark d'Demande no Wunnengen zu Suessem wiisst. D'Präisser ginn net erof, d'Nofro klëmmt, a vill jonk Familljen oder eenzel Persoune fannen **net einfach eng bezuelbar Plaz fir zu Suessem ze liewen**. An do musse mir als Gemeng eng **aktiv Roll** spillen."

Och dëse Probleem ass net nei!
Och dat hu mär Joer fir Joer gefrot.

Mär hinken hei hannendrun a maachen nach einfach net genuch. Wann ee beispillsweis de Projet vum neie Quartier Belval Sud ukuckt, sou kann ee feststellen, dass zwar vill nei Akzenter geluecht ginn, déi engem moderne Quartier och gerecht ginn (mobilité douce, Spillplazen, Commercen, fir der just e puer ze nennen).

Mee och do muss een sech d'Fro stellen:
geet d'Unzuel un abordabele Wunnraum duer?
Eis Äntwert **ass** do ganz kloer: nee.

Madame Buergermeeschter hat jo och gesot, et wär wichteg dass an eiser Gemeng keng Gettoen entstinn: dat kënne mir mat 2 Hänn ënnerschreiwen, besonnesch wann domat och d'„Gentrifizéirung", Wunnengen déi ëmmer méi deier ginn, a wou et ebe just kee Mix méi vun der Bevëlkerung méiglech ass vu verschiddene Quartieren, wéi op Belval gemengt ass!

Da mussen awer och Institutioune wéi Crèchen an der ëffentlecher Hand bleiwen! De Fait dass mir nach net wëssen op um Belval Sud eng ëffentlech oder eng privat Crèche hikënnt, sprécht méi wéi Bänn. Dat dierft an eisen Aen iwwerhaapt keng Diskussioun sinn.

Et ass och begréissenswäert dass eng Wunnkooperativ an och Studentewunnengen ugeduecht sinn: mee vu dass mär do vun Agora ofhängeg sinn (wat u sech jo schonn e Problem duerstellt), kann een do nëmmen ofwaarden an Téi drénken (d'Fro bleift jo och ob Student*innen sech dat iwwerhaapt leeschte kënnen).

Wéi een dëser Deeg och liese kann, sou ass de Problem vum Wunnraum een dee jiddereen an eiser Gesellschaft betrëfft, ouni Ausnam: wann een also vun abordabelem Wunnraum schwätzt, da muss een och iwwer Wunnen am Alter schwätzen, da muss een och iwwert intergenerationellt Wunne schwätzen, da muss een och iwwer aner Wunnforme schwätzen, da muss ee Wunnenge schafen an deene Leit liewe kënnen, déi am Rollstull sëtzen oder anescht an hirer Mobilitéit beanträchtegt sinn.

An der Schäfferotserklärung steet zwar ënner Projets:
„Faciliter la cohabitation entre les générations (logements intergénérationels, projets avec enfants et des personnes âgées)."

Wou sinn d'Projetë fir de Logement Intergénérationel drun? Wou si nei Projete fir „des personnes âgées"? Wuelwëssend dat et zu Suessem e puer esou Wunnenge gëtt, awer och dat ass just eng Drëps op de woarme Steen.

Ech kommen och bei dësem Punkt op de Belval Sud zeréck. Mär schaafen hei als Gemeng abordabele Wunnraum, awer bei wäitem nees net genuch.

Mär insistéiere bei der AGORA, datt méi gemeet muss ginn, mee mäer sinn op hire good will ugewisen.

Och de Fonds de Logement an d'SNHBM hu bis elo bal keng Mietwunnenge gebaut a bleiwe wéi an der Press ze liesen op hire Wunnenge setzen, well esouguer d'Leit sech déi ne mi kënne leeschten.

**D'Gemeng muss sech am Logement d'Mëttele ginn**

Sollte mär net als Gemeng selwer dëse Probleem mol an d'Hand huelen an zesumme mat anere sozialen Akteuren agéieren?

Wa mär dëst iwwer Joeren duerchzéien hu mär dono eng Rei Wunnengen a Gemengenhand, déi mär zu abordabele Loyere verloune kënnen.

Mär haten iech dat eemol ausgerechent: wa mär als Gemeng op 1% gemengeneege Mietwunnegen wëlle kommen, musse mär déi nächst 3 Joer all Joer 50 nei Wunnenge schaafen.

Dir sot elo warscheinlech, dass dat vill wier. Ma da komm mir eenegen eis fir 25 Mietwunnengen all Joer op 6 Joer ze schafen. De Staat rembourséiert eis zu 50 % – wo ein Wille ist, findet sich ein Weg!



kk_36_nr01-26.indd 80 13/03/2026 14:51

Dat joerzingtelaangt Diktat an d'Gewerdeloossen vun der Immobilienindustrie a vum Groussgrondbesëtz – oft an dene selwechten Hänn – huet déi aktuell Wunnengskris bewierkt.

Et gëllt déi Dominanz ze briechen – an dat huet näischt mat klenge Proprietären ze dinn, déi ëmmer ideologesch mobiliséiert ginn, fir d'Intresse vun dene Groussen duerchzesetzen, deenen awer de ganze „Marché" gehéiert.

Mär waarde villzevill op nei Gesetzer déi riskéieren ni oder nëmmen a verwässerter Form ze kommen.

Dobäi bidden déi verschidde Gesetzgebungen iwwer de Pacte Logement an den Aménagement du Territoire Communal elo schonn Usätz, déi awer leider net genotzt ginn, wéi d'Erhéijung vum Grondsteierhiewesaatz (B6) op bebaubarem Terrain, oder Taxen op eidele Wunnengen oder Terrainen.

Mär begréissen et natirlech, wann d'Buergermeeschesch an hirer Budgetried elo vun de Gemengeservicer op d'mannst verlaangt „e kloert Konzept opzestellen, fir eis onbebauten a strategisch **Kommunalflächen** a de kommende Joren ze mobiliséiren", mee wëllen et net bei dene Fläche beloossen.

A natierlech begréisse mär och, dass d'Gemeng elo endlech wëll Wunnenge schafen an als „bailleur social" agéieren.

Duefir brauch awer d'Gemeng och méi Mëttel, z.B. fir hiren „droit de préemption" geltend ze maachen, wéi dat och am avis vun eiser Gemeng zum PDAT („Plan Directeur d'Aménagement du Territoire") verlaangt gouf.

Och am „logement abordable" missten iwwregens d'Obligatioune fir déi grouss Promoteuren, méi esou Wunnraum ze schaafen, erweidert ginn – an d'Präisser misste virun allem däitlech do gesenkt ginn, déi sech ëmmer nach zevill un de Maartpräisser orientéieren.

## Méi Nohaltegkeet a sozial Gerechtegkeet woen

An eisen Ae gi nees keng grouss politesch Akzenter gesat, et ass keng wierklech Wäitsiicht ze fannen, et feelt u Gestaltungsméiglechkeeten déi méi wäit reechen, wéi an d'nächst Joer.

Och wann eis Buergermeeschtesch dat anescht präsentéiert. „Mär maachen hei net e Budget fir ee Joer – mir bauen d'Struktur fir déi nächst 20, 30, 40 Joer."

Eis Gemeng wiisst ëmmer weider, wéi scho virdru bemierkt. An d'Zäite géifen et hierginn, endlech mol e bëssi méi **Kreativitéit** ze weisen, endlech mol e Bild ze kréie vun der Gemeng déi de Schäfferot hei gäre matgestalte géif.

Mee, nee, dovun ass hei leider nach ëmmer näischt ze fannen.

Et gi Pisten opgezielt wéi am **Beräich Ëmweltschutz** wéi z.B Photovoltaik op de Gemengegebaier ze installéieren, dëst sollt iwwerhaapt net méi zur Diskussioun stoen, dëst misst e modus vivendi sinn iwwert deen ee mol kee Wuert méi brauch ze verléieren.

Och hei gëllt et nei Pisten ze sichen, wéi:

- souwisou versigelte Parkraum mat Photovoltaik ze bedecke wat dann och als Sonneschutz fungéiert,
- zwëschent den Zuchschinne Photovoltaique ze leen, dës Propose mat de Nopeschgemengen aus dem Kordal der CFL proposéieren,
- Baueren, Betriber, Handwierker ze ënnerstëtzen an ze berode fir Photovoltaik opzeriichten an Zesummenaarbecht mat der Klimaagence an eisem Ëmweltservice.
- E méi u Subside fir d'Bierger*Innen, déi sozial gestaffelt sinn, an Zesummenaarbecht mat der Klimaagence, de Banke fir e Préfinancement ze erméiglechen, resp. och d'Proprietären ze sensibiliséieren, hier Immobilien op de neiste Stand vun der Technik ze setzen.

Dës Piste weise kloer datt et an dësem Budget nach ëmmer un enger konkreter, ëmsetzbarer Visioun fir d'Zukunft feelt.

Mär gesinn nach ëmmer näischt, wat op **eng Stäerkung** vun der Gemeinschaft erausleeft oder en Opschléissen u besser Liewensqualitéit, méi **Nohaltegkeet, eng sozial Gerechtegkeet** liwwert.

## Verwalten oder gestalten?

Mär vermëssen nach ëmmer systematesch a reegelméisseg Biergerbefroungen zu eenzelnen Themen.

Et bleift fir eis och dëst Joer d'Fro vum Bléckwénkel: verwalten oder gestalten? D'Gemeng ass keng privatwirtschaftlech Entreprise.

Mär als déi Lénk gesinn d'Gemeng als ëffentlechen Déngschtleeschter, deen, am Optrag vun der Allgemengheet probéiert op generell a spezifesch Besoine vun de Bierger*innen anzegoen. Dat heescht och, d'Leit an Entscheedungen anzebannen!

Mär widderhuelen dann och hei nach emol eis Fuerderung vun der Schaafung vun enger „**Commission de développement économique**". Mär wëllen, dass eis Gemeng net nëmme Verwalter mee och Gestalter soll sinn, och an engem gewësse Mooss bei kommerziellen Aktivitéiten am Sënn vun enger „économie solidaire et circulaire".



kk_36_nr01-26.indd 81 13/03/2026 14:51

Esou eng Kommissioun misst iwwergräifend all Aspekter vu Liewensqualitéit a Citoyennetéit berücksichtegen a Pläng fir d'Entwécklung vun eiser Gemeng mat hire Spezifizitéite vun hire 4 Uertschaften heizou ausschaffen.

Dann hätte mär och scho vläit e Projet fir Eileréng parat, a mär kéinten och bei anere Geleegenheeten Projete steeë goen an eisen droit de préemption notzen, anstatt de Privatpromoteuren, déi ganz vill Schold un der Wunnegskrise hunn, d'Feld z'iwerloossen.

Mär hu jo nees des Woch gesi wéi et op der Stee zu Eilereng mat den Immobilie vis-à-vis vum Kulturschapp gaangen ass.

Mär hunn eis an der Vergangenheet deen Terrain schon lanscht d'Nues goe geloss a mär man deen nämmlechte Feeler nach emol…

### D'Gewerbesteier ass finanzielle Garant vun der Gemengenautonomie

Scho lescht Joer hate mir begréisst, dass mär frou doriwwer waren, dass ee mat der Erhéijung vum **Impôt commercial** d'Suen „do siche gaangen ass wou se sinn!". Dat beweisen och kloer d'Zuelen.

Zënter mer 2022 de Gemengenhiewesätz vun der Gewerbesteier op de Gewënner vun de Betriber aus der Gemeng op de Maximum vun 350% eropgesat hunn (entspriechend enger jorelaanger Fuederung vun déi Lénk) ass déi Gewënnsteier (impôt commercial) an eiser Gemeng an de Konte vun 1,5 Milliounen 2021 op 3,2 Milliounen am Joer 2023 eropgaangen. (An dat si nach nëmmen déi 35% vun der Gewerbesteier aus eiser Gemeng déi eis direkt zoustinn.)

Wann déi Steier zënterhier stagnéiert, huet dat wuel aner Ursaachen, e.a. déi vill Exoneratiounen an Ausname bei der Gewënnbesteierung vun de Betriber.

Et ass mol gesot ginn, virun allem de Finanzsekteur giff se bezuelen, wéineg awer d'Industrie. Mär wëssen dat net.

Wéi gëtt do dat Kontrollrecht, dat de Gemengen an engem Gesetz vun 1997 iwwert d'Besteierung vun de Betriber op hirem Territoire zougestane gouf, aktuell gehandhaabt?

Den 30.4.1997 hat de Rapporteur François Biltgen an der Chamber gesot, wéi d'Kontrollrecht vun de Gemengen an der Loi Générale des Impôts am Artikel 212b festgehale ginn ass:

„Wann et ëm d'Gewerbesteier geet, dann ass et e Punkt vun der Politik, deen an d'Kompetenz vum Gemengerot fält. Also huet do all Conseiller d'Recht, Accès zu deenen Donnéeën ze kréien."

Ween huet do de Moment Zougang? D'Buergermeeschtesch, de Schäfferot, oder och de Gemengerot?

Well obschonn déi Steier geduecht ass, fir d'Onkäschten auszegläichen déi der Gemeng entstinn duerch z.B. „Bereetstelle vun Industriezonen, Parkplazen, noutwendegen Ëmweltschutzmoossnamen", wéi et um guichet.lu heescht, an den impôt commercial eng reng Gemengesteier ass – an zwar de finanzielle Garant vun der Gemengenautonomie! – gëtt se net vum Gemengereceveur erhuewen, mee de Gemengen duerch d'Steierverwaltung zougedeelt.

Autonomie setzt awer och Kontroll viraus. Insgesamt ginn 8 Mio Gewerbesteier op de Gewënner an eiser Gemeng opgehuewen, dat ass net näischt, wouvu 65% (also 5,2 Mio. 2024) an de Fonds de compensation des communes (FDGC) abezuelt ginn.

### Gemengefinanzen: kucke wee belaascht gëtt!

Deen FDGC gëtt awer donieft virun allem duerch Lounsteier, TVA, Autostax an aus dem Staatsbudget gespeist a gëtt un d'Gemengen alleguer no engem komplizéierte Schlëssel verdeelt, wou virun allem d'Bevölkerungszuel an dann d'Zuel vun de Lounofhängegen, den „indice socio-économique" an esouguer, awer nëmmen zu 1%, d'Sozialwunnenge berücksichtegt ginn.

Eis Gemeng krut aus deem Fong 2024 75,2 Mio ausbezuelt, wat also de „Löwenanteil" vun eisen uerdentlechen Einnamen ausmécht.

Et sinn also ëmmer nach virun allem d'Leit, mär alleguer, déi de Gros vun de Steieren, och fir d'Gemenge, bezuelen, net d'Betriber.

Duefir fanne mär et och emsou méi ongerecht, dass Gemengendingschtleeschtungen wéi Waasser oder Müllabfuhr de Leit käschtendeckend verrechent ginn. D'Leit si net all gläich am Akommes an déi Taxen si nawell kräfteg an d'Luucht gaangen.

Gemengerechnunge sinn haut keng Bagatelle méi a schloe schéin an d'Geld, och fir déi Leit déi net kënnen dat zréckfroen iwwer d'„Gromperegeld" – wat a Wierklechkeet eng Ënnerstëtzung fir Taxe vu Leit ass, deenen hiert Akommes ganz niddreg ass.

„Ech hunn d'Gefill, ech géif mech all Joer widderhuelen. Mee eis Virgabe bleiwen onverännert" – sot d'Finanzschäffin – an eis Kriticken och!

An och déi Zomm aus dem FDGC ass fir d'Gemeng Suessem 2025 wéi fir déi meescht Gemengen zréckgaangen, och wann nëmme liicht.



kk_36_nr01-26.indd 82 13/03/2026 14:51

An dat well eng Partie Gemengen hiren Extrabeitrag als „centre de développement et d'attraction" (CDA) erhéicht kruten, wouduerch den Ertrag aus dem FDGC fir all déi aner Gemengen erofgaangen ass, déi net dee Status hunn, wéi d'LSAP an enger parlamentarescher Ufro kritiséiert an de Minister Gloden den 12. Juni 2024 bestätigt huet.

Mär haten als déi Lénk schonn zënter 2022 gefuerdert, dass eis Gemeng de Status als CDA vun der Kategorie 3 soll kréien, wéinst eise ville nationalen Infrastrukturen, wat eng Surplus-Dotatioun vu 5% giff bréngen, déi Gemenge wéi Klierf, Erpelding, Jonglënster, Miersch, Mondorf, Reding-Attert a Stengefort no Déifferdéng, Diddeleng, Iechternach, Grééiwemaacher Réimech, Veianen a Woltz awer kritt hunn.

Eis Buergermeeschtesch hat eis beim Gemengebudget fir 2025 erkläert, si hätt trotz Demanden a Bréiwer keen Erfollech an deër Fro beim Minister Gloden gehat, an dat zu enger Zäit wou awer aner Gemengen den CDA-Status valoriséiert kruten.

Zur selwechter Zäit sinn awer an der Regierung Decisioune geholl ginn, fir Suessem mat der Ausdehnung vun der WSA a mam Bau vum Contournement ze beglécken!

Mär froen eis ëmmer méi:
Wou bleift d'Duerchsetzungsverméige vun dësem Schäfferot an dëser Koalitioun vis-à-vis vun der Regierung?

Dozou kënnt, dass eis Gemeng muss hire Beitrag an de Fonds pour l'Emploi vun 53.092 Euro (am Kont 2024) elo op bal 400.000 Euro (am rectifié 2025 an am Budget 2026) steigeren, well deen elo un d'part directe vum impôt commercial an eisem Budget ugepasst gëtt. Vun 2,8 Mio vum ICC ginn der also erëm 400.000.- ewech geholl.

Eppes wat mat der finanzieller Capacitéit vun de Gemenge gerechtfertegt gouf, wat awer eleng schonn duerch de Fait skandaléis ass, dass de Sozialbeitrag vun de Betriber an de Fonds pour l'Emploi scho laang op 0% gesat gouf, obschonn si et jo sinn, déi de chômage verursaachen.

**E Konsens fannen iwwer dat wat Biergerbedeelijung heescht**

Mär hunn et hei schonn oft ugeschwat: Niewent der Noutwendegkeet dat wat ass ze verwalten, muss een dat wat wäert sinn, awer och (mat-)gestalten. Als Beispill kann een och dëst Joer erëm de Punkt "Biergerbedeelegung" huelen.

Vläicht misst een hei nach emol e Konsens fannen iwwer dat wat Biergerbedeelegung heescht, sou dass mir eis hei all eens sinn.

Hei gëtt zwar vill gemaach a probéiert, mee et kann een net behaapten dass d'Leit hei an der Gemeng e wierklech Matsproochrecht hunn, well dofir bräicht ee méi Informatiounen, méi Transparenz a manner „huis clos".

An dat verlaangt Vertrauen. Vertraue muss een trainéieren, dat ass net eppes wat einfach esou entsteet (leider, kéint een do soen).

E Beispill gefällegst:
D'Biergerinitiativ an de Mouvement écologique hate gefrot an engem Comité d'accompagnement matzeschaffen a matzehëllefen, fir dass d'Situatioun bei der KRONOSPAN sech ging verbesseren.

Dir hutt déi aaner Partner an deem Grupp, deen sech regelméisseg mat der Direktioun vu KRONOSPAN gesäit, gefrot op si dat wéilten.

Är Äntwert un eis wuar net ganz kloer: dir hutt eis zwar gesot dass dat net gewollt ass, mee sinn et déi aner déi dat net wëllen oder ass dat och är Meenung? Wat ass do är Haltung?

An eiser Nopeschstad Esch sinn d'Biergerinitiative resp. de Mouvement écologique an engem Comité d'accompagnement ARCELOR/MITTAL betreffend Ëmweltbelaschtungen agebonnen. Biergerbedeelegung an Transparenz funktionéieren also – awer net bei eis.

Wa mär dat Vertraue vun de Bierger*inne wëllen, da musse mär hinnen och Vertraue schenken. An dofir brauche mir „Rahmen & Bedingungen". Dovun ass hei net vill ze fannen…

Kommissiounen, Assisen, asw sinn Outilen déi ausgebaut gehéieren. A wann se bis lafe, sollen se awer och eescht geholl ginn an hier Avise sollen an de Rapporte festgehale ginn an och mat an d'Entscheedungen afléissen, well soss brauche mär se och net.

Mee wéi oft ginn d'Kommissioune schonn iwwerhaapt keen Avis méi gefrot? Verschidde Punkte komme guer net op den ordre du jour, folglech ginn se net diskutéiert a behandelt. E gutt Beispill hate mer jo haut eléischt mat dem Konzept vun der Mobilitéit am Kordall.

Wann et mat der Biergerbedeelegung d'selwecht geet ass dat an eisen Ae just eng Alibifunktioun a keng op Aenhéicht funktionéierend Biergerbedeelegung.

An der Schäfferotserklärung steet ënner Sensibilisation/ Participation: „Mettre en oeuvre des propositions de projets élaborées en collaboration avec les citoyen·ne·s (par exemple un budget participatif)." Wéini ass dann ugeduecht esou e „budget participatif" ze proposéieren?



kk_36_nr01-26.indd 83 13/03/2026 14:51

Ech zitéieren d'Mme Buergermeeschtesch bei der Präsentatioun vum Budget 2025 zu dësem Punkt dee mär emmer nees uschwätzen:

„Zur Bürger·innen beteiligung erklärte Asselborn-Bintz (LSAP), dass die Gemeinde bereits diverse Ansätze verfolgt habe, um die Einbindung der Bevölkerung zu verbessern. Sie räumte jedoch ein, dass die Resonanz der Bürger·innen oft gering sei. Sie kündigte an, dass der Service des Relation publiques et de la Culture im kommenden Jahr eine Strategie entwickeln soll, um Bürger·innenbeteiligung effektiver zu gestalten."

Mär hunn an hierer Ried zum Budget dëst Joer awer näischt méi dozou héieren. A mär wëssen och firwat. Well D'Zuelen am Budget schwätze leider eng kloer Sprooch: déi „enveloppe budgétaire pour projets participatifs, projets définitifs à déterminer en fonction des propositions et votes" (50.000 Euro), déi am Budget 2025 ënnert dem Titel „**Budget participatif**" stoungen, goufen 2025 net ausginn (budget rectifié: 0.-!)! Wou si mär da lo do drun? Well si stin erëm eng Kéier am Budget 2026.

Op dat Thema „Biergerbedeelegung" wäerte mär dat nächst Joer sécher ëmmer ërem am Detail ze schwätze kommen, dir wësst, mär sinn do zéi ;-)

**A punkto TICE a Contournement ginn déi falsch Akzenter gesat**

Et feelt eis och eng Visioun zu der **Mobilitéit** an eiser Gemeng. Och hei geet et an eisen Aen net duer de Bierger*innen e Mobilitéitskonzept, wat vun enger privater Boîte, nämlech Schroeder an associés, ausgeschafft gouf ze präsentéieren, iwrejens bekanntlech ouni ëffentlech Ausschreiwung.

Dëse Bureau d'étude schafft am ganze Land a mär woen et ze bezweifelen dat se sech mat enger wierklech nohalteger Mobilitéitspolitik befaassen.

Well wann se dat maache géifen, da géifen se net nach ëmmer op nei Stroossen, esou wéi de Contournement, setzen. Och hei vermësse mär eng konsequent Haltung vum Schäfferot géint dës Strooss déi **Hektare** vu Bëscher zerstéiert.

Et geet einfach net duer am Gemengeroot ze soen dat och d'Majoritéit géint dëse Contournement ass an dat keen dëst gutt fënnt, mee wann et dann awer dorëms geet sech ze wiere, de Schwanz da bäigezu gëtt mam Argument, et hätt jo souwisou kee Wäert… dat ass einfach en Aarmut!

Et kann an eisen Aen net sinn datt mär ëmmer méi Stroosse quasi impassabel, folglech zou maache, fir dann nees nei Stroossen ze bauen. Dat ass einfach net méi zäitgeméiss. Mee och hei gesi mär keng Akzenter, au contraire, de Budget vum TICE gett nach méi erofgesat.

An och wa mär elo hei gesot kréien datt dëst wéint enger Ëmstrukturéierung vum TICE ass, datt 2035 (sic! – dat muss een sech mol op der Zong zergoe loosse well dat si nach 10 Joer) den Tram am Süde funktionéiert, a well de Staat sech do elo mat amëscht, loosse mär dat net gëllen.

Well wien, wann net eng Gemeng, kennt d'Problematiken am allerbeschten a kann do och remediéiere wat den Takt an d'Tracéë vum ÖT ugeet.

Esou wéi dëst am Moment leeft ka kee Mënsch den Auto an der Garage stoe loossen, resp. sech keen uschaafen.

Vill ze mann Konnektiounen an Takter, vill ze mann Méiglechkeete vun A op B ze kommen an awer och d'Kanner an d'Crèche resp d'Schoul ze bréngen.

Vill ze wéineg Busser déi Mueres ganz fréi resp. Owes ganz spéit fueren an de Weekenend bal iwwerhaapt net, fir Leit di Schichte schaffen.

Et ginn och vill ze wéineg securiséiert, beliichten an am Wanter propper gemeete Vëlosweeë fir déi déi dann nach Vëlo fuere kënnen.

An dësem Beräich sollte mär eis eeler Matbierger*innen och net vergiessen. Déi déi net méi Auto fuere kënnen a quasi isoléiert ginn an hirem Doheem well se néierens méi hikommen, well se evtl. och nach schlecht zu Fouss sinn. Sonndes sëtzte si ganz oft an hirem Doheem virun sech hin ze driepsen. A nee, net jidereen huet d'Chance eng Platz an enger Struktur wou vill ugebuede gett ze fanne, well dës rar geséint sinn. Kuckt eis Wuardelëscht fir an eise REWA!

Wa mär elo scho bei der Mobilitéit sinn, sollte mär eis och mol eisem ëffentlechem Raum zouwenden. Hu mär eis do schonn d'Méi gemeet opzelëschte wat mär an eiser Gemeng unzebidden hunn a wat evtl. nach feelt? Wéi steet et mat ëffentleche Platze fir Jonker a manner Jonker?

Hu mär eng Oplëschtung wat op deene Platze do ass, z.b. e Listing mat eise Spillplazen a welch Geräter fir welchen Alter drop stinn? Esou datt mär ganz séier gesi wat nach feelt fir dat eng Famill oder eng elengerzéiend Persoun mat hire Kanner vu verschiddenen Alteren och op der selwechter Spillplaz bleiwe kënne mat all de Kanner.

**D'Problematik vun der Kronospan net méi ausblenden!**

Mir Mënschen hunn d'Tendenz ëmmer déi schéi Säit ze



weisen an an de Vierdergrond ze sëtzen. Et kann ee Problemer ausblenden, ma dat mécht awer net, dass se net méi do sinn.

An hei muss ech dat trauregt Beispill vu Kronospan zitéieren, eng Fabrick déi nach ëmmer d'Ëmweltoplagen net erfëllt huet, a säit 40 Joer de Geck mat eis all mécht. Dir zitt iech aus der Affaire eraus andeems dir sot, et wier de Staat dee verantwortlech wier, als Gemeng kéint een do net vill maachen.

Nee, Madamm Buergermeerschtesch – dir an äre Schäfferot a mir all hei am Gemengerot si responsabel fir d'Salubritéit an d'Gesondheet vun eise Bierger*innen.

Am leschte Rapport vun der Ëmweltverwaltung vum 22. Oktober dëst Joer ginn nach ëmmer 3 non conformités significatives opgelëscht an et geet Rieds vu gëftege Substanzen déi do ausgestouss ginn:

- Nitric Oxid provozéiert Asthma a Bronchitis a beaflosst Biosystemer negativ
- Schwefeloxid ass gëfteg a fir de saure Reen responsabel
- Chlorwasserstoff provozéiert beim Mënsch Verätzungen an den Otmungsweer, Longeschied etc.

Dat si Fakten déi een net ausblende kann!

Dann zum Schluss nach eng Verständnisfro:
Beim Poste 510 Gestion des déchets ass eis opgefall, dass mär vu VALORLUX am rectifié 2025 just nach 31.215 € fir d'Asammele vu Glas a Pabeier par rapport zu 75.796 € 2024 stinn. Dat mécht e bësse stutzeg. Heescht dat dass manner, awer da vill vill manner bei eis recycléiert gëtt?

A weider stelle mär fest, dass mär insgesamt fir frais de fonctionnement, transport, rassemblage, destruction fir LAMESCH, SIDOR, SIVEC a Minettkompost 2,2 Milliounen ausginn – en plus steet e Poste Rémunération des salariés ënnert deem Artikel mat 538.000 €, wat wuel kaum d'Personalkäschte fir Eidelmaache vun de Strossebakken ass oder fir d'Ewechhuele vun engem futtisse Canapé. Wéi ass dat ze erklären?

Ech soen iech Merci fir d'Nolauschteren.

Mär kënnen dëse Budget net stëmme well mär d'Politik vum Schäfferot net guttheeschen.

"

## ADR

Prise de position par Mara SCHAMMO

Bieles, den 28. November 2025

"

### BUDGETSRIED

Madamm Buergermeeschtesch,
Madammen a Hären aus dem Schäfferot a Gemengerot,
léif Alleguerten,

Als éischt wëllen och mir eis bei den Damen a Häre bedanken, déi um Budget 2026 matgeschafft hunn. D'Aarbecht un engem Gemengebudget ass intensiv a komplex, an dofir soll dës Leeschtung unerkannt ginn. Merci dofir.

De virleiende Budget 2026 ass e virsiichtege Budget, deen nëmmen e begrenzte Raum fir Kritik léisst, well e gréisstendeels un d'Planungen aus dem Virjoer uknäppt: d'Schoul zu Suessem, d'Buvette vum FC Belval, verschidde Stroossenaarbechten, Investitiounen am Wunnengsbau oder nach de Kaf vu Proprietéiten a Immobilien. Dëst si wichteg an néideg Projeten, déi mir esou och unerkennen.

**Hei nawell e puer Investitiounen, déi schonns lescht Joer ernimmt goufen, nach emol am Budget 2026 stinn, a wou Kritik och nach ëmmer besteet:**



kk_36_nr01-26.indd 85 13/03/2026 14:51

D'Renovatioun an Ëmwandlung vun engem Eefamilljenhaus an zwou abordabel Wunnenge fir **2,128 Mio €**, Kaf abegraff, féiert zu engem m²-Präis vu ronn **11.000 €**. D'Intentioun, abordabel Wunnengen ze schafen, ass absolut richteg a wichteg. Awer et däerf een sech d'Fro stellen, ob dëse finanziellen Opwand am Verglach zu anere méigleche Strategien am Beräich vum abordabele Wunnraum nach novollzéibar ass. Eng méi verantwortungsvoll Ausnotzung vun de Ressourcë wär ubruecht a gëtt sëcherlech vum Bierger och erwaart.

An och dëst Joer, fanne mir de Präis vun 1 Mio. fir de Projet **Buvette FC Bieles** nach ëmmer ze héich. Firwat muss Konstruktioun vun enger Buvette esou een héije Käschtepunkt ginn? Mir begréissen d'Moderniséierung vun eise Sports- a Fräizäitinfrastrukturen aus voller Iwwerzeegung, mee d'Verhältnes vun Investitioun zu Notze sollt kloer a plausibel bleiwen.



Dann komme mer nach op de Projet Avenue 2000, e Projet, den aus engem Concours vum Ministère de l'Environnement am Joer 2022 ervirkoum a gewonne gouf, baséiert. Wéi jo gewosst, hunn verschidden Awunner iech hier Doleance a Bedenken zu dësem Projet via Petitioun a Bréiwer matgedeelt. Dofir hoffe mir, datt bei der jëtzeger Versioun vum Projet, Besoinen a Remarke vun den Awunner berécksiichtegt gi sinn. D'Akzeptanz vun engem Projet erhéicht sech wesentlech, wann de Biergerdialog als integralen Deel vum Prozess ugesi gëtt.

De Biergerdialog bei zukünftege Projete sollt vun der Gemeng konsequent a prioritär gefouert gi fir onangeneem Diskussiounen/Sträitgespréicher mat de Bierger ze minimiéieren. Ech bezeie mech hei op Problematik vum Chantier Cité Grand Duc Jean, wou ee vun de Problemer doranner bestanen huet, dass Doleance vun den Awunner net eescht genuch geholl gi si weder vun der Gemeng nach vun der Entreprise.

**Zukünfteg Erausfuerderungen:**

An de nächste Jore gëtt Erweiderung vun der Schoul-infrastruktur eng grouss Erausfuerderung fir eis Gemeng, organisatoresch a finanziell. Schoulen um Terrain vun der Gemeng Suessem, ass dat Bieles, Suessem, Zolwer oder Eilereng sollen aus alle Néit platzen.

Schoul Suessem ass jo a Konstruktioun, mee esou e Bau dauert seng Zäit. Gemeng hëlleft sech mat Containerstrukturen aus, déi awer och een héijen finanziellen Impakt hun. Natiirlech sinn se iwwerall asetzbar a hëllefen, iwert Period vum Schoulbau, Schoulorganisatioun vun de Kanner ze garantéieren.

Wéi mir matgedeelt krute, soll Biergerzuel Enn 2026, vun 19500 – Previsioun fir Enn 2025, op 20300 erëm erop goen. Dëst ass eng Dynamik, déi déi aktuell Kapazitéite vun eisen Infrastrukturen, am Schoul- mee och am Wunnengsberäich, staark ënner Drock setzt.

Déi geplangte Schoulbauten an der Gemeng sinn dofir absolut noutwenneg. Gläichzäiteg misst een sech awer d'Fro stellen, wéi eng strategesch Iwwerleeunge kéinten hëllefen, dëse Wuesstem an Zukunft méi gezielt ze steiere fir **esou** eng nohalteg a finanzéierbar Entwécklung vun eiser Gemeng ze garantéieren. Eis kënnt et fir, an dat net nëmmen um Gemengeniveau, wéi wann ee mat den Infrastrukturen ëmmer hannendru leeft.

**Nach e puer allgemeng Remarke :**

**1.** Den Ofbau vu Parkplatzen: eis kënnt et fir, wéi wann de Schëfferod sech als Aufgab gesat hätt, esou vill wéi méiglech Parkplatzen ewechzerationaliséieren, dëst ass awer net nëmmen e Phänomen vun eiser Gemeng aleng. Hei och e puer Beispiller: rue Dickskopp, rue Scheierhaff, de neie Projet vun der Avenue 2000 a deier Beispiller ginn et bestëmmt nach méi.

Zu Bieles gëtt rue du Brill erneiert. Op eng Nofro am Gemengrod wou d'Awunner sech wärend dem Chantier solle parke goen, well den Zougang zu hire Garage wäert blockéiert sinn, koum keng wirklech Aentwert. Bierger dierften sech awer kënne vun hirer Gemeng erwaarden, dass se Ausweichméiglechkeete schaaft bei esou Aarbechten.

**2.** Am Gemengerot vum 14.11.2025 goufen d'Administrativ Konten 2023 virgestallt mat den Umierkunge vum Ministère des Affaires Intérieures.

Wat eis dunn opgefall ass, dass verschidden Umierkunge vum Exercice 2022 nach am Exercice 2023 erëmzefanne sinn.

Dëst betrëfft ë. a.:

— d'Regulariséierung vun der **taxe de raccordement**: dës Regularisatioun ass ereicht elo 2025 gemaach ginn.
— Irregularitéiten am Beräich vun de **Marchés publics**: wéi kann et sinn, dass Gemeng sech net u Dispositiounen, déi heifir virgesi sinn, hält?

Mir sinn elo Enn 2025, also firwat ginn dës Remarken net am Joer drop konsequent behuewen? Fir eng transparent, riguréis a konform Gestioun vun ëffentleche Gelder ass et entscheedend, datt sou Observatioune séier a grëndlech korrigéiert ginn. Garantie muss gi sinn, Widderhuelungen ze évitéieren.

**3.** Eng weider Fro, déi sech stellt, betrëfft d'Wiel an de Kontroll vu sougenannten Experten an externen Acteure. Ginn d'Kompetenzen, d'Autorisatiounen an d'Referenze vun dëse Persounen a Firme systematesch gepréift?

An deem Kontext ass eis eng Firma op der Lëscht vun den Ingenieursbüroen, déi vu der Gemeng beoptragt gi, ogefall, wou mir eis ganz kloer d'Fro stellen, ob déi néideg Autorisatioun/Dipom an dem Fachberäich virgeluecht gi sinn.

Mir ginn dovun aus, mir hoffen jiddefalls, datt dës Firma nëmme bannent hire reelle Kompetenzen agesat an och esou bezuelt gouf.

Eng systematesch Qualifikatiounskontroll ass hei essenziell, fir professionell Standarde, Transparenz an eng gesond finanziell Gestioun ze sécheren.

Als Ofschloss well ech hei op de Roll an Erwaardungen vun der lokaler Politik kommen.

Ech wéilt nach eng Kéier betounen, datt d'Bierger sech haaptsächlech eng seriö an effizient Gestioun vun de kommunale Mëttelen erwaarden. Et geet virun allem drëms:

— Infrastrukturen ze verbesseren,
— Investitiounen ze justifiéieren,
— Transparenz ze garantéieren,
— an d'Gesetzgebung korrekt ëmzesetzen.

D'Gemeng soll sech op hir Kärmissioune konzentréieren a sech net onnéideg mat Resolutioune beschäftegen, déi souwisou net an hirer Kompetenz leien.

Dëst géif zu méi Effizienz, méi Vertrauen a méi Kloerheet fir a bei de Bierger féieren.

Ech soen lech Merci fir nolauschteren. ”

## DP

Prise de position par Max LEHNEN

Bieles, den 28. November 2025



### “ BUDGETSRIED

Madame Buergermeeschter,
Léif Kolleeginnen a Kolleegen aus dem Schäffen- a Gemengerot,
Léif Biegerinnen a Bierger dobaussen,

**1.** Am Numm vun der Demokratescher Partei, well ech fir d'éischt dem Personal vun der Gemeng MERCI soen fir déi gudd Aarbescht, déi si an deene läschten 12 Méint geleescht hun, a virun allem dem Finanzservice an dem Sekretariat.

Wann een de finanzielle Spillraum vun enger Gemeng définéiert, muss een emmer am Hannerkapp behaalen, dass déi finanziell Situatioun vun enger Gemeng net vun den Evolutiounen op aaneren Niveau'en (sief et national oder international) verschount bleift.

**2.** Op nationalem Plang gesi mir, datt d'Diskussiounen ëm d'Finanzpolitik, ëm d'Prioritéiten an den Investissementer an och ëm d'Allgemengentwécklung vum Land ganz vir un der Dagesuerdnung stinn. Décisiounen, déi op staatlechem Niveau geholl ginn – egal ob am Beräich vun der Infrastrukur, der Sozialpolitik oder der wirtschaftlecher Orientatioun – hunn ëmmer en Afloss op d'Gemengen. Se bestëmmen virun allem eis finanziell Spillräim.



kk_36_nr01-26.indd 87 13/03/2026 14:51

Och international ass d'Lag net méi einfach ginn. Geopolitesch Spannungen, wirtschaftlech Onsécherheeten, d'Entwécklung vun den Energiepräisser oder och d'Nohaltegkeetsfroen suerge fir en Ëmfeld, an deem all Kollektivitéit gutt ofweien a viru kucke muss. Sou huet de Conseil National des Finances Publiques, viru kuerzem (18.11.2025), am Kader vun der Präsentatioun vum Budget 2026 vun der Regierung Folgendes ennerstrach:

*„Les perspectives économiques et budgétaires du Luxembourg, mais aussi celles de la zone euro, restent entourées d'une forte incertitude, en raison d'un contexte macroéconomique international fragile et instable à la suite de la persistance de tensions géopolitiques et commerciales.“*

Mir kënnen zwar net op all déi Entwécklungen direkt awierken, mee mir musse se an eiser lokaler Finanzplanung considéréieren : Mir mussen nohalteg investéieren, Ressourcen intelligent asetzen an dofir suergen, datt eis Gemeng och an Zukunft finanziell stabil an attraktiv bleift.

An genee an dësem Kontext muss een de Budget, deen eis vum Schäfferot présentéiert gin ass analyséieren. E Budget ass net just eng technesch Zesummestellung vu Zuelen – ett ass d'Spigelbild vun de politesche Prioritéiten an der Visioun, wéi eng Gemeng sech an de kommende Jore wëll entwéckelen. De Budget weist, wat ee wëllt ausbauen, wat ee wëllt erhale an och, wéi eng Moyene mir bereet sinn dofir anzesetzen. Ett ass also e Barometer, deen Tendenzen eremspiggelt an eis eng Idee vun eiser finanzieller Gesondheet gëtt. Mee de Budget as virun allem d'Bréck déi eis haut mat muer verbënt.

Mat dësem Gesamtbild am Kapp, gin ech elo op meng Observatiounen a Bemierkungen zum proposéierte Budget an, an ennersträichen déi Punkten, déi aus der Siicht vun der DP eng besonnesch Opmierksamkeet méritéieren.

**3.** Mir mussen eis d'Fro stellen: Wéi gesäit de Plang fir eis Gemeng aus? En Zil ouni Plang ass just Wonschdenken.

An genee do, si mëttel- a laangfristeg Strategië wichteg wann ee bedenkt, dass de Boni vum Budget ordinaire net de Mali vum Extraordinaire ausgläicht.

De Budget ordinaire weist Recettë vun 132,5 Milliounen Euro an Depense vun 116,9 Milliounen Euro op. Dat ass e Plus vu ronn 15,55 Milliounen. De Budget extraordinaire dogéint huet Recettë vun 12,8 Milliounen an Depense vun 44,4 Milliounen Euro, soit e Minus vu bal 31,6 Milliounen.

Ouni de Report vum Boni aus dem Joer 2025 (i.e. 28,61 Milliounen Euro), wier de Budget ordinaire 2026 (mat engem Boni vun 15,55 Milliounen Euro) also wäit dovun ewech, de Mali vum Budget extraordinaire 2026 (i.e. 31,6 Milliounen Euro) opzefänken. An e puer Joer, geet déi Rechnung awer net méi op, wann d'Tendenz sech net ännert.

D'Gemeng Suessem huet Enn dës Joer viraussiichtlech eng Schold vu 34,4 Milliounen Euro. De Schäfferot huet erkläert, dass déi misst 2026 op 31,8 Milliounen Euro erofgesat ginn. Dat ass dann nach ëmmer vill, ouni iwwerhaapt iwwer d'Zënse geschwat ze hunn. Et bleift also definitiv kee Spillraum méi fir nach e weideren Emprunt opzehuele wann een eis Gesamtschold wëll erofdrécken.

Matt deenen villen Investissementer a Frais'en, stellen sech vill Froen :

— wat ass da geplangt fir d'Scholden an Depense, zemools am extraordinaire „am Aa“ ze behalen?
— wat ass konkret déi laangfristeg Visioun vun der Gemeng fir déi Depensen an de Grëff ze kréien?
— wéi eng Mesurë sinn do virgesinn?
— Envisagéiert d'Gemeng nach réckwierkend Subsiden op Basis vun Décomptes de projets extraordinaires unzefroen am Sënn vun der Circulaire n°2025-054 vum 21. Juli 2025?

Mier sinn op der 12. Plaz bei der Prokappverscholdung, d.h. 2,5% ouni CDI. Den CDI gehéiert awer zu de Servicer vun der Gemeng. Wat wëll de Schäfferot maache fir ze verhënneren datt de Bierger sech muss fir de Wuesstum verscholden?

DP ass kloer fir Investissementer a fir de Wuesstum, mee net op Käschten an zum Nodeel vun de Bierger.

**4.** Et ass gewosst, dass d'Gemeng 80 Milliounen Euro vum Fonds de Dotation Globale des Communes kritt. Mee wat geschitt wann dës Dotatioun manner klëmmt, onverännert bleift oder esouguer fält?

Et wier geféierlech ze soen, dass dat ni kéint passéieren. Onverhofft kënnt dacks. Ech rappeléieren hei, dass d'Haaptrecette vum Fonds de Dotation Globale des Communes d'Lounsteier (18%), d'TVA (10%) an déi gewerblech Gemengesteier (ICC) sinn. Dës Beträg hänken also ganz staark vun deenen externe geopoliteschen a wirtschaftleche Parameteren of, déi ech a menger Introduktioun genannt hat. Och eng Gesetzestextännerung kann hei Konsequenze fir d'Gemeng mat sech bréngen.

Vu, datt d'Gemeng esouvill Ressourcen aus dësem Fonds kritt, wëlle mir als DP wëssen ob de Schäfferot sech doriwwer Gedanke gemaach huet, an eventuell e Plang B am Tirang leien huet : Diversifikatioun vun de Recetten, Partnerschaften an eng strikt Ausgabekontroll.

**5.** Am Verglach zu 2016, hu sech déi ordinär Recetten



kk_36_nr01-26.indd 88 13/03/2026 14:51

an Depensen an eiser Gemeng an 10 Joer bal verduebelt. D'Bevëlkerung vun der Gemeng ass ëm graff 20% gewuess an där Zäit.

Wéi passt dat zesummen? D'Gemeng hat besonnesch duerch de Fonds de Dotation Globale des Communes (FDGC) vu Joer zu Joer ëmmer méi Moyenen, an déi sinn och genotzt ginn. Wat legitim ass.

Allerdéngs gëtt de finanziellen Drock op eis Gemeng, déi staark wiisst, ëmmer méi grouss, an domat d'Noutwendegkeet, am extraordinäre Budget grouss Investitioune mussen ze maachen, besonnesch an d'Infrastruktur.

An dofir ass et wichteg ze kucken, wéi eisen ordinäre Budget – eisen Anker fir Stabilitéit – strukturell zesummegesat ass. Et ware méi Suen do, an et sinn der méi ausgi ginn. Fir wat genee?

**6.** An do gesäit een: besonnesch d'Personalkäschte klamme staark, relativ gesinn. Si maache laut Budget Initial dat nächst Joer bal zwee Drëttel vun allen ordinären Ausgaben aus (bal 77 Milliounen Euro).

D'Personalkäschten alleng an eiser Administration hu sech an 10 Joer méi wéi verduebelt, dëst souguer ouni d'Personal aus de Gemengesyndikater wou mir Member sinn dobäizerechnen.

Déi gréisst Hausse gëtt et awer beim Personal vun der Maison Relais (SEA). Mir ginn do haut als Gemeng 3,5 mol méi aus wéi nach virun 10 Joer. D'Participatioun vum Staat un dësen Ausgaben huet sech allerdéngs just graff verduebelt. D'Schéier tëscht deem, wat de Staat bäidréit an deem, wat d'Gemeng selwer droe muss, geet also vu Joer zu Joer weider auserneen, zu Ongonschte vun der Gemeng.

**7.** D'Bevëlkerung an eiser Gemeng ass an dësem Zäitraum ëm 20 Prozent geklommen. D'Unzuel un ageschoulte Kanner an der Gemeng Suessem ass nëmme liicht méi geklommen an deem Zäitraum.

Dass et dem Schäfferot nach ëmmer wichteg war, dass et keng Waardelëscht an der Maison Relais gëtt, ass luewenswert a begréisse mir och. Bei esou enger rasanter Entwécklung vun de Personalkäschte muss een sech awer iergendwann Froe stellen. Läit et drun, dass et zevill eenzel, kleng Strukture gëtt, wou d'Personalkäschten, relativ gesinn, méi an d'Gewiicht falen an och proportionell méi Personal gebraucht gëtt? Dovu betraff sinn och nach aner Personalausgabe wéi Portier, Service Nettoyage, asw.

Hutt dir ausgerechent, wéi eng Personalausgaben op d'Gemeng duerkommen, wann d'Unzuel un ageschoulte Kanner esou wiisst, wéi am Masterplan Bildung 2035 virgesinn?

An alle Gemenge sinn d'Personalkäschten de gréisste Posten. Mee hei zu Suessem ganz däitlech. Et bleift doduerch ëmmer manner Spillraum, fir reagéieren ze kënnen, well Personalausgabe si rigid an net einfach esou vun haut op muer ze reduzéieren. Dovun ofgesinn, dass Salairen iwwer-proportional zu anere Käschte vu Joer zu Joer wuessen.

Et geet hei net drëms, fir d'Personal ze kritiséieren. Eist Gemengepersonal leescht e gudden Déngscht um Bierger. Et geet hei ëm d'Fro: Gi mat de Posteschafungen an Neibesetzungen, sou wéi et aktuell gehandhabt gëtt, déi richteg Prioritéite gesat?

D'OECD huet an hirem Rapport am Abrëll dëst Joer festgehalen, dass d'Masse salariale vum Secteur public zu Lëtzebuerg däitlech erhéicht ass par rapport zum revenu national brut (RNb). Bei wäitem méi héich wéi an all anerem OECD Land. An dass dëst Risike mat sech bréngt, wat och eng Warnung fir d'Gemenge misst sinn.

Huet de Schäfferot eng Strategie, fir mëttel- a laangfristeg d'Personalausgaben op de Leescht ze huelen, fir erauszefannen, wéi de Prozentsaz vun de Salairen un den Ausgabe ka stabil gehale ginn resp., idealerweis, verréngert ginn? Wuel wëssend, dass dëst net automatesch bedeit, dass de Service um Bierger drënner leide muss. Mee dass ee sech Gedanke mécht, wou eng personell Opstockung Sënn mécht a wou et Beräicher oder Servicer gëtt, déi anescht kënnen organiséiert ginn?

Mir brauchen en Audit fir d'Effizienz vun de Servicer ze moossen a fir eng Strategie ze définéieren fir d'Käschten ze stabiliséieren.

**8.** En anert Beispill ass de CIPA. Och hei ass et jo u sech begréissenswert, dass dësen a Gemengenhand ass, wat hei am Land d'Ausnam ass. Mee och do weist e Bléck op déi lescht 10 Joer, dass sech d'Personalkäschte verduebelt hunn. War de CIPA virun 10 Joer nach bal käschtendeckend, sou schléit 2026 am ordinäre Budget wahrscheinlech en Defizit vu bal 3 Milliounen Euro zu Buch.

De Problem läit net am Prinzip, dëst als Gemeng wëllen ze maachen. Mee zu wéi engem Präis? Fir dass d'Rechnung opgeet, leet d'Gemeng pro Awunner vum CIPA dat nächst Joer viraussiichtlech 22.500€ bäi.

Präist een dat mat an, misst de „Prix de pension“ fir eng Persoun an eisem CIPA bal op 5.000€ de Mount gehéicht ginn. D'Entwécklung vun de leschte Jore weist, dass dës Tendenz riskéiert, déi nächst Jore weider an déi selwecht Richtung ze goen, mat engem Defizit, deen ëmmer méi grouss gëtt. Wéi plangt de Schäfferot, géigenzesteieren?

**9.** Bei den Dépenses extraordinaires vun 50,6 Milliounen

Euro, sti Logement an Ariichtungen ganz vir a maachen 46,87% vum Budget 2026 aus. Eng Fro déi sech do stellt ass, firwat sinn dei Punkten net am Budget Ordinaire dran wann se néideg geplangt Constructiounen fier d'Gemeng betreffen a keng „nice to have" sinn?

**10.** D'Gemeng keeft Immeublen fier abordable Wunnéngen dei sie selwer verwalten wëll. Dat bréngt net nemme rekurrent Käschte mat sech mee och dofir musse méi Ressource mobiliséiert gin, dat heescht och weidert Personal.

Et handelt sech also net just em en eemolegen Investissement, mee ett bedeit och eng dauerhaft finanziell Laascht fier d'Gemeng als Bailleur.

En vue vun deenen Onkäschten, stelle mir eis d'Fro wat sech vun denen Immebules dann als Akommes z'erwaarden ass ?

**11.** Zum Schluss wëll ech nach eemol ënnersträichen, datt d'Demokratesch Partei responsabel matzeschaffe well an déi wichteg Erausfuerderungen, déi virun eiser Gemeng leien, konstruktiv ugoen.

Mir stinn zu Suessem viru substantiellen Erausfuerderungen:

— eng rapid wuessend Bevëlkerung,
— ëmmer méi héich strukturell Personalkäschten,
— e Budget extraordinaire mat engem net négligeabelen Mali,
— an engem Scholdeniveau, deen eis fir d'Zukunft limitéiert.

Gläichzäiteg si mir staark ofhängeg vum Fonds de Dotation Globale des Communes, d.h. vun enger Ressource, déi wuel substantiell ass, mee net onendlech an net garantéiert an hirer Entwécklung.

Dofir bleift et wichteg, datt mir eng kloer, kohärent a mëttel- bis laangfristeg Strategie ausschaffen:

— fir eis Prioritéiten ze definéieren,
— fir eis Depensen an de Grëff ze kréien,
— fir eis Personalkäschten ze stabiliséieren,
— fir eis Recetten intelligent ze diversifizéieren,
— an fir datt mir och an Zukunft kënnen investéieren, ouni de Bierger onnéideg ze belaaschten.

**12.** Mir sinn iwwerzeegt, datt d'Léisung net doran läit, weider ze hoffen, datt d'Dotatiounen automatesch klammen oder datt eis finanziell Situatioun sech vun eleng verbessert.

Ech soen ett nach eng Kéier: Onverhofft kënnt dacks, an dowéinst muss d'Gemeng preparéiert sinn, mat engem Plang A a mat engem Plang B.

**13.** D'DP steet fir eng Politik vun Transparenz, Verantwortung an Nohaltegkeet.

Mir wëllen eng Gemeng, déi finanziell staark bleift, déi hir Servicer um Bierger erhale kann an déi gläichzäiteg Raum fir Entwécklung an Investitioune behält, dëst am Interessi vun eisen Awunner haut an an der Zukunft.

**14.** Ech soen Iech Merci.

*Max LEHNEN*

"

## CSV

Prise de position par Gaston ANEN

Bieles, den 28. November 2025

### "DE BUDGET 2026 – E BUDGET DEE REALISTESCH A RAISONNABEL ASS

De Budget bleiwt an der Kontinuitéit vun deene vun de leschte Jor a grad esou **realistesch a raisonnabel**.

De Budget ass de **Budget vun eiser Koalitioun**, wou souwuel mir, CSV, ewéi och eise Koalitiounspartner, d'LSAP, sech doran erëmfannen.

Ganz pragmatesch ausgedréckt, mussen eis Finanzen am A behale ginn, an zu gläicher Zäit Projete realiséiert ginn, zum Wuel vun eis all.

D'Madamm Buergermeeschtesch Simone Asselborn-Bintz an d'Finanzschäffin, d'Madamm Nathalie Morgenthaler, hunn d'Zuele vun dem Budget 2026 leschte Méindeg präsentéiert.

Ech well hei elo just eng global Approche vun dësem Budget ginn an op e puer Aspekter hiweisen déi eis besonnesch wichteg sinn.

Am Budget 2026, ordinären an extraordinäre Budget zesummegeholl, erwaarde mir Recettë vun 145.417.608,62 € an Ausgabe vun 160.960.119,71 €. Dat maachen an der Previsioun ronn 15,5 Milliounen € manner Einnamen ewéi Ausgaben. Dank dem presuméierte Boni vun de leschte Joren, ronn 28,6 Milliounen € laut dem provisoreschen Decompte vun 2025, gesäit de Bilan besser aus, nämlech **e previsibele Boni vu ronn 13 Milliounen €**.





kk_36_nr01-26.indd 90 13/03/2026 14:51

Wa mir d'Evolutioun vun den Einnamen an den Ausgabe kucke wéi se an de leschte Joren evoluéiert hunn, da wäert et opgrond vu gréisseren Investitiounen an e puer Jore mat grousser Warscheinlechkeet noutwendeg sinn en Emprunt ze maachen. Dëst well vill an d'Schoulinfrastruktur an an d'Gemengeservicer investéiert muss ginn. D'Awunnerzuel geet nach weider an d'Luucht an et ass noutwendeg des Servicer de Besoinen unzepassen. Sou een Emprunt kann och gemaach ginn, **wann e sollt noutwendeg ginn, well den Niveau vun eiser Schold ganz raisonnabel ass**. De Moment (31.12.25) hu mir eng pro Kappverscholdung vun 1.237 €.

Wichteg ass virun allem dat mir bewosst an des Infrastrukturen investéieren an d'Krittären vun der Nohaltegkeet strikt respektéieren.

De gréissten Deel vun den Ausgaben an dem ordinäre Budget ass d'Personal mat 66% oder aneschters ausgedréckt: ronn 77 Milliounen €. Wann d'REWA an den SEA net matgerechent gi bléif et nach eng Zuel vu ronn 36,5 Millioune fir d'Gemengepersonal.

D'Astellunge vun neien Aarbechter a Beamten ass realistesch a vertrietbar mat 17,2 ETP. Den Detail vun de Posten ass e Méindeg virgestallt ginn.



De Budget ass jo präsentéiert ginn a kann nogelies ginn. Mir wäerten e puer Aspekter vun dësem Budget beliichten. Dëst heescht net dass d'Punkten déi just beréiert ginn net wichteg wiere mee eng net exhaustiv Präsentatioun ass méi digeste. Ech wäert och tëscht dem ordinärem an extraordinärem Deel hin an hier goen.

Bei de Schoulen si ronn 7 Milliounen € am Extraordinär virgesinn a ronn 7,7 Milliounen € am Ordinären. Ech ënnersträichen hei just en Deel heivun an zwar d'Käschten déi d'Infrastrukture betreffen, d'Vergréisserungen an déi noutwendeg Renovatiounen: d'Schoul Zolwer-Center: 2.000.000 €; de Schoulkomplex Roude Wee: 500.000 €; de Schoulhaff zu Suessem: 400.000 €; d'Modulstruktur zu Suessem: 600.000 €; d'Modulstruktur zu Bieles: 3.000.000 €. Fir d'SEA an d'Foyers scolaires zu Suessem sti 5.000.000 € am Budget.

Am Kapitel „précarité sociale" fanne mir am ganzen Depensë vu ronn 5 Milliounen €. E puer Zuelen: d'Gebai wou d'Epicerie dran ass: 900.000 €; Renovatioun vun engem Haus an der Éilerenger Strooss zu Zolwer: 700.000 €; 800.000 € fir den Office social; Equipementer fir den Office Social an hir nei Büroen: 145.000 €; mat 400.000 € gëtt de CIGL ënnerstëtzt.

E puer Punkten déi d'Protektioun vun der Natur betreffen: d'hydrologesch an hydraulesch Verbesserunge vun der Rouerbach an der d'Helljebach zu Suessem fir 800.000 €; d'Renaturatioun vun der Rouerbach nieft der Schoul zu Suessem: 30.000 €; Planzen vun neie Beem am Park „um Belval": 60.000 €. D'Begringung vun der Avenue 2000, wou de Staat fir ronn d'Hallschent vun de Käschten opkennt (Maximum: 423.000 €).

Bei de Kierfechten sinn et e.a. follgend Aarbechten: zu Zolwer gëtt de Kierfecht vergréissert fir 230.000€; zu Bieles ginn d'Weeër an d'Rei gesat, 830.000 €; zu Suessem ginn d'Mauere ronderëm dem Kierfecht sanéiert an zu Éilereng d'Iwwerdaache vun de Kolombarien an d'Rei gesat.

Sport a Kultur bleiwen, wéi déi vergaange Joer, groussgeschriwwen, wat d'Zuele vun den Ausgaben och weisen. Extraordinären an ordinäre Budget zesumme belafen sech op opgeronnt 5 Milliounen € fir de Sport respektiv 2,6 Milliounen € fir d'Kultur. E puer Beispiller beim Sport: Bau un enger neier Buvette um Bielesser Fussballsterrain, 900.000 €; Erneieren vun der Beliichtung um Éilerenger Terrain, 70.000 €; Reamenagement vum Sportsterrain hannert der Schoul 2000, 250.000 €; Erneieren a Ersetze vu Sportsmateriel am Athletikuss, 45.000 €; d'ordinär Subside fir d'Sportveräiner belafe sech op 125.000 €. Och e puer Beispiller bei der Kultur: Assainissement vun der Fassade beim Kulturschapp zu Éilereng, 110.000 €; Bannenariichtung an der fréierer Kierch am Metzerlach,



kk_36_nr01-26.indd 91 13/03/2026 14:51

300.000 €; Bau vun engem Gebai zu Éilereng, wou och e Musikssall dra kennt, 400.000 €; Deelerneierung vun der Beliichtung vun der Bün am Artikuss, 125.000 €.

Mir wëllen eis e bëssche méi ausféierlech mat dem Waasser, Ofwaasser an dem Offall beschäftegen.

Beim Waasser huet d'Gemeng am ganze Recette vu ronn 4.3 Milliounen € (ordinär an extraordinär zesummen). Dem géint iwwer sti ronn 6,2 Milliounen € Ausgaben (hei och ordinär an extraordinär).

Beim Ofwaasser sinn am ordinäre Budget d'Ausgaben an d'Einnamen op engem Niveau: 2.952.500 € Käschte géint 2.730.000 € Recetten.

Bei den extraordinären Ausgabe läit d'Lat méi héich: 4.747.905 €. Vill Aarbechten si geplangt, dorënner vill Kanalisatiounsaarbechten an de Stroossen. Eng kuerz Opzielung: d'Déifferdengerstrooss zu Zolwer (250.000 €); d'route d'Esch zu Bieles – 1. Phase – (50.000 €); d'Cité Grand-Duc Jean zu Bieles (140.000€); d'rue du Brill zu Bieles (175.000 €); verschidde Kanalisatiounsaarbechten an der Nidderkuererstrooss zu Suessem (400.000 €); hannert der cité Tornaco (250.000 €); Kanalisatiounsaarbechten am Kader vun der Begringung vun der Avenue 2000 (175.500 €); Kanalisatioun an der Zolwerstrooss zu Bieles (400.000 €). An dann natierlech d'Fraise fir d'Kläranlagen: SIACH, 500.000 €; SIVEC, 306.000 €.

Am Total sinn dat beim Ofwaasser ronn 7,7 Milliounen € minus d'Recetten, bleiwe ronn Käschte vu 4,8 Milliounen €.

Beim Offall si Recettë vu ronn 2,2 Milliounen € an Ausgaben am Ordinär fir 2,9 Milliounen €.

Wa mir elo kucke wat mir fir d'Eliminatioun vum Offall bezuelen sou bezuele mir fir de Fonctionnement an d'Bearbechtung vun dem Biooffall beim Minettkompost 90.000 €, beim Sidor fir d'Eliminatioun vum Offall 210.000 € a beim Sivec fir de Recyclage 706.000 €, d'Fraise fir den Offall ze sammele leie bei 850.000 € dat mécht en Total vu ronn 1,8 Milliounen €. Ech mengen et ass interessant sech dëse Käschte bewosst ze sinn. An anere Wieder, ouni emol vu „zéro déchets" ze schwätzen, wier eng Campagne fir dat mir all z.B. 10-20% manner Offall maachen, e Schrëtt an déi richteg Richtung. Am Interessi vun der Ëmwelt an och vu jidderengem sengem Portmonnie. Am Kader vum Klimapakt kennt dat eng Campagne si fir eis ze weisen dat bewosst handelen eppes bréngt. Konkret a mesuréiert Schrëtt weise bréngt vläicht méi ewéi Zieler ze weisen déi vill Leit als onerreechbar ugesinn a Bequeemlechkeet a Konformismus maachen dobäi de Rescht.

A wann ech mer Zäit mat dëse Rubricke geholl hunn, dann ass dat och fir eis och d'Envergure ze weisen dat des 3 Rubricken zesumme 16,8 Milliounen € un Ausgaben ausmaachen, dat sinn 10% vun de Gesamtausgaben.

Am Logement gëtt d'Politik vun de leschte Jore weidergefouert. Mir weise just kuerz op de Belval Nord hi wou d'Gebaier, e.a. dat wou Plaze fir Dokteren, e multikulturelle Sall an den Office Social wäerten ënnerbruecht ginn, Enn 2026, Ufank 2027 fäerdeg wäerte sinn.

Weider kenne mir verweisen op déi gutt Servicer déi mir hunn, wéi: d'REWA, de Service Senior +, Repas sur roues, den SEA, d'Jugendhaiser, den Office Social… Leit, déi geflücht si aus hirem Land a bei eis ënnerbruecht si, si wëllkomm.

An der Mobilitéit weise mir als Beispiller op d'Bedeelegung un de Käschte vun dem Vëloswee dee laanscht den ZARE gebaut gëtt: 90.000 € an d'Amenagementer an de Bau vun engem Vëloswee laanscht d'Escherstrooss zu Éilereng fir: 250.000 €. E Parkhaus, och accessibel fir Campingcaren, wäert an der Entrée vu Bieles gebaut ginn: eng éischt 100.000 € sinn dëst Joer virgesinn. De Reamenagement vun dem Parking nieft der Schoul Bieles-Post ass mat 350.000 € uginn. Fir d'Erneieren an d'Amenagéiere vun eise Stroossen, verdeelt iwwer d'ganz Gemeng sinn am Extraordinär ronn 4,7 Millioune virgesinn.

Wéi am Ufank vun dëser Ried ënnerstrach ass dëse **Budget realistesch a raisonnabel. An der Kontinuitéit an an der Rumm vun eise finanzielle Méiglechkeeten**. Dofir stëmme mir als CSV dëse Budget.

Ech well net vergiessen och de Leit, aus dësem Haus, déi un dem Budget geschafft hunn, besonnesch natierlech dem Service Financier, Merci soe fir déi geleeschten Aarbecht.

Merci fir d'Nolauschteren.

*Gaston Anen*

"



kk_36_nr01-26.indd 92 13/03/2026 14:51



## LSAP

Prise de position par Marc HAAS

Bieles, den 28. November 2025

"Budgetsried zum Budget vum Joer 2026

Mme Buergermeeschtesch, léif Kolleeginnen a Kolleegen, léif Leit vun der Press, léif Matbiergerinnen a Matbierger,

D'Joer 2026 wäert wuel dat Joer ginn, wou mär als Gemeng eisen 20 dausendsten Awunner wäerte feiere kënnen. Dëst ass e Meilestee fir Suessem, dee weist wéi séier mär wuessen, bedenkt een datt mär 2005 d'Barrière vu 14.000 Awunner mol nach net erreecht haten. Mee den 20 dausendsten Awunner weist awer och mat wat fir groussen Erausfuerderungen eis Gemeng den Ament mee virun allem an deenen nächste Joren ze di wäert kréien an dëst net nëmmen um Plang vun de Schoulen an Infrastrukturen. Och eist Gemengepersonal muss dës Populatioun stämmen, an Demandë vun eise Bierger probéieren z'erfëllen.

Wéi ech wärend de Preparatioune fir dës Ried op déi lescht Joren zeréckgekuckt hunn, ass mär direkt opgefall, wéi séier mär gewuess sinn – mee och, wéi konsequent mär eise Wäerter trei bliwwe sinn: mat Bedacht, Verantwortung, a Kloerheet an de Prioritéiten.

Wärend mär 2024 iwwerrascht goufe vu Mehreinnahmen am Ordinairen Beräich an et do zu ronn 17 Milliounen Iwwerschoss am Rectifie koum duerch en Zouwuess vun den ordinaire Recettë vun 10 Milliounen, koum et dëst Joer am Rectifié net zu sou enger grousser Hausse vu Recetten dofir awer zu enger Baisse bei den Ordinairen Ausgaben duerch Stroum-

a Gaspräisser, déi net sou héich ausgefall sinn wéi prognostizéiert. Mär haten d'leschte Joer e Budget gestëmmt bei deem mär zum Schluss vun dësem Joer just nach 562.000€ um Konto gehat hätten. Mee sou koum et awer net. D'Joer 24 goung mat engem nach gréissere Plus op en Enn. An an dësem Joer koumen, nierwt de grad ugeschwate Variatiounen am Ordinaire vu méi Recetten a manner Ausgaben duerch Stroum a Gas, och sou munch Projete leider net sou viru wéi geduet, wat de Bilan um Enn vum Joer mat engem Boni vun 28 Millioune wesentlech besser ausgesi léisst wéi nach 24 geduecht. Fir d'Joer 2026 gi vill vun dëse Projete weider ëmgesat e puer wichteg nei Projete komme bäi. Duerch e méi héijen Iwwerschoss aus dem Ordinairen Deel deen sech fir d'Joer aller Viraussiicht no op Ronn 15,5 Millioune chiffréiere wäert, komme mär trotz engem Defizit am Extraordinären Deel op e berouegend Resultat vun e bëssi méi wéi 13 Milliounen un Avoir zum Schluss vum Joer 2026. Mär brauchen also och d'nächst Joer keen Emprunt ze zéien. Sou datt eis Scholde weider erofgoe wäerten.

Eppes wat eis säit Jore beschäftegt an dat ëmmer méi däitlech gëtt: d'Personalkäschte klamme méi séier wéi d'Recetten aus FDGC an ICC. Vun 72,9 op 76,7 Milliounen – eng Hausse vun 3,8 Milliounen Euro. Eng Dynamik, op déi mer nëmme begrenzt Afloss hunn, well national Decisiounen hei matspillen. Awer ech wëll et kloer soen: mär als LSAP stinn dozou, datt eng Gemeng vun eiser Gréisst dat néidegt Personal brauch. 943 Leit, respektiv 795 ETP, schaffe fir eis Gemeng, mee all eenzelnen ass néideg fir dës zu deem ze maache wat se ass. All Déngscht, all Ufro, all Service un de Bierger gëtt vun dëse Leit gedroen. Eng modern Gemeng brauch eng modern Administratioun, a mär hunn an de leschte Joren och vill investéiert fir do mam Tempo vun den Erausfuerderunge matzegoen. Verschidde Servicer goufen opgestockt,

anerer héichgehale fir datt de Service um Bierger qualitativ deem entsprëcht wat een sech vun der 6. gréisster Gemeng aus dem Land erwaarde kann.

Mär hunn, dat wëssen déi meescht vun Iech, an de leschte Joerzéngten intensiv an d'Infrastrukture vun eiser Gemeng investéiert. Mär stinn do, wou mär stinn, well dës Decisioune konsequent geholl goufen. Mee och wa mär haut gutt do stinn, ass et net de Moment fir "nice to have"-Projeten. Et si

vill ze vill grouss a fundamental Projeten, déi op eis waarden: d'Renovatioun vu Schoule wéi Zolwer Zenter a Bieles Post stinn un, nei Schoulstrukture mussen hier, eng nei Sportshal an eng Schwemm ginn dréngend gebraucht, ass d'Situatioun dach esou datt net méi all eis Schoulklassen an d'Schwemm kënne goen, de Service Technique muss relogéiert ginn, an an e puer Joer steet och d'Erweiderung vum Haaptgemengegebai un.

D'Industriezon op Aessen soll entstoen. Schued datt mär do den Ament duerch Komplikatiounen bei Proprietairen bei der Ëmsetzung ausgebremst ginn. Eng Zon déi eis attraktiv fir Betriber géif maachen, Genausou wéi iergendwann eng Kéier de Crassier Eilereng. Et brauch ee jo hei eigentlech net z'erklären datt weider Betriber net nëmme méi Recettë mee virun allem och méi berufflech Perspektive fir eis BiergerInnen bedeiten. De Belval Sud gouf nach eng kéier méi klimafrëndlech emgeplangt a gëtt op d'Tram 2035 virbereet. Eis Gemeng plangt all dës Projete mat Bedacht a Wäitsiicht. Aus deem Grond gesäit dëse Budget eebe manner spektakulär a glanzvoll aus, wat nei Projeten am ausseruerdentlechen Deel ugeet, mee och dat muss een dem Schäfferot unerkennen. Hei gëtt keng Politik bedriwwe fir just eppes Virweise ze hunn, mee déi wichtegst Prioritéite gi stäteg weidergedriwwen.

An hei komme mer zu engem Prinzip, dat mär als LSAP-CSV-Majoritéit wichteg fannen: eng Gemeng muss Projeten erméiglechen – si muss se net ëmmer selwer maachen. Beim Ausbau vun de Solaranlagen hu mär dat bewisen: mär hunn eis Diecher u Sudenergie fräiginn, déi dës effizient exploitéieren, a mär profitéieren dovunner. D'Gemeng muss net ëmmer Protagonist sinn; wichteg ass, datt d'Geschicht virugeet.

Eng vun de gréissten Erausfuerderunge vun eiser Zäit ass ouni Zweiwel de Logement. D'Situatioun ass fir vill Leit erdréckend. Besonnesch jonk Familljen, jonk Erwuessener, eleng Erzéiend an déi sougenannte Working Poors, fanne kaum nach eng Wunneng a froen sech, ob se iwwerhaapt nach eppes hei an der Gemeng, geschweige am Land fannen.

Mär kënnen als Gemeng d'Spillreegele vum nationale Marché net komplett änneren, mee mär iwwerhuelen eis Verantwortung a kënnen d'Instrumenter wéi beispillsweis de Pacte Logement 2.0 notzen, fir méi gezielte sozial orientéierte Wunnengsbau ze kreéieren. Dëst natierlech zu engem Deel a Kooperatioun mat SNHBM oder Fonds du Logement. E weideren Impuls dee mär setze wäerten, huet eis d'Madame Buerger-meeschtesch de Méinde kuerz beschriwwen. Mär hunn e Plang fir onbebauten Terrains, déi an eiser Hand sinn, an de nächste Joren ze bebauen. Esou hoffe mer datt d'Méiglechkeet hei an der Gemeng wunnen ze bleiwe rëm méi accessibel gëtt.

A fir datt de Wuesstem net zu Chaos féiert, musse mär och eise gréisste gefillte Problem am Alldag ugräifen: den Trafic. Et ass e Problem, deen zu ëmmer méi Diskussiounen an der Gemeng féiert. Mär hunn an eisen Duerfkären eng Entwécklung, déi ëmmer méi an eng falsch Richtung leeft. Mär mussen den Duerchgangsverkéier an domat zesummenhängend Iwwerbelaaschtung mee och Onsécherheet fir Foussgänger a Vëlosfuerer ugoen.

Dofir ass et kloer: Mär berouegen eis Stroossen a mussen dëst an Zukunft nach méi resolut maachen. Mär loossen eis an dësem Dossier vun engem externe Bureau begleeden a mär hunn a sou munche Workshops scho Pisten ausgeschafft, déi nach ëmmer drop waarden ëmgesat ze ginn. Eist Vëlosnetz kéint nach besser sinn, eis Duerfzentre misste méi entlaascht ginn. Alles Ëmstrukturéierungen déi een net sou einfach ëmsetze kann, well d'Gemeng Suessem ass keng Insel op der Landkaart. Aus deem Grond schaffe mer och am Kordall regional mat eise Nopeschgemengen zesummen dorun. Mee mär setzen elo scho weider Impulser. D'Zonen 30 kënnt och elo virun d'Bielesser Schoul, d'Vëlosverbindung tëscht Éilereng a Bieles mat Verbindung zum Boulodrome wäert ëmgesat ginn. Dëst muss an de nächste Jore weiderhin eng Prioritéit bleiwen.

Ech wëll dës Budgetsried awer mat enger Demande un de Schäfferot ofschléissen. Wärend a ville Situatioune Bierger-bedeelegung net ëmmer einfach ass, an där a verschiddene Situatiounen och probéiert d'Bierger bei Projete mat an d'Boot ze kréien, an dëst leider oft net genuch Uklang fënnt, wënsche mär eis, datt 2026 de partizipative Budget vläit wierklech zum Droe kënnt an och, datt iwwert eng Méiglechkeet nogeduecht sollt ginn, wéi een déi onpolitesch Bierger méi un den Dësch kritt fir datt d'Bierger selwer hier Gemeng kënne matplangen. (Zum Beispill a Form vun engem Biergerrot)

Léif Kolleeginnen a Kolleegen, dësen neie Budget ass net just eng technesch Zesummestellung vu Kolonnen a Zuelen. Hie steet fir eng politesch Linn, déi mär als Majoritéit kloer vertrieden: e staarke Service public, e sozial verant-wortleche Logement, eng modern an effizient Infrastruktur, eng wirtschaftlech Perspektiv fir d'Mënschen hei am Land – an eng Gemeng déi mat der Zäit geet, an hier net hannendru leeft.

Mär wësse ganz gutt, datt eis Entscheedungen net ëmmer déi einfachst sinn, mee se sinn néideg. D'Awunner vun eiser Gemeng, vu jonk bis al, si vertrauen eis all Dag un, datt mär hir Liewensqualitéit net nëmmen erhale mee verbesseren. A fir datt dat geléngt, brauche mär e Budget mat Visioun, mat Struktur, deen de Maximum eraushëlt ouni d'zukünfteg Generatiounen onnéideg ze belaaschten.

Mär hunn d'lescht Joer gesot, datt d'Schoul, d'Kannerbetreiung an d'Erausfuerderunge vu muer am Mëttelpunkt stinn.
Ech kann haut soen: Dat bleift et och. Mär wëllen der nächster



kk_36_nr01-26.indd 94 13/03/2026 14:51

Generatioun eng Gemeng iwwerloossen, an där se gäre lieft – mat bezuelbare Wunnengen, rouege Quartieren, engem nohaltege Mobilitéitssystem, enger staarker wirtschaftlecher Basis an engem politesche Wëllen, deen net bei de schwierege Froen abrécht.

Ech sinn dovun iwwerzeegt, datt dëse Budget d'Leit vun eiser Gemeng virubréngt – net nëmmen op Pabeier, mee an hirem Alldag. An dat ass schliisslech dat, firwat mär hei sinn: fir Politik ze maachen, déi de Bierger eppes bréngt an zwar elo.

Ech wéilt ofschléissend wéi all meng Virriedner et och scho gemaach hunn, all de Servicer, hire Responsabelen déi dëse Budget mat virbereed hunn, a besonnesch dem Manon Greven, Fabio Vispi a Mathias Jänisch Merci soen fir hieren Asaz.

D'LSAP wäert, wéi där äech et schon denke kënnt, dëse Budget matstëmmen – fir eng Gemeng déi sozial ass, oppe fir d'Zukunft an ëmmer am Déngscht vun de Leit.

Villmools Merci.

"

## HAUSHALTSREDEN: REAKTIONEN DES SCHÖFF·INNENRATS

Nach den Haushaltsreden dankte Bürgermeisterin Simone Asselborn-Bintz (LSAP) allen Parteien für die konstruktive Kritik und den fairen Umgangston. Jede Fraktion verfolge legitim ihre Prioritäten, was den Austausch bereichere.

Zur Kritik von déi gréng bezüglich der Begrünung der Avenue 2000 erklärte sie, dass weder interne Dienststellen noch andere Stellen den Schöff·innenrat zu einem Eingreifen gedrängt hätten. Eine Studie zur Überhitzung habe dortiges Handeln bestätigt, und das staatliche Projekt passe hervorragend dazu. Bei energetischen Renovierungen teile sie die Sorge um das Tempo, nannte jedoch die laufende Instandsetzung der Eis Epicerie in Zolver als positives Beispiel. Beim Masterplan Bildung hob sie hervor, dass es sich um ein sich ständig weiterentwickelndes und dynamisches Vorhaben handele, das sich flexibel an die sich ändernden Rahmenbedingungen anpasse und in engem Austausch mit dem Lehrpersonal stehe, um bestmögliche Lösungen für die Bildungsinfrastruktur zu finden.

In Reaktion auf die Beiträge von déi Lénk gestand die Bürgermeisterin ein, dass manche Themen seit Jahren wiederkehren, bedankte sich für das kleine Lob für den bisher geschaffenen erschwinglichen Wohnraum und kündigte weitere Investitionen an. Gleiches gelte für den Ausbau kommunaler Kindertagesstätten. Für das *Budget participatif* räumte sie Verzögerungen ein, die auf einen personellen Wechsel in der zuständigen Dienststelle zurückzuführen seien. Für das Jahr 2026 kündigte sie jedoch konkrete Aktionen in diesem Bereich an, basierend auf Erkenntnissen aus Best-Practice-Beispielen anderer Gemeinden wie z.B. Düdelingen.

## BILDUNGSSTRUKTUREN UND VERSCHULDUNG

Zur Rede der ADR äußerte Simone Asselborn-Bintz (LSAP) den Wunsch nach konkreten Vorschlägen zur gezielten Steuerung des Wachstums und eröffnete den Dialog für Ideen. Verfehlungen bei öffentlichen Ausschreibungen wolle man proaktiv minimieren oder ganz ausschließen; daher habe man sich bereits mit dem Innenministerium abgestimmt. Den Vorwurf überlasteter Schulstrukturen wies sie entschlossen zurück, da die Auslastung lediglich auf einzelne Gebäude begrenzt sei und keine flächendeckende Problematik in der Gemeinde bestehe.

Auch die Anregungen der DP nahm die LSAP-Bürgermeisterin dankbar an und sicherte zu, dass der Schöff·innenrat offen für neue Impulse sei und aus Erfahrungen lerne. Die Pro-Kopf-Verschuldung der Gemeinde bleibe trotz signifikanter Investitionen – unter anderem für das Centre pour le développement intellectuel (CDI) auf Belval, dessen Kosten der Staat vollständig erstattet – sehr moderat. National liege die Gemeinde Sanem auf Platz 50 hinsichtlich der Verschuldung, und die jährlichen Tilgungsraten lägen unter zwei Prozent, was als exzellenter Wert zu bewerten sei. Steigende Personalkosten würden kontinuierlich überwacht, wobei man auf Expertenmeinungen und Audits zurückgreifen werde, um die finanzielle Stabilität und Handlungsfähigkeit auch langfristig zu sichern.

Audiodatei der Gemeinderatssitzung
WWW.SUESSEM.LU/LB/SEANCE-YEAR/2025



kk_36_nr01-26.indd 95 13/03/2026 14:51




# FREE DAY. FREE PLAY.

**Gratis Aktivitéite fir d'ganz Famill.**
**Activités gratuites pour toute la famille.**

GRATIS PARKING!

GEMENG SUESSEM

SAN' UP